Conseil communal

Séance publique du 24 septembre 2010

Durée de la séance: *9.30 à 12.10 heures*

Présents:	
Roland Breyer, échevin (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	
John Polfer, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
	Albert Muller, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (9.30 heures)

1. Personnel
   - 1.1. Nomination d'un rédacteur (m/f) - décision.
   - 1.2. Délibérations complétées - informations.
2. Prévisions sociales: Nomination d'un assistant social (m/f) à tâche partielle - décision.
3. Enseignement musical
   - 3.1. Démission volontaire d'un chargé de cours (m/f) - information.
   - 3.2. Nomination d'un chargé de cours (m/f) de hautbois - décision.

Séance publique (10.00 heures)

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
   - 5.1. Budget ordinaire de l'exercice 2010: première modification des recettes et des dépenses - décision.
   - 5.2. Titres de recettes - approbation.
   - 5.3. Compte administratif de l'exercice 2008 - approbation.
   - 5.4. Compte de gestion de l'exercice 2008 - approbation.
   - 5.5. Bouclage du réseau de l'eau potable dans le chemin piétonnier « Schwaarze Wee » à Pétange - approbation du décompte.
   - 5.6. Renouvellement des infrastructures routières dans la rue d'Athus à Pétange - approbation du décompte.
   - 5.7. Installation d'un système de détection d'incendie et d'intrusion au Centre de Secours de la Protection Civile à Pétange - approbation du décompte.
   - 5.8. Installation d'un système de détection d'incendie à l'ancien bâtiment des Sapeurs Pompiers à Pétange - approbation du décompte.
   - 5.9. Installation d'un système de détection d'incendie à la Maison des Jeunes à Rodange - approbation du décompte.
   - 5.10. Réfection de la façade du Centre Culturel à Rodange - approbation du décompte.
   - 5.11. Remplacement de la chaudière de l'Eglise de Rodange - approbation du décompte.
   - 5.12. Remise en peinture de l'Eglise de Pétange - approbation du décompte.
   - 5.13. Aménagement d'un terrain de football synthétique à Rodange - vote d'un crédit supplémentaire - décision.
   - 5.14. Convention avec la société Panelux S.A. pour l'installation d'un pavillon de vente à Pétange - approbation.

6. Prévisions sociales: Aide aux sinistrés - subvention aux victimes des inondations au Pakistan - décision.
7. Industrie: Aménagement d'une zone d'activité régionale dans la zone nationale du Pôle Européen de Développement: vote d'un crédit spécial pour études - décision.
8. Vie associative: « Vespa Club69 Minette » - changement des statuts.
9. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Personnel:

Nomination d'un rédacteur (m/f) - décision.

Mme Patricia Majoie est nommée au poste de rédacteur.

Nomination d'un assistant social (m/f) à tâche partielle - décision.

Mme Jessica Schmitz est nommée au poste d'assistante sociale à tâche partielle

Nomination d'un chargé de cours (m/f) de hautbois à l'Ecole de Musique - décision.

M. Thomas Dewez est nommé au poste de chargé de cours de hautbois à l'Ecole de Musique

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Gilbert Welter, Schäffen:

De Summer ass eriwwer, an esou wéi d'lescht Joer wollte mer iech e Bilan maachen iwwer d'Rodanger Schwämm, an zwar iwwer d'Period vum 1. Mee bis den 14. September 2010. An zwar wollt ech iech d'Chiffere fir déi Zäit am Verglach mat deene leschten 2 Joer ginn.

Ech wollt virausschécken, datt mer dëst Joer e ganz schlechte Mount August a September haten. De Juni a Juli ware besser wéi dat leschte Joer, an dat schléit sech och an de Chifferen erëm.

Wat den Daach betrëfft, deen opgemaach ginn ass, esou hate mer 2008 den Daach 39 Deeg op, am Joer 2009 waren et 53 Deeg an dëst Joer 40 Deeg.

Beim Total vun de Visiteuren hate mer 2008 – wuel gemierkt ëmmer nëmmen an der Summerperiod – 79.013, 2009 85.396 an 2010 73.956 Visiteuren.

Mir haten och Spëtzendeeg, an dat ware fir 2009 den 20. August mat 2.189 Entréeën an am Joer 2010 den 11. Juli mat 2.476 Leit an der Schwämm. Dat ass awer iwwer de ganzen Dag, wuel verstanen.

Wat d'Recetten ubelaangt, esou muss een dovunner ausgoen, datt an den Entréeë regelméisseg 10% iwwer Bancomat bezuelt gëtt. 2008 hate mer eng Gesamtrecette während de Summerméint vun 226.422 Euro, 2009 waren et 244.024 Euro an 2010 koume fir déi Zäit 203.750 Euro eran.

De Comptoir als Solchen huet 2008 an der Summerperiod 54.845 Euro, 2009 68.626 Euro an 2010 51.645 Euro erabruecht.

Wann een dat dann elo alles zesummerechent, an et hëlt een och nach d'Gedrénksautomaten dobäi, déi Nettorecette fir d'Gemeng, d'Entréeën plus de Comptoir, dann hate mer 2008 eng Gesamtrecette vun 296.820 Euro, 2009 eng Recette vun 322.343 Euro an 2010 waren et 263.402,35 Euro.

Wann ech d'Differenz tëscht 2009 an 2010 huelen, dann hu mer e Mali vun 58.900 Euro. Mä alleng am August hate mer e Mali vun 68.413 Euro. Dat heescht, d'Méint Juni a Juli ware besser ausgefall wéi 2009. Par contre den August 2010 ass méi schlecht ausgefall wéi dee vun 2009.

Wéi gesot, si mer ganz ofhängeg vum Wieder a wann den August gutt ass, da spillt dat sech och an der Recette erëm.

5.1.

Administration générale.

Budget ordinaire de l'exercice 2010: 1re modification des recettes et des dépenses – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Hierscht kënnt ëmmer eng '1re modification des recettes et dépenses'. Dat ass bei eis an der leschter Zäit ëmmer eng 'première' an eng 'dernière' gewiescht, well duerno ass am Prinzip ni méi eppes nokomm. Aus den Ënnerlage kënnt der eng Rei vu Modifikatiounen erausgesinn, déi mer gemaach hunn. Et sinn der net ganz vill an et geet alles op eng Säit.

Et sinn ‚recettes en plus / dépenses en moins' vun 281.847 Euro, 'dépenses en plus / recettes en moins' vun 169.949,01 Euro, wat dann e positive Sold vun 111.897,99 Euro ausmécht.

D'Ursaache sinn – an dat gesitt der an ären Ënnerlagen – engersäits d'Schoulpersonal. Do hu mer den definitive Sold vun 2007 kritt. Dir wësst, datt mer do ëmmer – wat d'Paien ubelaangt – een Drëttel als Avance bezuelen an e puer Joer duerno gëtt dann ofgerechent. Et gouf elo definitif d'Joer 2007 ofgerechent an et huet sech erausgestallt, datt mer dat Joer 216.770,06 Euro an däer Avance zevill bezuelt haten. An déi Suen hu mer dann elo erëmbezuelt kritt. Am Punkt 5.2. vun der Dagesuerdnung steet dat och nach eng Kéier als 'titre de recettes' mat dran.

Op der anerer Säit – wann ee bezilt – hu mer ëmmer eng Zomm dragesat. Mir haten 3,6 Milliounen Euro dragesat fir d'Avancen ze bezuele vum leschte Joer, an déi mer dann am Februar/Mäerz bezuelt kritt hunn. Et waren awer 3.664.958,07 Euro, dat heescht 64.958,07 Euro méi wéi elo definitiv ass. Et ass ganz schwéier vun eiser Säit aus fir am Fong ze schätzen. Well et ass eng Virwëtztut, a mer kréien dat eng Kéier matgedeelt an da gëtt eis dat vum Impôt commercial, respektiv vun der Dotation de l'Etat zeréckgehalen.

Dir gesitt och, datt mer eng Méidépense an eng Méirecette – well dat sin déi Suen, déi mer vum Stat kréie fir eisen Office social – hate vun 58.762,94 Euro. Mir haten do 390.000 Euro an de Budget gesat als Recetten an als Dépensen. Elo sinn et der awer 448.792,94 Euro déi mer vum Stat krute fir un eisen Office social weiderzeginn. Doduerch hu mer, esouwuel bei de Recette wéi och bei den Ausgaben, déi Chifferen adaptéiert, mä op de Sold huet et keng Influenz.

Dee leschte gréissere Betrag, deen ech wollt nach ernimmen ass, datt mer de Betrag fir de Supplément de rente, allocation de vie chère, asw. zolitt erop-

gesat haten, well mer jo och gesot haten, datt mer eng Subventioun fir de Waasserpräis géife gi wa Leit schlecht dru sinn. Well de Waasserpräis hate mer jo op Gronn vun enger europäescher Directive eropgesat, an op der anerer Säit hu mer gesot, datt – fir déi Leit, déi méi schlecht dru sinn – d'Gemeng en Deel vun deene Fraise géif iwwerhuelen. Mir haten dofir 250.000 Euro an de Budget gesat, hunn awer 13.698 Euro weider gebraucht, an déi Zomm musse mer nostëmmen.

Accord par 10 voix (CSV, DP, Déi Gréng, M. Brecht – LSAP) et 3 abstentions (MM Klein, Linden et Pierre – LSAP).

Roger Klein (LSAP):

Eis Enthalung huet näischt domatter ze dinn, datt mer déi Chifferen do net richteg fannen, mä mir haten eis och beim Gesamtbudget enthalen. Dofir enthale mer eis och bei dëser Modification budgétaire.

5.2.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 400.151,11 euros – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei den 'titres de recettes' gesitt der, datt mer de Rescht vum Subsid vum 'renouvellement de l'éclairage au terrain Jos. Philippart' zeréckkritt hunn. Dat sinn 16.250 Euro, esou datt mer domatter de Subside komplett vum Sportsministère iwwerwise kritt hunn.

Dir gesitt och, datt mer de ‚remboursement par l'Etat de la participation aux traitements du personnel enseignant', dee mer 2007 zevill bezuelt haten op Gronn vun enger Demande vum Stat, zeréck kruten. Dat sinn 216.770,06 Euro.

Donieft sinn nach eng Rei aner kleng Recetten hei opgelëscht, esou datt mer am Total 400.151,11 Euro u Recetten dem Gemengerot zum Vote virleeë wëllen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech hätt eng Fro zu de Recetten 23 an 24 (remboursement par la mutualité des employeurs des indemnités pécuniaires de maladie). Fir wéivill Méint ass dat?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass fir all kéiers ee Mount.

Camille Bosseler (CSV):

Dat ass awer trotzdem e schéine Montant vun 42.421 Euro. Dat si vill Leit, déi krank sinn. Dat hunn ech och gemierkt bei der Presentatioun, déi mer déi leschte Kéier virgestallt kritt hunn. Do konnt een och gesinn, datt awer vill Leit krank sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

A mat deem Wieder hei gëtt et net besser.

Camille Bosseler (CSV):

Dat stëmmt. Well dat hei war fir déi gutt Period. Déi schlecht steet nach virun der Dir.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss een awer och dozou soen, datt mer eng Rei Leit hunn, déi e längere Krankeschäin hunn. An däer brauch een der net ganz vill fir op 11.000 Euro ze kommen. Wann een do e ganze Mount feelt, da brauch een der net ganz vill ze hu fir dee Montant do erëmzekréien. An et muss een och soen, datt hei elo neierdéngs net nëmmen eis Aarbechter, mä all eis Salariéen, dorënner falen. Dat sinn och zum Beispill déi Leit, déi an der Maison Relais schaffen. Et sinn dat all déi Leit, déi net Fonctionnaire sinn, an dat sinn eng Ronn 250 Leit. Esou datt dat dee Chiffer awer net esou schrecklech héich ass.

Camille Bosseler (CSV):

An der Presentatioun konnt een awer gesinn, datt a verschiddene Betriber d'Krankmeldunge bis zu 10 % ausmaachen. Den Absentéismus ass awer trotzdem héich.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn déi Saach jo eng Kéier ventiléiert, well mer wollten e Suivi dovunner hunn. Mir hunn a verschiddene Betriber méi Krankmeldunge wéi an aneren. An dat ass haaptsächlech an eisem Botzbetrib, wou deen héchsten Taux ass. Et sinn eng Rei vu Persounen an deem Service, déi eng länger Zäit scho krank sinn. Doduerch geet deen Taux effektiv an d'Luucht. A wann een déi 3 Leit géif eraushuelen, Da géif deen Taux vun 11% op 6 oder 7% falen.

Et ass eng sensibel Saach. Et si Leit, déi effektiv vill krank sinn. Mir hunn der och, déi scho laang bei eis schaffen, an déi einfach mam Réck geplot sinn. Mir hunn der dauernd, déi mer bei den Dokter schécken. Mir hunn elo scho praktesch de Problem, datt se – esoubal se agestallt sinn - scho krank sinn. Een Dag geschafft, da si se schonn drun. Mir suivéieren dat awer.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wëll elo net falsch verstane ginn, datt ech eppes géint Leit hätt, déi krank gemellt sinn. Ganz a guer net. Mä trotzdem muss een heiansdo awer e wéineg op de Fong goe fir ze kucken.

Wéi ass et dann op der anerer Säit mat den Iwwerstonnen?

Roland Breyer, Schäffen:

Däer si bal keng méi do. Déi hu mer am Grëff. D'Iwwerstonne ginn alleguerte kontrolléiert. A wa se net ugefrot sinn, da gi se verworf. Esou datt keen Abus méi do ass. Mir hu just déi Iwwerstonnen, déi wéinst Urgencen zestane kommen, zum Beispill wann e Rouerbroch ass.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass just well ech kontrolléiert hunn, éischtens mat de Krankmeldungen, wou vill Leit fort sinn, an och nach mat de Congéen, asw. . Et sinn awer vill Deeg wou an de Betriber net ersat gëtt an esou Repercussiounen op d'Aarbecht huet.

Roland Breyer, Schäffen:

Wann ee vun 100% ausgeet, da si mer mat 80% effektiv do, wann een d'Congéen an d'Krankmeldungen ewechhëlt. Dat ass och an anere Betriber esou, net nëmmen alleng bei der Gemeng Péiteng.

Camille Bosseler (CSV):

Wa mir fréier op der Arbed esou Zoustänn gehat hätten, dann hätte verschidde Betriber miissten zougemaach ginn. Da wier näischt méi gelaf.

Approbation à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Compte administratif de l'exercice 2008 – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Beim Punkt 5.3. kommentéieren ech och an engems de Punkt 5.4., well d'Chifferen déi selwecht sinn.

Mir schwätzen hei vum Exercice 2008, wou nach de Receveur Camille Mentz geschafft huet. Hien ass jo zanterhier an der wuelverdéngter Pensioun. Mir géifen him och Merci soe fir dat mustergëlltegt Féiere vum Compte de gestion. Well esouwuel do wéi och beim Compte administratif – wou ech der ganzer Verwaltung Merci soe fir déi excellent Aarbecht – hu mer keng Remarque vum Contrôle vum Inneministère krut. Am Contraire, mir krute félicitéiert fir déi Aarbecht, déi mer gemaach hunn. No 2007 ass et dat zweet Joer, wou mer absolut net

eng Remarque vun deem Kontroll-gremium krut hunn.

Et muss een och soen, datt d'Chiffere vum Joer 2008 excellent sinn. Chifferen, wou ech frou wier, wa mer déi och nach déi nächst Joere kéinte schreiwen. Dat wäert awer méi schwéier si wéinst der schwiereger Finanzlag vum ëffentleche Secteur.

2008 hat mer en Iwwerschoss vun 9.883.576,78 Euro. Ausseruerdentlech Ausgabe hate mer vun 10.962.091,35 Euro. Mir haten ausseruerdentlech Recette vun 3.153.841,81 Euro, wat am extraordinäre Kont – wat jo net anormal ass – en Defizit vun 7.808.249,54 Euro ausmécht.

Wann een dat mam ordinären Iwwerschoss géintiwwer stellt, dann huet dee ganzen Exercice 2008 mat engem Boni vun 2.075.327 Euro ofgeschloss. Dat huet eis och erlaabt e reportéiert Resultat op 2009 vun 10.309.666,85 Euro ze maachen.

Ech géif also soen, datt d'Joer 2008 e gutt Joer war.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt just froe firwat an der Délibératioun steet ‚approuvé provisoirement', wann e jo guttgeheescht ginn ass?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Esou Décisioune mussen nach eng Kéier zeréck bei de Minister goen, deen dann de Kont definitiv approuvéiert.

Camille Bosseler (CSV):

Ech hunn elo éineschters gefrot, op déi Saach vum Absenteismus vun engem Mount wier. Hei gesinn ech de ‚remboursement par la CMOA', dat ass op d'Joer. Et sinn dat 421.712 Euro.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei engem Salaire vun 20 Milliounen Euro.

Approbation par 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) et 4 abstentions (LSAP).

5.4.

Administration générale.

Compte de gestion de l'exercice 2008 – approbation.

Approbation à l'unanimité.

5.5.

Administration générale.

Bouclage du réseau de l'eau potable dans le chemin piétonnier 'Schwaarze Wee' à Pétange - approbation du décompte.

Devis approuvés: 240.000,00 €
Crédits approuvés: 298.270,00 €
Dépense effective: 292.270,44 €

Roland Breyer, Schäffen:

An engem vun deene leschte Gemengeréit hate mer scho Rieds vum Schwaarze Wee, wou mer eng Rallonge gefrot haten.

Firwat ass d'Dépense an d'Luucht gaangen? Dat war well mer keng Donnéeën driwwer hate wat am Wee géif leien. Iwwer dem Opmaache konnte mer eréischt gesi wat am Buedem ass. Mir hunn den Talus gehat, dee gedréckt huet an doduerch ass de Blindage méi deier gi fir esou kënnen den Talus ze stabiliséieren. Et war Uganks och net virgesi fir d'Gemeinschaftsantenn mat dranzeleeën. Dat ass och nach e Supplément ginn.

Camille Bosseler (CSV):

Ech hat déi leschte Kéier en Tour iwwer de Schwaarze Wee gemaach. En ass zimlech an der Rei. Nëmmen op enger Plaz ass eng kleng Senkung wou d'Waasser dra stoe bleift. Ass dat behuewe ginn?

E bësse weider ass och d'Heck ganz eragewuess, vum Talus erof an de Wee. Doduerch hunn d'Leit et schwéier fir laanscht ze kommen.

Dann ass och nach eng Privatpersoun, deen eng Strëpp hannenaus huet. Dee Mann géif gäre méinen, mä et leien nach lauter Crassen do, déi – wou de Wee an d'Rei gesat gi war – einfach dohinnergehäit gi waren.

Ier een an d'Cité Chemin de Fer kënnt, waren 3 Poteaue fir datt kee mat engem Gefier kann doduerchfueren. Deen an der Mëtt war erausgeholl gi fir datt een Här sech kann d'Fräiheet huele fir mam Moto kënnen all Dag doduerchzefueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Saachen hat der jo och schonn eraginn, an dat ass och weider an eis Servicer gaangen.

Wat awer déi Plaz ugeet, wou d'Waasser ëmmer stoe bleift, esou ass et sou, datt d'Entreprise Rante nach Suen zeréckbehalen huet un d'Entreprise Cajot, déi de Belag solle maachen. De Belag gouf net ganz gutt gemaach an dee soll nach ausgebessert ginn. Wann d'Wieder et erlaabt, da ginn déi Aarbechten duerchgefouert.

Déi Fléckaarbecht ass elo schonn hei am Dekont mat dran. Mä déi Sue sinn awer nach vun der Entreprise Rante blockéiert ginn a sinn nach an der Réserve.

John Polfer (CSV):

Ech wollt froen, ob mat deenen Aarbechten – wou jo och de Bouclage gemaach ginn ass – den Drock vum Waasser erofgaangen ass? Ech hunn d'Impressioun, datt elo manner Drock um Waasser wier.

Roland Breyer, Schäffen:

Doduerch, datt elo d'Leitungen duerchgespullt si ginn, huet d'Waasser och elo méi Plaz an de Leitungen. Et ka sinn, datt dat Auswierkungen op den Drock huet. Ech kann dat awer nokucke loossen.

Approbation à l'unanimité.

5.6.

Administration générale.

Renouvellement des infrastructures routières dans la rue d'Athus à Pétange - approbation du décompte.

Devis approuvés: 1.631.000,00 €
Crédits approuvés: 1.715.351,26 €
Dépense effective: 1.714.983,13 €

Roland Breyer, Schäffen:

Hei hu mer den Dekont vun der Athuser-Strooss virleien. Do hate mer och schonn deemools – wou mer de ‚crédit supplémentaire' gestëmmt hunn – driwwer geschwat.

D'Haaptursaach, datt méi Kreditter gebraucht si ginn, war de Fait, datt – wou d'Ponts et Chaussées d'Strooss nei gemaach hunn – d'Raccorden an d'Adaptatioune mat den Trëttoiren net mat dra waren. Mir hunn déi lénks Säit, wann een a Richtung Belsch fiert, relativ breed Trëttoiren, an d'Gemeng huet déi Dallagen oder Pavéë selwer iwwerhuelen. Dat war ee Grond. Donieft sinn awer och nach Aarbechte gemaach ginn, wou Gainë verluegt gi si wéinst der Ampelanlag op der Kräizung fir an d'Jenken. Déi Aarbechte waren net am éischten Devis mat virgesinn.

Ënner dem Strëch bleiwe mer awer ënner de Kreditter, déi de Gemengerot gestëmmt hat.

Guy Brecht (LSAP):

Nodeem datt d'Aarbechten an der Athuser-Strooss gemaach waren, hat ech eng Interventioun hei am Gemengerot, datt bei staarkem Reefall d'Waasser sech géif an der Strooss stauen. Deemools ass mer du gesot ginn, datt duerno géif gekuckt ginn an – wann e Problem géif bestoen – dat och geännert géif ginn.

Mä dee Problem besteet haut nach ëmmer. Bei staarkem Reen staut sech d'Waasser op der Strooss a wann d'Autoen doduerchfueren, da sprëtzt d'Waasser bis déi aner Säit widder d'Fassade vun den Haiser.

Ass do nach eppes ze maachen?

Roland Breyer, Schäffen:

Do ass eng Interventioun bei der Agriculture gemaach ginn. Déi solle kucke fir dat Iwwerflächewaasser, dat vum Hierschbierg erofleeft, opzefänken. Well dat Waasser kënnt soss nach bei dat anert Waasser dobäi an d'Gullie packen dat net fir ze evakuéieren.

Ech kann Iech awer dee leschte ‚Stand der Dinge' net soen. Et ass awer eng Interventioun gemaach gi fir ze kucken, ob et net méiglech wier, fir dat Iwwerflächewaasser schonn uewen ze fänken an duerch eng separat Kanalisatioun erofzeleeden.

Ech loossen dat awer nach eng Kéier nokucken a mir reechen Iech dann eng Äntwert no.

Guy Brecht (LSAP):

Well mer scho bei der Athuser-Strooss sinn, wollt ech nach matdeelen, datt bei deenen Aarbechten op der Millen owes spéit an iwwer Nuecht relativ vill Kaméidi ass. Ech weess net, wat do gemaach gëtt, mä et ass en onheemlecht Gedauschs.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass eng Pompel, déi do leeft fir d'Waasser ze evakuéieren.

Et kënnt sécherlech och duerno eng definitiv Pompel dohinner stoe fir d'Kanalisatioun eropzepompelen, mä déi wäert awer anstänneg isoléiert sinn, esou datt een se net méi héiert.

Carlo Gira (CSV):

D'Luuchten op der Athuser-Strooss si jo och nei gemaach ginn. Besteet do e 'Contrat d'entretien', well déi fonctionnéieren deelweis net richteg?

Roland Breyer, Schäffen:

Si sinn elo erëm a Stand gesat ginn, awer de Contrat d'entretien ass nach net ënnerschriwwen. Normalerweis gëtt bei neie Fournituren eréischt ee Joer duerno e Contrat d'entretien gemaach.

Carlo Gira (CSV):

Well de Moment fonctionnéieren se net richteg.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech hat geduecht, datt se eréischt kierzlech ajustéiert gi sinn.

Carlo Gira (CSV):

De Kontakt an der Strooss fonctionnéiert net. A si ginn och net op ‚Blénken'.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech ginn dat un deen zoustännege Service weider.

Carlo Gira (CSV):

Dann ass och gesot ginn, datt mer breet Trëttoiren hu miisste maachen. Mä et wier besser gewiescht fir se net esou breet ze maachen. Well da géifen do näämlech keng Autoe geparkt ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass leider ‚propriété privée' vun de Leit. Dat do sinn déi Saachen, wou heiansdo keng Emprisë gemaach si ginn oder wou mer keng Emprisë brauchen. A wa mer duerch Aarbechten déi Trëttoire futti maachen, da musse mer déi erëm a Stand setzen.

Fréier hate mer Bac-en do stoen, an et muss een elo kucken, wéi een dat reglementéiere kann.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hunn eng Fro zum Trëttoir laanscht d'Millen. Do gouf opgerappt fir Aarbechten an der Strooss ze maachen. Den Trëttoir ass awer de Moment e bëssen abenteuerlech. Fir d'éischt muss een iwwer eng Bréckelche goen, well e Lach drënner ass, an e puer Meter weider muss een duerch e Schlakefeld lafen. Well déi Oprappaarbechten elo ofgeschloss sinn, wollt ech froen, ob een den Trëttoir net erëm kann a Stand setzen?

Roland Breyer, Schäffen:

Wéinst dem Elektresche gouf do opgerappt an ech huelen un, datt elo alles am Buedem läit wat muss dra sinn. Ech loossen dat nokucke fir datt den Trëttoir erëm fir d'Leit accessibel gëtt.

Approbation à l'unanimité.

5.7.

Administration générale.

Installation d'un système de détection d'incendie et d'intrusion au Centre de Secours de la Protection Civile à Pétange - approbation du décompte.

Devis approuvés: *22.000,00 €*
Crédits approuvés: *22.000,00 €*
Dépense effective: *20.974,38 €*

Approbation à l'unanimité.

5.8.

Administration générale.

Installation d'un système de détection d'incendie à l'ancien bâtiment des Sapeurs Pompiers à Pétange - approbation du décompte.

Devis approuvés: *28.000,00 €*
Crédits approuvés: *28.000,00 €*
Dépense effective: *25.017,42 €*

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei ass och e Système de détection d'incendie am ale Pompjeesbau, an deem och eist Jugendhaus ass, installéiert ginn.

Approbation à l'unanimité.

5.9.

Administration générale.

Installation d'un système de détection d'incendie à la Maison des Jeunes à Rodange - approbation du décompte.

Devis approuvés: *10.000,00 €*
Crédits approuvés: *10.000,00€*
Dépense effective: *8.944,65 €*

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Well mer zu Péiteng am Jugendhaus esou eng Anlag installéiert hunn, gouf dat selwecht och zu Rodange an der Annex vum der Maison des Jeunes gemaach.

Approbation à l'unanimité.

5.10.

Administration générale.

Réfection de la façade du Centre Culturel à Rodange - approbation du décompte.

Devis approuvés: *85.000,00 €*
Crédits approuvés: *85.000,00 €*
Dépense effective: *84.271,69 €*

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Am Gemengerot vum 17. Dezember 2008 hate mer dës Aarbechte gestëmmt. Déi ganz Aarbechte sinn awer iwwer d'Joeren 2009 an 2010 gelaf. Ofschléissend kann ee soen, datt de Centre flott a schéi ginn ass an elo gutt ausgesäit.

Guy Brecht (LSAP):

Do kann ee soen ‚was lange währt wird endlich gut'. Ech hat ëmmer drop higewisen, datt de Cercle dramatique a sengem Keller Problemer mat der Fiichtegkeet hätt an datt hiert Material ëmmer géif naass ginn. Mat der

Refectioun vun der Fassad ass dee Problem och geléist an ech huelen un, datt de Veräin iech dofir villmools Merci seet.

Approbation à l'unanimité.

5.11.

Administration générale.

Remplacement de la chaudière de l'Eglise de Rodange - approbation du décompte.

Devis approuvés: 35.000,00 €
Crédits approuvés: 35.000,00 €
Dépense effective: 33.520,16 €

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Den 23. Abrëll 2009 hu mer hei am Gemengerot en Devis gestëmmt fir an der Rodanger Kierch d'Chaudière ze ersetzen, well mer mat der aler Chaudière vill geplot waren. Dës Aarbechte sinn och elo ausgefouert ginn an den Dekont läit vir.

Approbation à l'unanimité.

5.12.

Administration générale.

Remise en peinture de l'Eglise de Pétange - approbation du décompte.

Devis approuvés: 115.000,00 €
Crédits approuvés: 115.000,00 €
Dépense effective: 88.975,02 €

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Den 12.12.2008 hate mer hei am Gemengerot gestëmmt fir d'Péitenger Kierch bannen nei unzesträichen. Déi Saach huet sech och e wéineg higezunn, well mer vum Ministère nach hu miisste gewëssen Accorde kréien. Den Ustrach ass awer elo fäerdeg, an d'Kierch ass erëm schéin.

Guy Brecht (LSAP):

Duerch de Vandalismus war jo eng Kéier esouvill Schued do entstanen.Ass dat mat hei berücksichtegt ginn? Sinn déi Aarbechten an engems matgemaach ginn?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat hat näischt mam Ustrach ze dinn. All kéiers, wa Vandalismus ass, da maache mer eng Plainte bei der Police. A wa mer d'Méiglechkeet hu fir de Schued – zum Beispill beim ‚bris de glace' – bezuelt ze kréien, do loosse mer d'Assurance och spillen.

Guy Brecht (LSAP):

Et ware jo awer verschidde Saachen duerch Graffiti beschiedegt ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dee Schued war baussen um Gebai. Den Ustrach ass jo awer bannen an der Kierch nei gemaach ginn. Alles wat baussen ass, probéiere mer mat eise Leit erëm kënnen an d'Rei setzen. Mir hoffen alt ëmmer, datt déi Responsabel fir de Schued och emol gepëtzt ginn, mä d'Chancë sinn ëmmer ganz kleng.

Approbation à l'unanimité.

5.13.

Administration générale.

Aménagement d'un terrain de football synthétique à Rodange - vote d'un crédit supplémentaire - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'lescht Joer hu mer schonn de synthetesche Futtballterrain a Präsenz vum Sportsminister ageweit. Mir hunn awer elo, éier den Dekont gemaach gouf, eng Analys gemaach vun der Situatioun op deem Terrain an hu festgestallt, datt eis bluttnoutwenneg Raimlechkeete feele fir eis Maschinnen ënnerdag ze setzen. Et ass dat Material, wat um Terrain gebraucht gëtt. An dat ëmsou méi, well mer jo och envisagéiere fir d'Tribün, wou dat Material fir de Moment nach ënnerbruecht ass, ewechzerappen. Doduerch hu mer elo nach eng Kéier mat all eise Betriber a mam Futtballveräin zesumme gekuckt, wat mer do miisste vun noutwennegen Installatiounen hunn. Mir hunn eng Propositioun um Dësch leien, wou mer esou e Stockage mat enger klenger Buvette kënnen opriichten. Dat géif direkt an der Entrée fir op den Terrain opgeriicht ginn. Domatter hätten eis Betriber et engersäits méi einfach fir hiert Material do ze stockéieren, an anerersäits hätt de Veräi bei Matcher och d'Méiglech-keet fir Gedrénks ze zerwéieren.

De Käschtepunkt hu mer op 30.000 Euro geschat. Mir hu festgestallt, datt et da mat deenen 1,1 Milliounen Euro Kredit, dee mer hei am Gemengerot den 12.12.2008 gestëmmt hunn, vläicht just net géif duergoen. Dofir proposéiere mer haut dem Gemengerot fir nach en Zousazkredit vun 30.000 Euro, wat ongeféier de Käschtepunkt vun däer Saach ausmécht, ze stëmmen. Domatter kéinte mer dann déi Aarbechten ofschléissen an den Dekont dovunner maachen. En Dekont, dee wahrscheinlech ënner deenen 1.130.000 Euro wäert leien.

Roger Klein (LSAP):

Direkt nieft dem synthetesche Futtballterrain ass jo awer eng flott Buvette. Déi ass jo awer ganz no dobäi. Ech war och der Meenung, datt dee synthetesche Futtballterrain gebaut gi wier fir Futtball ze spillen, an net fir Béier ze drénken. Dofir gesinn ech e bëssen en ‚double emploi' dran, wann elo nach eng zousätzlech Buvette do gebaut gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wann et alleng géif drëm goe fir eng Buvette ze bauen, dann hätte mer ‚Nee' gesot. Mä d'Haaptursaach ass awer, datt mer hei Raimlechkeete schafen – an dat sinn zwee Drëttel vun däer Installatioun – fir de Stockage vu Material. Mir hunn eng Maschinn, mat däer den Terrain regelméisseg muss a Stand gesat ginn, wou dee Granulé nei opgewierbelt gëtt. An déi Maschinn musse mer fir de Moment ëmmer erbäischleefen. Den Architekt hat einfach vergiess eng Plaz fir déi Maschinn virzegesinn.

Et koum awer dunn d'Fro vum Futtballveräin, ob et net méiglech wier, fir an déi Installatioun och nach eng Buvette z'integréieren. A Buvette ass do e grousst Wuert wann ee gesäit, datt se 2,40 Meter breet gëtt. Et ass just en Ënnerstand, wou een e Frigidaire ka setzen a wou just een hannendru steet fir e Gedrénks ze verkafen. Et ass keng Buvette, wou ee sech ka sëtzen.

Mir hätten natierlech och kënne soen, datt mer dat doten net maachen. De supplementare Käschtepunkt fir d'Buvette schätzen ech op 6.000 bis 7.000 Euro. An da riskéiere mer natierlech, datt jiddereen op déi aner Säit an d'Buvette geet wann zum Beispill d'Jugendéquipë spillen.

Mir haten och laang a breet driwwer diskutéiert, ob mer et solle maachen oder net. Mir sinn awer zur Conclusioun komm, datt mer et solle maache well de Käschtepunkt esou minim ass an datt d'Buvette am Kontext vun engem anere Projet gemaach gëtt. Wann et just nëmmen em de Bau vun enger Buvette gaange wier, datt hätte mer et net gemaach.

Roger Klein (LSAP):

Just nach eng Zousazfro. Musse mer dann elo do eng extra Konzessioun kréie wann Alkohol verkaf gëtt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech sinn der Meenung, datt dat kann iwwer d'Konzessioun vun der Buvette an der Sportshal lafen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Zum Historique vun deem Terrain muss ee soen, datt et domatter ugaangen

ass, datt de Schäfferot dat Ganzt verkaf huet als ‚aménagement d'un terrain d'entraînement synthétique'. Mëttlerweil si mer méi wäit wéi en Trainingsterrain. Mir baue fir 30.000 Euro en Ënnerstand fir eng Maschinn dranzestellen. An deene grousse Baumärkt kritt een esou Haisercher ze kafe fir eppes ënnerdag ze stelle wat vill, vill manner kascht.

Dësweidere sot de Buergermeeschter, datt et net direkt virgesi gewiescht wier, mä wa mer scho bauen, da profitéiere mer fir eng Buvette ze maachen. Mä an der Délibératioun steet «considérant qu'il est encore indiqué d'intégrer, lors de la construction d'un tel entrepôt, la réalisation d'une buvette pour les activités ...». Dat kléngt scho méi wéi wann et just e klenge Comptoir wier. Ausserdem huet d'Gemeng Chaleten, déi mobil sinn, an déi se kann de Veräiner zur Verfügung stelle wa se gebraucht ginn. De Virdeel vun deene Chaleten, well se mobil sinn, ass, datt ee se kann ewechhuelen. Mir hu virdru vu Vandalismus geschwat an ech denken, datt de Vandalismus op däer Plaz och net ausbleift.

Eng aner Saach ass déi, datt ech net richteg agesinn, well et vun Ufank un en Trainingsterrain war, datt elo ee Veräin aus eiser Gemeng 3 Terrainen huet op deem ka gespillt ginn.

Fir mech sinn déi 30.000 Euro vill ze vill fir dat, wat mer do wëlle maachen. An ech fannen, datt mir an eiser Gemeng déi 30.000 Euro besser kéinten op anere Plaze gebrauchen an ech wäert och géint dëse Projet sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass Äert gutt Recht, an ech hunn och kee Problem domatter. Ech wëll awer hei ganz kloer soen, datt déi éischt Ursaach, firwat mer dat heite bauen, de Stockage vu Material ass. A mer musse ganz kloer soen, datt dat am Projet vergiess gi war. An dee Feeler läit och bei eis, well mir hunn dee Projet hei gestëmmt a mer hätten et dee Moment och kënne gesinn. Mä eisen Architekt hat déi Raimlechkeete guer net virgesinn. A mer hunn hei e Projet, deen ofgeschloss ass, dee gutt ass an deen eis erlaabt, den Haaptterrain ze schounen. Dofir gi jo iwwerall synthetesch Terrainen ugeluegt. Dofir si mer och frou, datt den FC Rodange och seng Matcher vun der Jugendéquipe do spillt. Well wann déi op den Haaptterrain ginn, da kascht dat wesentlech méi wa mer dee musse regelméisseg erneieren.

Dofir fanne mer et och eng gutt Iddi, datt d'Jugendmatcher um synthe-teschen Terrain gespillt ginn. Dat bedeit awer och, datt déi Installatiounen esou musse si wéi se musse sinn. An ee vun deene grousse Problemer ass deen, datt mer fir déi Maschinn, déi mer nëmmen op deem Terrain kënne gebrauchen, keng Plaz hu fir se ënnerzestellen.

Wa mir natierlech se elo all Kéier an eis Ateliere setzen, a se dann – wa se gebraucht gëtt – erëm mussen erbäifëieren, da brauche mer se net oft hin an hir ze féiere fir datt sech den Invest hei kompenséiert.

Et hätt ee sécherlech eppes méi Einfaches kënnen dohinnersetzen. Dat hei ass och elo näischt ganz Komplizéiertes. Mir hunn awer drop gehalen, datt mer eppes dohinner solle setze wat bei dee Site passt, an net iergend eng bleche Bud opriichten. A beim Gesamtkäschtepunkt vum Projet vun 1,1 Milliounen Euro sinn déi zousätzlech 30.000 Euro och net d'Welt.

Dir hutt Recht, et sinn ëmmer 30.000 Euro, mä mir hätten dat miissten am urspréngleche Projet direkt mat virgesinn. Dat war vergiess ginn a mer regulariséieren u sech elo eng Situatioun.

Da wëll ech nach eng Kéier soen, datt ‚Buvette' e ganz grousst Wuert ass. Et ass en Ënnerstand fir e Frigidaire dranzesetzen, vu wou een dann och ka Gedrénks verkafen. Et ass net méi an net manner. Et si keng Dëscher dran, well et sinn nëmme ronn 8 m2. Mir schwätzen hei net vun enger Buvette, wéi se déi aner Säit an der Sportshal ass. Et ass nëmmen en Ënnerstand fir Gedrénks.

Jeannot Linden (LSAP):

Et si scho vu menge Virriedner eng Rei Saache gesot ginn. Mä ech ka mech erënneren, datt – an ech hunn op deene ganze Pabeieren nogekuckt – dee syntheteschen Terrain dohinner-komm ass fir deen Terrain mat Wues ze schounen, an datt dee syntheteschen Terrain vun der 1. Equipe a vun deenen aneren als Trainingsterrain genotzt soll ginn. Dofir ass deen Terrain gemaach ginn. A mer haten eng Brochure erausginn, an der kënnt kucken, mir haten esouguer de Budgetsartikel 2008 geännert fir déi Parkplazen ze aménagéieren. Déi sinn aménagéiert ginn an do war net no enger Buvette oder engem Ënnerstand fir Material gefrot ginn. Zu kengem Moment stoung dat zur Diskussioun.

Et war festgehal ginn, datt deen Terrain soll als Trainingsterrain genotzt gi fir deen aneren ze schounen. A wann eppes sollt organiséiert ginn, dann hätte mer jo nach ëmmer den Doihl.

Esou hu mir dat hei erkläert kritt an esou ass et hei duerch d'Sëtzung gaangen.

Ech hat déi Saach elo duerchgekuckt a war scho bal erféiert. Mä wou mer elo de Mueren an d'Sëtzung komm sinn, hate mer jo dunn eng aner Versioun hei virleien, wou erëm eng Kéier keng Zeechnung dobäi war. Mir hu keng Opstellung vun deem wat gemaach gëtt. Mir sëtzen och elo erëm eng Kéier eng Buvette dohinner mat Offloss. Wou kënnt deen dann hin? Wou huele mer d'Waasser hir? Rappe mer elo erëm alles op? Dat, wat mer elo nei gemaach haten, rappe mer elo erëm op fir Waasser ze leeën, fir Elektrescht eranzeleeën, asw. . Däers si mer eis jo och nach bewosst. An dat war net den Zweck vun däer ganzer Saach. Den Zweck dovunner war fir dee groussen Terrain ze schounen. An net fir déi Saach wéi et elo hei gehandhaabt gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Nach eng Kéier. Deen Terrain ass effektiv do gewiescht fir ze trainéieren. Deen Terrain ass do gewiescht fir deen aneren – an dat hutt der richtegt gesot – ze schounen.

Wa mir méi Équipen op deem doten Terrain spillen hunn, a manner Équipen op deem groussen Terrain spillen hunn, bedeit dat, datt mer dee groussen Terrain besser schounen.

Déi Maschinnen, déi mer do brauchen, - an ech wosst och net, datt mer déi Maschinne géife brauchen an den Architekt hätt eis dat miisste soen – fir de syntheteschen Terrain a Stand ze halen, si Maschinnen, déi eenzeg an alleng op engem syntheteschen Terrain gebraucht ginn. Déi kënnen net op engem Terrain mat Wues gebraucht ginn. Elo kënne mer déi Maschinn all Kéiers erbäischleefe wa mer se brauchen. Mir kënnen awer och en Ënnerstand bauen, fir datt mer déi Maschinnen op der Plaz hunn, do wou mer se brauchen. A mir waren als Schäfferot der Meenung, datt mer se sollen op déi Plaz do setzen. An dat ass d'Haaptursaach. Dat anert wat dobäikënnt – d'Buvette fir ronn 7.500 Euro, wat ongeféier een Drëttel vum Gesamtkäschtepunkt ausmécht – ass e Bonus, dee mer dem Veräi ginn an dee mer elo maache well mer souwisou en Ënnerstand baue wëllen.

Wat elo d'Infrastrukture wéi de Kanal betreffen, esou läit dat alles do. De Kanaluschloss läit genee do wou den Ënnerstand gebaut gëtt. Dat selwecht gëlt och fir d'Verdeelerkëscht vum Stroum, esou datt de Käschtepunkt fir d'Zouleitungen vun den Infrastrukturen ganz minimal ass.

Et muss een och soen, datt mer mat dësen Aarbechten d'Kiermesplaz an engems esou ausriichten, datt mer och manner geplot si wann d'Kiermes an deem Eck ass. Well all kéiers ass d'Opriichte vun der Kiermes mat vill Aarbecht verbonnen. Mir wäerten d'Installatioun elo esou maachen, datt déi Aarbechten, déi do ufalen, reduzéiert ginn an eng Aspuerung vu Personal mat sech bréngen. An d'Aspuere vu Personal par rapport zu deenen 30.000 Euro, déi mer hei investéieren, wäert esou sinn, datt mer ganz séier deen Invest hei kompenséiert kréien.

Dat hei ass elo eng Propositioun vum Schäfferot an de Gemengerot ass fräi ze décidéiere wat soll gemaach ginn. Mir sinn op jiddwer Fall der Meenung, datt dee Surcoût vun 30.000 Euro, sech fir déi nächst Joere méi wéi bezuelt wäert maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Wa mer elo déi Maschinnen dohinner setzen, wéi sinn déi Maschinnen da bis elo dohinner komm?

Déi Leit, déi op deen Terrain ginn, déi gi jo net zu Fouss. Déi fuere mat engem Auto oder engem Camion dohinner. An do ass d'Maschinn net drop gaange fir se mat dohinner ze huelen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Maschinn brauche mir just op deem dote Site. Mir kënnen déi natierlech och um Site vun den Atelieren ënnerstellen a se all kéiers, wa se zu Rodange gebraucht gëtt, dohinner féieren. Mir kënnen dat natierlech maachen, mä dat ass mat engem weideren Zäitopwand verbonnen. Mir mussen e Choix huelen, wat mer léiwer wëlle maachen.

Mä et ginn och nach aner Saachen op der Plaz gebraucht. Ech hunn elo nëmme vun däer enger Maschinn hei geschwat, well déi relativ grouss ass an eng Déplacement an Usproch hëlt. Mä et gëtt awer och nach anert Material, wat mer fir den Ënnerhalt vum Terrain brauchen, an do hu mer fir de Moment – an dat muss ee fairerweis soen – vergiess en Ënnerstand heifir ze bauen.

Mir kënnen natierlech, wa mer eppes op der Plaz brauchen – dat erbäiféieren. Mir sinn awer der Meenung, datt et besser wier, fir en Ënnerstand op der Plaz ze hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech enthale mech bei dësem Projet well éischtens keng Opstellung virläit vun deem wat do soll gemaach ginn. Mir kréien e Chiffer vun 30.000 Euro virgeluegt a gesinn awer net, watfir Aarbechte genee do ausgefouert ginn.

Carlo Gira (CSV):

Wann een als leschte Riedner drukënnt, dann ass scho villes gesot ginn. Ech ka mech awer mat däer Propositioun averstan erklären, datt – wann een nei Erkenntnisser kritt an datt et méi rentabel ass fir op esou engem Terrain Championatsmätscher auszedroen – een dovunner soll profitéieren. Den Här Buergermeeschter huet gesot, datt mer et hätte miisste selwer gesi fir do en Ënnerstand ze maachen. Ech sinn awer der Meenung, datt, wa mer Spezialisten hunn – a mir si keng Spezialisten an dofir huele mer Architekten – déi eis och miisste beroden a soen, datt, wéinst deem Material dat gebraucht gëtt, och eng Plaz miisst virgesi gi fir dat ënnerzestellen. Well wann déi Aarbechte gemaach gi wiere wou de Chantier gelaf ass, dann hätte mer och Geld gespuert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do ginn ech lech vollkomme Recht. Et ass dee selwechten Architekt mat deem mer och schonn aner Problemer haten.

Romain Rosenfeld (CSV)

Ech wollt kuerz Stellung heizou huelen. Et si verschidde Leit, déi elo vill gesot hunn, mä déi awer net esou richteg am Bild si wat iwwerhaapt do vun Aktivitéite geschéien. Den Här Becker huet d'Chaleten ugeschwat. Bei verschiddene Manifestatioune sinn d'Chaleten elo schonns 4 mol opgebrach ginn an et gouf alles geklaut wat dra war.

Mat deem Ënnerstand, deen elo soll gebaut ginn, gëtt emol éischtens déi speziell Maschinn do ënnerdag gestallt. Wann ee weess, datt – wa Sport bedriwwe gëtt – een och nach anert Material brauch, a wann een dat dann all kéiers an Nidderréideng muss siche fueren, dann ass dat och ëmständlech. Wann och elo nach d'Tribün ofgerappt gëtt, da muss dat Material – dat de Moment nach do steet – och iergendzwouch stockéiert ginn. Et ass dat zum Beispill d'Fuerf an d'Maschinne fir den Terrain ze zeechnen.

Fir op d'Buvette zeréckzekommen, so huet déi Buvette – wéi de Buergermeeschter gesot huet – 8 m2. Dat ass net ganz grouss an déi Buvette ass och net oft op.

Ech wëll awer och soen, datt dee syntheteschen Terrain net méi just fir Traininger gebraucht gëtt, mä datt mëttlerweil duerch d'Intemperie ganz vill Jugend- an Damme-Championnats-mätscher op deem Terrain gespillt ginn. Ech kucken och, datt de Club eis emol eng Oplëschtung eraschéckt, wéivill Matcher säit dem Bestoe vum Terrain bis elo do gespillt goufen.

Wann een elo erëm zeréck op d'Buvette kënnt, da wëll ech soen, datt – wann esou Matcher sinn an déi Mëttes stattfannen – déi grouss Buvette an déi ganz Sportshal net brauch opzestoen. Well soss lafen an däer Sportshal d'Kanner an an aus wéi se wëllen an et huet ee keng Iwwersiicht wat do geschitt. Esou wier nëmmen den Accès fir an d'Duschen accessibel duerch de Souterrain, an de Rescht ass zou.

Et muss een dee ganze Projet e bëssen anescht gesi wéi en elo vu verschiddene Leit duergestallt ginn ass.

A fir de Präis vun 30.000 Euro kritt een haut eng fäerdeg Garage ze kafen. Méi kritt een dofir net. An der Zäit huet eng Persoun ëmmer zu mer gesot „Du kanns ganz gutt oppassen, wann driwwer geschwat gëtt, ob de Portier e bloen oder e rouden Auto soll kréien, dann dauert dat zimlech laang. Mä wann eppes 1,5 Milliard kascht, dann ass et direkt décidéiert". An hei hunn ech d'Impressioun, datt et net anescht ass. Mir wëssen datt dee Site eng gewëssen Envergure kritt. Dat ass an der Rei. Mä et soll een emol kucke wéi dee Site benotzt gëtt. Wann ech déi ganz Aktivitéiten (Wisi-Cup, Télévie, asw.) gesinn, déi do stattfannen, da wier et ubruecht wann eppes Anstänneges do opgeriicht gëtt, wat ee kann éierbar zoumaachen a wou ee scho bal en décken Hummer brauch fir iergendeppes e bësse kënnen ze bewegen.

Dofir fannen ech dat heiten eng ganz gutt Saach déi net vill kascht.

John Polfer (CSV):

Wéi déi éischt synthetesch Terrainen hei am Land komm sinn, esou waren déi wierklech geduecht – esou wéi den Här Linden gesot huet – fir drop ze trainéieren a soss näischt. An der Tëschenzäit hu se awer festgestallt, datt dat awer eng flott Saach ass an haut ginn offiziell Matcher do drop gespillt. A wann een offiziell Matcher spillt, da muss een och déi Infrastrukturen dobäi hunn.

Ech sinn och oft an anere Gemengen, déi e syntheteschen Terrain hunn, an do goufen déi Infrastrukturen och nogemaach. Wann ech zum Beispill

Stroossen kucken, dann hunn déi och esou eppes opgeriicht wéi dat, wat mir elo zu Rodange wëlle maachen.

A well elo haaptsächlech Jugend-mätscher dropgespillt ginn, ginn déi Terrainen och méi genotzt. Virdru war dat nëmmen en Trainingsterrain well keen esou richteg wollt drop spillen. Mëttlerweil huet sech déi Astellung awer geännert.

Norbert Pierre (LSAP)

Ech wollt nach eng prinzipiell Fro stellen. Mir hu jo net nëmmen een Terrain hei an der Gemeng. Mir hunn och zu Rolleng an zu Péiteng Terrainen. An et war scho Rieds fir an deenen Uertschafte synthetesch Trainingsterrainen ze maachen. Ech huele jo elo net un, datt mer fir all Terrain eng separat Maschinn kafen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn och fir all Terrain eng Méimaschinn.

Norbert Pierre (LSAP)

Et ka jo sinn. Mä et hängt ëmmer vum Käschtepunkt a vun der Envergure vun esou enger Maschinn of. Ech weess net, wat esou eng Maschinn kascht fir de syntheteschen Terrain a Stand ze halen. Dofir wollt ech froen, ob mer fir all Terrain eng separat Maschinn kafen oder gëtt déi Maschinn, déi mer elo hunn, awer hin an hir transportéiert?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss ee sech virstellen, datt déi Maschinn fir dee syntheteschen Terrain d'selwecht ass wéi eng Maschinn, déi mer um Terrain huet fir deen ze méinen. Et ass déi Envergure an et ass och dat wat d'Präiskategorie ausmécht.

Et kann een natierlech higoen an all Maschinn hin an hir féieren. D'Politik, déi an deene leschten 20, 30 Joer gemaach ginn ass, ass déi, datt mer eng Maschinn op all Terrain stoen hunn. Wa mer nëmmen eng Maschinn hunn, da kann och nëmmen een op engem Terrain schaffen. Et muss een natierlech elo eng Diskussioun féieren, ob - wann eng Kéier en zweete syntheteschen Terrain kënnt – een eng zweet Maschinn brauch. Mä ech kéint mer awer virstellen, datt – wa mer déi Politik weiderbedreiwen déi mer de Moment hunn – mer op all Site esou eng Maschinn hätten.

Wou an nächster Zäit e syntheteschen Terrain hikënnt ass zu Péiteng. Zu Rolleng gëtt et méi schwiereg, well da miisste mer den Haaptterrain als syntheteschen Terrain maachen. A fir de Moment ass dat net méiglech well nach net all Équipe seng Matcher däerf drop spillen.

Mir wëssen, datt déi Péitenger eng Demande gestallt hu fir e synthetesche Futtballterrain. An ech kéint mer virstellen, datt, wa mer do eng Kéier esou een Terrain aménagéieren, mir och an deem Kader mussen décidéieren, ob mer eng zweet Maschinn kafen oder net. D'Erfahrung wäert dat weisen, mä ech tendéieren awer éischter fir eng zweet Maschinn.

Accord par 8 voix (CSV, DP) contre 1 voix (Déi Gréng) et 4 abstentions (LSAP).

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt eis Enthalung just begrënnen. Si bezitt sech net op den FC Rodange an op d'Jugendaarbecht, déi do gemaach gëtt. Mir vergonne selbstverständlech dem FC Rodange deen Dépôt mat däer klenger Buvette dodranner. Mä et ass esou, datt mer – wéi den Här Linden et scho gesot huet – einfach eppes virgeluegt kréie wat 30.000 Euro kascht, ouni datt mer Detailer presentéiert kréien.

5.14.

Administration générale.

Convention avec la société Panelux S.A. pour l'installation d'un pavillon de vente à Pétange - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

De 15. September 2010 huet de Schäfferot mat der Société Panelux S.A. vun Roodt-Syre eng Konventioun ënnerschriwwe fir de Kont vun der Bäckerei Fischer. An zwar geet et drëm fir e Verkafspavillon op dem Gemengenterrain nieft dem Stadhaus, ënner de Beem op der Säit vun der Parkstrooss, opzestellen.

Et ass esou, datt – wou si de Moment sinn – dat Gebai op der Nummer 12 an der Lëtzebuergerstrooss komplett renovéiert gëtt. D'Aarbechte sinn och schonn deelweis am gaangen, virun allem op der Säit vun der Parkstrooss. Op der Lëtzebuerger Strooss gëtt d'Gebai och komplett renovéiert. Dir wësst och, datt dat Gebai éischter e Schandfleck war an et ass am Intressi vu jidderengem, datt dat Gebai schéi gemaach gëtt.

Et ass awer esou, datt d'Bäckerei Fischer gesot kritt huet, well se lesswuere verkafen, datt se net méi dierfe weider Wuere verkafen esoulaang d'Aarbechten am gaange sinn. Anerefalls géif d'Santé hinnen zoumaachen.

Dofir si se un eis erugetrueden an hu gefrot, wou se kéinten ënnerdaach kommen. Wann dat net de Fall gewiescht wier, dann hätten se carrément fir 5 Méint hiert Geschäft hei zu Péiteng zougemaach. Aus deem Grond hu mer eng Konventioun mat hinnen ënnerschriwwen a sinn eis eens ginn, datt se ënner de Beem géifen am mannsten hënneren. Mir hunn an der Konventioun eng ganz Rei Saache festgehalen, ënner anerem, datt sämtlech Käschten zu hire Laaschte falen. Dat ass esougutt fir d'Installatioun wéi och, wann de Pavillon ewechgeholl gëtt. Si mussen och alles, wat gebraucht gëtt fir d'Uschlëss vu Waasser, Kanalisatioun, Elektresch, esou wéi och d'Consommatioun dovunner, selwer bezuelen. Si mussen och e Sécherheetspassage fir d'Fouss-gänger loossen.

Si mussen och fir sämtlech Reparaturen opkommen, wann de Chalet géif ewechgeholl ginn, an um Wues oder un de Beem e Schued entstane wier. Am Prinzip dierft awer näischt geschéien. Mir hu se och forcéiert eng Assurance ze maache fir dat Ganzt an deem Sënn ofzesécheren.

Dee Chalet géif vum 30. September 2010 bis den 28. Februar 2011 dohi stoe kommen. Si hunn op dës Sëtzung gewaart, fir kënnen den Accord vum Gemengerot ze kréien. Mir hunn och mat hinnen e Loyer fixéiert, an dee Loyer géif bei 200 Euro de Mount leien.

D'Gréisst vum Pavillon ass 6 Meter op 9 Meter. Mat den technesche Servicer ass och gekuckt ginn, ob dee Pavillon do kann ënnerdaach kommen. An dat dierft kee Problem sinn.

Norbert Pierre (LSAP)

Dat hei ass jo emol eppes Neies, eng Pâtisserie am Grëngs direkt nieft dem Stadhaus. Ech hunn am Prinzip näischt do dergéint, fir datt déi Leit hire Commerce kënne weider ausüben.

Wann d'Summerzäit nees kënnt, da wäerten se duerno och ufroen, fir eng Terrass virdrun ze etabléieren.

Gilbert Welter, Schäffen:

Neen, de Pavillon bleift nëmmen do stoe bis Februar 2011.

Am Pavillon selwer ass awer virgesi fir 2 Dëscher mat Stéiplazen kënnen ze stellen. Et sinn dat Pavillonen, déi se op ville Plazen am Land stoen hunn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt froen, op an deem Chalet och Sanitaire virgesinn ass fir déi Leit, déi do schaffen? Dat geet aus dem

Plang, deen an den Ënnerlage läit, net ervir. A wéi soll dat mam Offloss bewierkstellegt ginn? Oder wou ginn déi Leit op d'Toilette?

Gilbert Welter, Schäffen:

Si ginn déi aner Säit an dat aalt Gebai.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat heescht, wann d'Gebai frësch gemaach gëtt, da kënnen déi Leit am Chantier aus an agoe fir op d'Toilette ze goen?

Gilbert Welter, Schäffen:

Déi Leit déi um Chantier schaffen hu jo och eng Toilette do.

Romain Becker (Déi Gréng):

Jo, déi stelle sech Dixien dohinner.

Gilbert Welter, Schäffen:

Déi Leit kënnen déi och mat profitéieren. Am Noutfall kéinte mer d'Personal vun deem Pavillon och nach an d'Gemeng op eng Toilette goe loossen. Fir d'Clientèle ass keng Toilette virgesinn.

Elo gëtt jo emol fir d'éischt den Daach gemaach. A wann den Daach an déi baussegt Mauere fäerdeg sinn, an hiert Lokal ass och erëm fäerdeg, dann ass jo nach ëmmer net dat ganzt Gebai fäerdeg renovéiert. Mä da sinn déi Toilettë fir d'Personal erëm disponibel a si kënnen erëm vun deene profitéieren.

Carlo Gira (CSV):

Den Här Welter huet gesot, datt – wann de Pavillon erëm ewechgeholl gëtt - den Terrain erëm an den urspréngleche Zoustand muss gesat ginn. De Moment wiisst de Wues op däer déi Plaz souwisou net ganz gutt do, esou datt et net schlecht wier, wann duerno erëm géif Wues dohinnerkommen.

Wou een awer onbedéngt méi muss oppassen, dat ass – an dat steet och an der Konventioun dran - , datt d'Beem net beschiedegt ginn.

Ech begréissen och, datt e Loyer gefrot gëtt. Net datt mer do e Präzedenzfall schafen an da bei all Chantier Demande kréie fir Terrain zur Verfügung ze stellen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wëll nach bäifügen, datt – wann dee Chalet bis ewech ass – lues a lues am Fréijoer de Moment kënnt wou déi ganz Plaz nei aménagéiert gëtt. An do ass jo och virgesinn, datt eventuell e Boulenterrain op déi Plaz soll kommen. Dat ass emol e Wonsch a mer musse kucken, ob deen ze erfëllen ass. Mä dat ass nach Zukunftsmusek.

Approbation à l'unanimité.

6.

Prévisions sociales.

Aide aux sinistrés: subvention de 2.500 euros aux victimes des inondations au Pakistan – décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Enn August war eng Naturkatastrof, an dir wësst, datt mer ëmmer hëllefe wa mer Sinistréierter hunn. An zwar ass et dës Kéier am Pakistan, wou eng grouss Iwwerschwemmung war. Haaptsächlech war d'Regioun am Nord-Westen dovunner betraff.

D'Waassermassen hunn och do Haiser, Brécken, Stroossen a sanitär Installatioune komplett ewechgeschwämmt. An de mënschleche Schued läit de Moment bei iwwer 100 Doudegen. Déi schwéier betraffe Famille brauche Material, virun allem Liewensmëttel, Zelter, Hygiensartikelen, Medikamenter a besonnesch Impfungen. D'Hëllefsaktioune lafen op vollen Touren. Et ass ganz vill vun eiser Regierung aus gehollef ginn, an dat iwwer d'Arméi. Och als Don sinn iwwer 500.000 Euro vum Stat gefloss. Well mer als Gemeng och e Budget hunn, proposéiere mer dem Gemengerot fir 2.500 Euro un déi Sinistréiert weiderzeginn. A well Médecins Sans Frontières eng vun deenen Éischte war an och nach de Moment do sinn, a well mer déi och an deene leschten Hëllefen ni dobäi haten, soll dëser Associatioun déi Hëllef iwwerwise ginn.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass ze begréissen, datt trotzdem an Zäiten, wou mer all Euro mussen ëmdréinen, déi Äermst vun deenen Aarmen, déi alles verluer hunn an näischt méi hunn, net vergiess ginn. Ech si frou, datt eis Gemeng ëmmer do ass fir Donen ze maachen. Et ass nëmme just eng Drëps op e waarme Steen. Awer wann nach Anerer sech uschléissen, dann ass et schonn derwäert.

Accord à l'unanimité.

7.

Industrie.

Aménagement d'une zone d'activité régionale dans la zone nationale du Pôle Européen de Développement: vote d'un crédit spécial pour études - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir si schonn eng länger Zäit am gaange fir 'zones d'activité régionale' hei an der Gemeng ze schafen. Engersäits si mer am Grand-Bis schonn eng gutt Zäit am gaangen, an anerersäits si mer op der Fonderie am gaangen – an Zesummenaarbecht mat Agora – ze kucken eppes op d'Been ze stellen. All kéiers ass och de Wirtschaftsministère interesséiert drun - well et jo Terrainë sinn, déi zum Deel och hinne gehéieren, wéi zum Beispill de Grand-Bis - , datt eppes do realiséiert gëtt.

Mir hunn awer an der Commodo-Prozedur, besonnesch wat de Grand-Bis ubelaangt – mä och spéiderhi wäerte mer dat op der Fonderie erëmgesinn – eng Aufgab fir den Terrain ze decontaminéieren. Dat ass eng Aufgab, bei däer ee sécherlech e längeren Otem muss hunn. Mir wësse wéi laang mer do schonn amgaange si fir déi Commodo-Prozedur ze finaliséieren. Och de Wirtschaftsministère bréngt et net fäerdeg fir datt deen Dossier méi séier virugeet. Mir hunn do wierklech fir de Moment Problemer, esou datt mer eis schonn eng Kéier mam Wirtschaftsministère zesummegesat hu fir ze kucke wat nach vun anere Méiglechkeeten do wier.

Et gouf festgestallt, datt an der Zone nationale PED Terrainen och scho joerelaang eidel stinn, an dat besonnesch bei der Rodanger Gare. A wa mer aus däer Zone nationale PED eng Zone d'activité régionale kéinte maachen, da kéinte mer kuerzfristeg do Terraine fräi kréie fir Industrie an haaptsächlech Artisanat ënner Daach ze kréien. Et géif och domatter d'Méiglechkeet entstoe fir eng Rei vun Terrainen – mir schwätzen do vun 12 Stéck – ze realiséieren.

De Ministère de l'Economie huet och schonn en éischten Avant-projet virgesi wéi dat kéint ausgesinn. Mir wëllen dat awer nach gäre finaliséieren. Mir hunn awer do sécherlech d'Problematik vun der Commodo-Incommodo-Prozedur net, well dat schonn op deem ganzen Terrain läit. Mir hunn also déi Problematik schonn hannert eis, esou datt mer kéinten eigentlech ganz séier do eppes realiséieren. De Ministère de l'Economie ass interesséiert, zesumme mat der Péitenger Gemeng – mä hien ass och am gaangen zu Déifferdang an zu Käerjeng an déi selwecht Richtung ze kucken – fir déi Zone ëmzemodeléieren an eng Zone d'activité régionale. Dat géif de Betriber d'Méiglechkeet gi fir sech kënnen do ze implementéieren.

Dat bedéngt awer, – well mer och am gaange sinn um Niveau vum SIKOR zesumme mat den Nopeschgemengen ze kucke fir esou ‚zones régionales' ze schafen a fir och eis Gestioun mat de Gemengen Déifferdang, Käerjeng an eventuell Suessem zesummenze-maachen, a well dat nach net ganz fäerdeg ass – datt mir eigentlech ufänken. Well wat mer éischter ufänken, wat mer éischter fäerdeg sinn. A fir kënnen en definitive Projet ze realiséieren, miisste mir och e Bureau domatter chargéieren, an dat am beschten dee Bureau, dee schonn op deem Terrain eng Viraarbecht gemaach huet. Esou datt mer dem Gemengerot am Hierscht oder bei de Budgets-debatten de Projet kéinte virstellen.

Mir hunn awer fir de Moment – well et en neie Moment ass – keng Suen am Budget virgesi fir esou Aarbechten ze maachen. An dofir proposéiere mer dem Gemengerot, fir haut 50.000 Euro ze stëmmen, esou datt mer Kredit hu fir déi Aarbechten an Optrag ze ginn. Mir als Schäfferot engagéieren eis fir bis Enn vum Joer eng Propositioun op den Dësch ze leeën, eng Propositioun, déi sech op jiddwer Fall vill méi séier realiséiere léisst well mer einfach déi Commodo-Incommodo-Prozedur schonn hannert eis hunn. Am Grand-Bis an op der Fonderie ass dat net de Fall.

Mir wäerten déi aner zwee Dossieren awer net opginn. Mir bleiwen derhannert a schreiwe regelméisseg Bréiwer. Mir froe regelméisseg Entrevuë beim Wirtschafts- an Emweltministère, fir datt mer an deem Dossier och virukommen. Mir wëssen awer ganz genee, datt déi Dossieren awer net esou séier virugi wéi mer eis dat wënschen. An dat hei wier eppes, wou mer d'nächst Joer scho kéinte mat den Aarbechten ufänken.

Roger Klein (LSAP):

Äer Propositioun verdéngt natierlech eis Ënnerstëtzung. Ech denken elo just un den Här Brecht, dee virdrun en däitscht Sprachwuert zitéiert huet, an zwar ‚Was lange währt, wird endlich gut'. Dir hutt och drop higewisen, datt schonn eng gutt Zäit dovunner geschwat gëtt. Wat de Volet ‚Grand-Bis' ugeet, esou schwätze mer elo schonn iwwer 10 Joer dovunner. Also och do kënne mer deen éischten Deel vum Sprachwuert zitéieren an ech wëll just d'Hoffnung zum Ausdrock bréngen, datt déi gutt Initiativ, déi der elo ergräift, net och erëm dozou féiert, datt et erëm eng Kéier 10 Joer dauert bis ee ka feststellen, datt et ‚endlich gut' ginn ass, mä datt et elo vill méi séier geet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Op deem Punkt ass ze soen, datt de Gemengerot net ausschlaggebend ass. Et läit net an den Hänn vum Gemengerot oder vum Schäfferot. Et läit emol net an den Hänn vum Wirtschaftsminister. Well wann de Wirtschaftsminister et emol net selwer fäerdeg bréngt – well den Terrain gehéiert him – da gëtt et natierlech als kleng Péitenger Gemeng nach vill méi schwéier fir sech do ze imposéieren.

Mir wësse wou de Problem läit. Et leien zwou Propose vir, fir den Terrain ze decontaminéieren. Déi eng kascht 1 Millioun Euro an déi aner kascht 26 Milliounen Euro.

Deen, deen et muss bezuelen, ass de Propriétaire. An deen hei muss soe wat hei geschitt, ass de Wirtschafts-ministère, a mer musse kucken, ob hie bereet ass eng vun deene Mesurë matzedroen. Mir sinn eis mam Wirtschaftsministère eens ginn, datt et just nëmme kann déi Variante vun enger Millioun Euro sinn. Well soss ginn déi Terrainen esou deier, datt kee Mënsch se wäert kafen. Och net ënner der Form vum ‚droit de superficie'. Mir waarden eigentlech elo drop, datt op Gronn vun deene Proposen, déi um Dësch leien, eng definitiv Décisioun geholl gëtt um Niveau vum Ëmwelt-ministère. Wa mer wëssen, watfir eng Léisung hie gewëllt ass matzedroen, kann et sinn, datt dee PAP, dee mer hei am Gemengerot gestëmmt hunn, näischt méi wäert ass. Well do wäerten Oploe kommen, an domatter wäert dee PAP, dee mer hei virun 10 Joer an engem groussen Äifer gestëmmt hunn, net méi deene Konditiounen ent-spriechen, déi nouwenneg si fir den Assainissement vun deem Terrain virzehuelen. Mir waarden awer elo op en definitive Feu vert, wéi deen Terrain muss assignéiert ginn, ier mer elo nei Schrëtt an nei Suen dran investéiere fir de Grand-Bis virunzedreiwen.

Ech wier och frou, wa mer de ‚Grand-Bis' hätte kënne viru 5 Joer ufänken. Ech wier nach méi frou gewiescht, wann et virun 10 Joer gewiescht wier, mä leider Gottes läit dat net an der Muecht vum Gemengerot fir dat ze décidéieren.

Camille Bosseler (CSV):

Ech géif et bestëmmt begréisse wann et endlech géif lass goen. Wann ech gesi wat sech an der Belsch an am Frankräich mécht, wou et esou séier geet.

Virun 20, 25 Joer, wou ech nach am Aarbechtsprozess war, war ech mat an der Commissioun vum PED. Mir hu mat de Fransousen a mat de Belsch debattéiert an et ass déi Zäit och net richteg virugaangen. Mä déi Zäit waren d'Frichen asw. nach do an et huet miissten nach alles gekläert ginn. D'Fransousen hunn haut alles fäerdeg. Si haten och eng Baach do lafen. Et ass elo alles tipptopp an der Rei. Si haten och verschiddenen Installatiounen drop stoen, wou och hätt miisste sanéiert ginn. Haut stinn allerhand Saachen do an et schwätzt kee méi dovunner. Mä et huet sech awer eppes gemaach op deem Gebitt.

Mä bei eis leeft et net. Mir haten e puermol, datt mer geruff gi sinn, datt d'Zelter schonn do stoungen an datt d'Aweiung scho vu verschiddene Betriber komm ass. Et ass duerno näischt méi erfollegt. Mir hunn allerhand Material kritt, wat alles soll do hirgestallt ginn. An awer läit den Terrain nach ëmmer esou do wéi fréier. Ech wier wierklech frou, wann et emol op däer Plaz géif lassgoen, mä ech gleewen net méi drun.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei deem Dossier, dee mer elo hei virleien hunn, hu mer Gott sei Dank déi ganz Commodo-Incommodo-Prozedur schonn hanner eis. Um Grand-Bis an op der Fonderie bäisse mer eis nach ëmmer d'Zänn un däer Prozedur aus.

Hei ass dee Volet ofgeschloss éier mer mam PAP kommen. Beim Grand-Bis an op der Fonderie hu mer hei scho PAP-e presentéiert ier den Haaptvolet, wou mer elo esouvill Problemer hunn, gemaach war. Wa mer do och fir d'éischt d'Commodo-Prozedur gehat hätten, da wier scho vläicht alles realiséiert. Mä deen Deel vun der Aarbecht fir déi Commodo-Prozedur duerchzekréien, fir ze kucken – an do si Buerunge gemaach ginn – wat d'Schwieregkeeten op deem Terrain sinn, déi sinn eréischt nodréiglech gemaach ginn an du sinn d'Problemer opgedaucht.

Ech weess net wéi s'et an der Belsch an a Frankräich maache fir esou séier virunzekommen. Do si vläicht déi Oploe manner héich. Mir sinn zwar an engem Europa. Mir stellen awer fest, datt mir hei – an dat ass net e Problem vun der Gemeng Péiteng, mä et ass e Problem vum Ministère, well et ass deenen hiren Terrain, an den Assainissement vum Terrain ënnerläit dem Propriétaire an net deemjéinegen, deen de PAP wëll maachen – an deem Dossier net virukommen. De Wirtschaftsminister seet mer bei all Geleeënheet, datt hien alles géif maache wat méiglech ass, fir datt dee Projet do virugeet. Mir hunn och dee Wëllen, mä mir mussen awer feststellen, datt keng Bewegung drakënnt.

Virun e puer Méint ware mer um Emweltministère fir ze froen, wou mer

an deem Dossier dru wieren. An deen Dossier kréie mer einfach net deblockéiert. Mir hunn e Kongress vum Syvicol am Oktober virgesinn, an do ass eng vun deene grousse Fuerderunge vun de Gemengen – an ech hoffen, datt vill Leit vun Iech wäerten do si fir emol mat Nodrock ze ënnersträichen -, datt déi Symplification administrative – an do geet grad vun deene Saachen hei Rieds – endlech emol ëmgesat gëtt. Well op deem Niveau hei geet villzevill Zäit verluer fir eng Décisioun an de Gemenge kënnen ze huelen. An et fält ëmmer erëm iergendwéi op d'Gemengen zeréck. Mä wann déi aner Approbatioun, déi mer brauchen, net do ass, kënne mir als Gemeng näischt maachen. Esoulaang wéi mir net matgedeelt kréien, wéi d'Procédure d'assainissement vun deem Terrain ass, komme mer an deem Dossier net virun. An déi Prozedur gi mir eis net selwer, mä déi kréie mer vum Environnement matgedeelt. Mir kënnen 100 mol dohinner pilgeren – wat mer och maachen – a regelméisseg Bréiwer schreiwen, mä mir hänke komplett of vun däer Décisioun déi am Environnement soll geholl ginn. An esoulaang déi net geholl ass, sti mir do a mir musse fir Terrainen – déi eis emol net gehéieren – de Kapp duerhale well do näischt geschitt.

Carlo Gira (CSV):

Meng Interventioun geet och e bëssen an déi Richtung vun deem, wat den Här Buergermeeschter elo grad gesot huet. Um Grand-Bis hate mer scho Léisungen an d'Pläng si schonn e puermol op d'Kopp gehäit ginn a mir sinn ëmmer erëm enges Bessere beléiert ginn. Esou datt ee sech wierklech muss froe wéi et mat der Simplification administrative steet. Mä wann deen Terrain sollt contaminéiert sinn, an et sollt eng deier Léisung vun 26 Millioune ginn, da muss ee sech dach awer dann nach froen, ob et verantwortungsvoll ass fir deen Terrain esou einfach brooch do leien ze loossen. Ech schléisse mech deene Wierder vum Här Klein un, datt den Här Buergermeeschter Recht behält an datt mer net nach op deem Terrain, dee mer elo proposéieren, a wou mer elo Méiglechkeeten hätte fir séier virun ze kommen, net och nach erëm eng Kéier Iwwerraschungen erliewen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei deem Terrain hei ass déi Prozedur ofgeschloss wou mer eis am Grand-Bis an op der Fonderie d'Zänn ausbäissen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech begréissen och, datt mer elo en Terrain fonnt hu fir emol eng Industriezon am PED unzeleeën. Mir stëmme jo elo iwwer déi 50.000 Euro of, a wann ech richteg gelies hunn, dann ass dat jo eng Virfinanzéierung, déi duerno jo iwwer de SIKOR soll iwwerholl ginn. Esou steet et jo emol an der Délibératioun.

Ech hätt et awer begréisst, wa mer an den Ënnerlagen e Kadasterplang dobäigehat hätten. Wou leien déi 5,3 Hektar ëm déi et hei geet? Well et ass jo och nach virgesi fir hanne bei der Gare Garagen ze bauen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi 5,3 Hektar leien do virdrun. Et ass do, wou dee klenge Rond-point um Contournement ass.

Hei si mer elo op deem Punkt wou mer soen, datt mer Sue brauche fir e Plang auszeschaffen. Mam Projet komme mer duerno zeréck an de Gemengerot an dee Moment gëtt de Projet dann och virgestallt.

Et ass esou, datt dee Projet wuel vum SIKOR iwwerholl gëtt. Mä well et eng ‚zone régionale' ass, gëtt de Projet zu 85% vum Wirtschaftsministère finanzéiert. A bei der ‚mise à disposition' vun den Terrainen un d'Firmae kritt de Ministère déi Suen dann och erëm.

Roland Breyer, Schäffen:

De SIKOR hätt déi Saach och kënnen direkt iwwerhuelen. Mä hien ass de Moment an enger ‚phase de restructuration' dran, wou d'Gemeng Suessem Member soll ginn. An do mussen d'Statute geännert ginn. An de Moment si mer nach an enger Prozedur dran, wou de SIKOR net an der Lag ass fir direkt hei mat dranzeklammen. D'nächst Woch kënnt de SIKOR zesumme fir ze kucken, wéi wäit ee ka mat de Statute weiderkommen. Déi bestehend Gemengen Déifferdang, Käerjeng a Péiteng si schonn averstane fir Terrainen an déi regional Zone mat eranzeleeën. Mir waarden elo nach op d'Äntwert vu Suessem fir ze kucken, ob si elo Terraine mat eraginn oder ob se sech finanziell dru bedeelegen. Déi zwou Méiglechkeete ginn et. An esou séier dat kloer ass, kann de SIKOR d'Gestioun iwwerhuelen.

Well dat hei awer eppes ass, wou mer der Meenung sinn, datt et ganz séier ka goen – wa mer ganz optimistesch sinn, da kann d'nächst Joer ëm dës Zäit mat den Infrastrukturaarbechten ugefaange ginn – soll ee vun der Opportunitéit profitéieren an direkt lass fueren. Dofir hu mer et de Moment iwwer d'Gemeng geholl.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat wier natierlech eng gutt Saach. Well et ass net interessant fir eng Gemeng, wa se esou massiv Terraine brooch leien huet, a wou sech eng Industrie, respektiv Handwierksbetriber kéinten nidderloossen.

Sinn dann an deem Terrain Analyse gemaach ginn? Wat war virdrun do? Watfir Aktivitéite ware virdrun op deem Terrain? Ech sinn dee Jéngsten heibannen, an ech ka mech un näischt do erënneren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Op deem ganze Site stoung d'Schmelz drop. An op engem Deel dovunner steet de Lycée elo drop, esou wéi och ALZ, Air Liquide, Avery Dennison, asw.

Fréier war déi Zone ‘national'. De Ministère ass elo bereet eng Ëmklasséierung ze maachen. Normalerweis hätte si jo nach kënne Betriber dohinnerbréngen. Si stellen awer fest, datt dat net esou einfach ass fir nach national Betriber dohinner-zekréien. Op der anerer Säit hu se awer méi eng pousséiert Demande fir méi kleng Betriber, artisanal Betriber, ënner Daach ze kréien. An dofir si se bereet fir déi national Zone an eng regional Zone ëmzeklasséieren. An dat gëtt eis dee Moment d'Méiglechkeet fir déi Betriber do ënnerzebréngen.

Esou wéi déi Zone am Moment nach definéiert ass, kéinte keng normal Handwierksbetriber do implantéiert ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

An deen Terrain, vun deem mer elo hei schwätzen, war dann och Terrain vun der Schmelz?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg.

Romain Becker (Déi Gréng):

An do si mer sécher, datt net eng Kéier eppes fonnt gëtt an datt deen Terrain net dann och muss sanéiert ginn?

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Prozedur ass jo schonn ofgeschloss. Déi Commodo-Prozedur ass scho geschitt an do steet alles fest. Et ass keng Iwwerraschung méi an deem Sënn ze erwaarden. An dofir konnten déi Betriber, déi elo schonn do sinn, och dohinner kommen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Well jo awer dee ganzen Areal Schmelz war, an d'Schmelz och verschidden Aktivitéiten op verschiddene Plaze vun hirem Site hat, kéint et jo awer sinn, datt

op enger Plaz awer eppes fonnt gëtt. An dann ass dat ganzt erëm eng Kéier ‚parti pour la gloire'.

Roland Breyer, Schäffen:

Et gëtt u sech elo eng Baulück opgefëllt. Riets a lénks vun däer heite Plaz si scho Betriber. An déi sinn alleguerten an déi Commodo-Prozedur gefall. An op däer Plaz hei ware keng Aktivitéiten. Do waren d'Buggien ukomm.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat war och eis Suerg. A mir hu ganz kloer zum Ministère gesot, datt mer am gaange sinn 3 Prozeduren ze maachen an datt mer net nach wëllen eng véiert ufänken. An et ass och gesot ginn a bewise ginn, datt op deem ganze Site d'Commodo-Prozedur ofgeschloss ass. Esou datt mir nach just brauchen d'Infrastrukturen ze maachen an da kënne mer ufänken.

Accord à l'unanimité.

8.

Vie associative.

«Vespa Club 69 Minette» - changement des statuts.

Il en est pri acte.

9.

Questions des conseillers communaux.

Romain Becker (Déi Gréng):

Am 'Quotidien' vum Donneschden, 2. September 2010, konnt een ënner dem Titel „Les chantiers se suivent" ënner anerem Folgendes liesen: „Une population en augmentation ... Ce ne sont pas les projets de lotissements qui manquent. Il y a un projet de lotissement sur le site d'Eucosider à Pétange. Il s'agit d'environ 300 logements." Dozou wollt ech wëssen:

Wéi wäit sinn d'Diskussioune mam Propriétaire vun deenen Halen a wat geschitt mat deene bestehenden Infrastrukturen?

Besti scho Pläng, wéi dat Ganzt duerno sollt ausgesinn a ginn et wierklech, wéi de Buergermeeschter der Zeitung sot, 300 Logementer?

Kéint een op däer Plaz net eppes aneschters virgesinn, wat de Buedem do net esou géif versigelen, well jo awer vill Waasser, Grondwaasser do vum Prënzebierg erofkënnt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat deen Dossier ubelaangt, esou muss een emol fir d'éischt soen, datt mat deem Propriétaire Verhandlunge lafen. De Propriétaire huet och elo, well et him an der Prozedur vun der PAP-Ëmklasséierung net séier genuch geet, ee Moment envisagéiert gehat – an ech mengen, hien envisagéiert dat nach ëmmer – fir aner Betriber do eranzekréien. Dobäi hu mer him awer onmëssverständlech matgedeelt, datt mir ganz genee oppasse wat dohinner géif kommen. A mer géifen enger ‚modification d'affectation' nëmmen zoustëmmen, wann dat keng negativ Repercussiounen op d'Nidderkuerer Strooss an d'Alentoure wäert hunn.

Mir géife léiwer gesinn, wann déi Prozedur, déi mer am gaange waren – a wou mer eis jo och eens gi ware fir eventuell deen Terrain ëmzeklasséiere fir e Mix vu Wunnengs- a Bürosraum ze schafen – och géife virundreiwen, wéi wa mer elo géifen Tëscheléisunge siche fir Betriber do Ënnerdaach ze bréngen, déi Nuisance fir eis Bevëlkerung géife mat sech bréngen.

Ech hunn nach haut e Bréif ënnerschriwwen, wou mer d'Positioun vum Schäfferot dem Propriétaire matdeelen.

Wat déi 300 Logementer ubelaangt, déi an engem Artikel stoungen, esou berifft de Buergermeeschter sech op eppes, dat hei am Gemengerot décidéiert ginn ass. Ech erënneren drun, datt mer den 08.12.2008 hei eng Conventioun mam Pacte logement ënnerschriwwen hunn, an do stoung dran, datt op däer dote Plaz géif Wunnengsraum geschafe ginn. Dat war eng vun deene Konditiounen, déi mer doranner festgehalen haten. An dat sinn 13,6 Hektar. Mir haten och gesot, datt dat géif an Etappe goen. An do geet vun engem Total vun 406 Logementer Rieds. Dat hu mer hei ofgestëmmt an et gouf eestëmmeg guttgeheescht.

Dat heescht, wou ech vun der Press gefrot gouf, hunn ech op Gronn vun däer Décisioun, déi hei geholl gouf, déi Informatioun ginn. Ech hat awer emol vun 300 Logementer geschwat. Mir sinn awer nach wäit vun engem definitive Projet ewech. Mä d'Richtlinn gouf awer hei am Gemengerot festgehalen. Et ass elo net eng Décisioun vum Buergermeeschter, mä et ass eng Richtlinn, déi mer hei am Gemengerot zesumme festgeluegt hunn.

Wat elo dohinnerkënnt, esou si Pläng do. Si stinn zu Diskussioun, an ech menge mir haten se och eng Kéier hei am Gemengerot an enger informeller Sëtzung am Kader vum neie PAG. Et gëtt e ‚plan directeur', wou awer nach net all Eenzelheete bekannt sinn. An dee ‚plan directeur' muss nach duerchdiskutéiert ginn, a mer wäerten dat och am Kader vun der Prozedur vum PAG maachen.

Mä et gesäit een awer, wat do virgesinn ass. An et geet an déi Richtung, datt do eng Rei Logementer an eng Rei Bürosraim wäerte geschaf ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wann de Propriétaire säin Terrain wëll hirginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, et muss een natierlech kucken, wat e soss drop mécht.

Romain Becker (Déi Gréng):

An deem selwechten Zesummenhang kommen ech dann zu menger zweeter Fro.

A senger Äntwert op meng Fro hei am Sall vum 11. Juli 2008, sot de Buergermeeschter, datt déi Piste vun engem technesche Musée nach ëmmer op wier an d'Diskussioune mat Verwaltungen a Ministèren am Lafe wiere fir eventuell esou eng Realisatioun zu Péiteng. Wéi wäit sinn déi Diskussiounen elo no 2 Joer? Et wier onheemlech schued, wann déi Schinnesträng, déi bis op den Terrain leien, net kéinte sënnvoll genotzt an ewechgeholl géife ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass schonn eng Diskussioun déi leeft, fir esou een technesche Musée op dee Site ze maachen. Do mussen natierlech emol fir d'éischt déi Konditiounen erfëllt sinn, datt déi Ëmklasséierung geschitt ass. Déi Aarbecht ass jo am gaangen am Kader vun deem PAP, dee do soll eng Kéier opgestallt ginn an deen dann hei soll gestëmmt ginn. Och nodeem d'Verhandlunge mat dem Propriétaire vun deem Terrain ofgeschloss sinn, ass do virgesi fir en technesche Musée ze maachen. Mir als Gemeng insistéieren ëmmer drop – an de mueren hunn ech nach e Bréif an deem Sënn geschriwwen - , datt eng Fläch, wéi eis de Ministère se proposéiert huet - op deem Site reservéiert gëtt fir esou een technesche Musée opzeriichten.

Et sollt och iwwer 2 Joer eng Étude gemaach ginn an do läit och en Tëschebericht vir. Mä wéi deen technesche Musée elo soll ausgesinn, dat décidéiere mir net. Et ass en nationalen technesche Musée, dee mir och zum gréissten Deel duerch Statssubside finanzéiert kréien. Dat heescht, dee gréissten Deel gëtt iwwer den nationale Volet ofgedeckt, an nëmmen e klengen Deel iwwer de

regionalen a lokale Volet. Esou datt mir engersäits waarde fir ze gesinn, wéi dee Musée op Gronn soll ausgesinn an anerersäits musse mir eis Hausaufgab viruféieren, dat heescht fir dee ganze Site ëmzeklasséieren vun enger ‚zone industrielle' an eng ‚zone d'habitation'.

Déi Aarbechte wäerten awer sécherlech nach net haut a muer ofgeschloss sinn. Ech weess awer, datt an deem Tëschebericht – dee gemaach gouf an deen ech och hunn – drasteet, datt Péiteng sécherlech och an deem Kontext vun nationaler Säit als privilegéiert Site zeréckbehale ginn ass.

Wann déi néideg Moyenen do si fir dat eng Kéier opzeriichten, da sinn ech der Meenung, datt eng grouss Chance besteet datt esou eng Installatioun heihinner kënnt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Den 20. November 1991 ass de Prënzebierg duerch e Règlement grand-ducal zu enger Réserve naturelle ginn an d'Limite vun der ‚Zone tampon' vun däer Réserve leeft just südlech laanscht déi aktuell Hale vun der Eucosider. Kéint een net dovunner ofgesi fir dee ganze Site ze bebauen, mä just deen Deel ënne laanscht d'Strooss fir op Rolleng, fir an deem Sënn der Natur nees dat zeréckzegi wat mir hir deemools 1970 geholl hunn andeems déi grujelech Hale villzevill no bei de Bësch gebaut goufen. Domatter kéinte mer am Sënn vum Naturschutz déi ‚Zone tampon' wesentlech vergréisseren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Engersäits ass dat heiten eng Zone industrielle. Et ass sécherlech méi einfach fir eppes aus enger Zone industrielle an eng Zone d'habitation ëmzeklasséieren. Do ass de Propriétaire éischter domatter d'accord well et – wann et fäerdeg ass – wahrscheinlech eng Plus-value vum Terrain mat sech bréngt.

Wa mer et elo ëmklasséieren an eng Zone tampon zur Réserve naturelle, wou een näischt kann drop bauen, da fanne mer kaum eng Eenegung an dat wäert dann net esou einfach ginn.

Ech muss awer och soen, datt ech mer déi Saach nach eng Kéier op Gronn vun Äerer Fro ugekuckt hunn. Mir sinn awer schonn e gutt Stéck vun der Réserve naturelle ewech. Dat heescht, déi Zone tampon ass awer net esou kleng wéi Dir dat hei undeit. Wann déi grujeleg Hale bis ewech sinn, da soll jo eng Zone d'habitation dohinnerkommen. Uewen zum Bësch – wou u sech jo d'Lag am flottsten ass – géif een éischter Wunnengsraum maachen an ënne laanscht d'Eisebunn – wou dach vläicht méi Kaméidi ass – géif een artisanal, respektiv Bürosraim schafen. Dat géif dann och eng Zone tampon vis-à-vis vun der Eisebunn ginn, an déi Leit, déi sech eng Kéier en Terrain do kafen an en Haus drop bauen, hätten och eng flott Lag. Ech kéint mer och virstellen, datt déi Distanz, déi elo par rapport zum Prënzebierg ass, awer grouss ass.

Et kann een natierlech ëmmer nach driwwer diskutéiere wann de PAP eng Kéier am Detail zur Diskussioun virläit. Mä ech sinn awer der Meenung, datt et eng zousätzlech Hürd gëtt fir z'iwwerwanne wa mer deene soen, datt d'Halschent vum Terrain och nach als Zone verte oder Zone agricole klasséiert gëtt. Da gi mer eis sécherlech mam Propriétaire guer net eens.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt vun iech wëssen, wéi et mat eisem esouvill geluewte Projet ‚Pedibus' gestallt ass. Ëmmer méi liest een an der Zeitung vu Gemengen hei am Land, déi e ‚Pedibus' op d'Been gestallt hunn an deen och perfekt fonctionnéiert. Och stoung den 11.03.2009 am ‚Quotidien' iwwer Péiteng „Un moyen de transport économe" a weider „ ... une soixantaine d'enfants attendent déjà le premier passage du Pedibus" gëtt e Fonctionnaire aus eiser Verwaltung zitéiert. Leider huet dat hei zu Péiteng net geklappt. Am 'Meng Gemeng' vum Abrëll 2010 mam Titel ‚Bilan 2008-2009' konnt een op der Säit 13 liesen, ech zitéieren: „Das Projekt Pedibus, das im Februar 2009 gestartet wurde, kam bedauerlicherweise bis jetzt noch nicht richtig ins Rollen."

Meng Fro ass, firwat fonctionnéiert de Pedibus an anere Gemengen, awer net bei eis? Wat kann d'Gemeng nach maache fir interesséierten Elteren entgéint ze kommen? Mécht eis Administratioun genuch oder begnüge mer eis mat guttgemengte Reklammen a Formuläre fir sech anzeschreiwen an eisem Périodique ‚Eis Gemeng'. Solle mer do net nach eng Kéier eng gewalteg Schëpp noleeën? Well et ass gewosst, wéi gesond déi Bewegung fir eis Primärschoulkanner ass. Mir mussen onbedéngt ophalen, eis Kanner mam Auto bis bal an de Klassesall ze féieren. Well domatter leeschte mer hinnen absolut keen Déngscht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat dee Projet Pedibus ubelaangt, esou muss ee soen, datt mer hei zu Péiteng fir d'alleréischt eng Rei Leit hunn, déi méi wäit ewech wunnen an doduerch mam Bus bei d'Schoul gefouert ginn an och musse gefouert ginn. Well et ass utopesch fir ze mengen, datt vu ganz hannen op der Lëtzebuerger Strooss d'Leit zu Fouss bei d'Schoul wäerte goen. Zemol an der heiteger Zäit, jo awer jidderee méi mobil ass a méi mam Auto doruechter fiert.

Dofir brénge mer Kanner, déi an engem Ëmkrees vu méi wéi 500 Meter vun der Schoul ewech wunnen, mam Bus erbäi. Dat si ronn 10% vun de Schüler.

Et gëtt och eng Rei Kanner, déi mam Auto bei d'Schoul gefouert ginn. Mä et kommen awer och ganz vill Kanner zu Fouss an d'Schoul. An dat stellt een ëmmer erëm fest, wann e mueres um 8 Auer ronderëm d'Schoule kuckt. Do komme ganz vill Leit zu Fouss mat hire Kanner an d'Schoul. Et sinn scho ganz vill Leit sech bewosst, datt et eriwwer ass fir d'Kanner ëmmer mam Auto bei d'Schoul ze féieren. Ganz vill Leit hunn d'Bewegungsnoutwennegkeet vun de Kanner agesinn a ginn zu Fouss mat de Kanner bei d'Schoul.

Wat d'Demande fir de Pedibus betrëfft, esou muss ee feststellen, a mer hunn dat erëm eng Kéier probéiert, datt quasi keng Kanner interesséiert si fir mat dem Pedibus matzegoen. A mer fanne scho guer keng Persounen, déi gewëllt si mat de Kanner matzegoen. Bis op ee Fall, wou mer dëst Joer en Trajet probéieren.

Ech sinn der Meenung, datt et sech éischter op inoffiziellem Wee organiséiert. Et gesäit een, datt vill Persoune mat enger ganzer Rei Kanner an d'Schoul ginn. Ech hunn d'Impressioun, datt dat zevill Offiziellt net gutt ukënnt. A wann een esou een Engagement hëlt fir mat de Kanner an d'Schoul ze goen, dann ass een och verflicht fir dat all Dag ze maachen an et ass een net esou fräi. An et weess een och, wéi d'Mënschen haut sinn. D'Mënsche wëlle gäre fräi décidéiere wat se maachen, esou datt dat Offiziellt e bësse gehemmt ass.

Dir schreift och, datt de Pedibus a ville Gemengen esou tipptopp géif lafen. Ech kréien awer vu ganz ville Kollege gesot, datt et wuel op verschiddene Plaze leeft, mä datt et nach laang net optimal fonctionnéiert an och op ville Plaze Schwieregkeete ginn. A si begéinen déi selwecht Schwieregkeete wéi bei ons.

Wéi d'Kanner an d'Schoul kommen ass um Endeffekt d'Décisioun vun den Elteren. Mir kënne Piste virweisen an de Leit soe wéi si et solle maachen a wéi mer et gären hätte wéi si et solle maachen. Mä doriwwer eraus nach méi Drock op d'Leit ze maache fir se z'iwwerzeegen en anere Wee anzeschloen, weess ech net ob dat éischtens e groussen Erfolleg huet an

zweetens mengen ech och net, datt dat eis Aufgab ass. Mir sollen de Leit ëmmer erëm eng Méiglechkeet ubidden. Wann ech awer gesinn, wéivill Kanner sech fir de Pedibus mellen, esou ass dat eng ganz kleng Demande. Doriwwer eraus feelt et och nach u Leit, déi wëlle mat de Kanner matgoen. Do wou et gefrot ass, solle mer et als Gemeng begleeden an et maachen, mä wann et net gefrot ass, da solle mer de Leit et och net opzwéngen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech soen Iech Merci. D'lescht Woch hat ech e flotten Artikel an der Zeitung gesinn. Ech mengen et war iwwer Beetebuerg a Schëffleng. Ma da bréngen déi Kollegen et gutt fäerdeg fir et gutt ze verkafen obwuel et net esougutt fonctionnéiert.

Da kéim ech zu menger leschter Fro:

Wann elo d'Schüler aus de Klasse vum Régime préparatoire vum LTMA erëm zeréck an de fuschneie Jenker op Uewerkuer plënneren, hu mer dee ganze Site vum LTMA an der Batty Weber-Strooss hei zu Péiteng eidel. Besti Kontakter mat der Administration des Bâtiments publics, wat dann elo mat deene Gebaier geschéie soll? Huet de Schäfferot vläicht scho Pläng am Tirang, déi en dann erauszitt wéi den Zauberer d'Kanéngchen aus dem Hutt, wann et esouwäit ass? Kéint de Schäfferot dann de Gemengerot am Virfeld iwwer seng Pläng informéieren éier mer et aus der Press gewuer ginn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass richteg, datt den LTMA do erausplënnert an datt mer am Gespréich sinn, an dat zanter dem Summer, wou mer gewuer si ginn, datt de Regime préparatoire an de Jenker plënnert. Mir sinn nach ëmmer am Kontakt fir gewuer ze gi wat do soll geschéien. An dat aus e puer Ursaachen. Engersäits well mer mengen, datt mer kéinte fir eng kuerz Zäit ee Pavillon récupéréieren, fir wa mer an der Eigent-Schoul d'Ëmbauaarbechte fir de Précoce virhuelen. Do musse mer eng Plaz fanne fir zäitweileg 6 Klassen ënnerdaach ze kréien. Déi Aarbechte sollen am Fréijoer ugoen, an a Plaz datt mir elo fir ee Joer e Container lounen, kënne mer och vun engem Pavillon profitéieren, deen op engem Terrain dernieft steet. Op der anerer Säit ass och eng Demande vum Syndicat d'Initiative do, fir eng Léisung ze siche wou se hir Owescourse kéinten ofhalen. An do kéint een eng Combinaisoun maache wann ee fir 2 Joer esou ee Pavillon kéint lounen.

Et ass och vum Educatiounsministère envisagéiert – an dat sinn ech iwwer en inoffizielle Wee gewuer ginn – fir dee Projet vun der ‚Ecole de la deuxième chance' provisoresch während deenen éischte Joeren do ënnerdaach ze bréngen. Dat wieren zou Klassen.

Si wäerten och en Deel vun deene Gebaier do ofrappen - an dat ass eis och vum Ministère du développement durable et des infrastructures gesot ginn – esou datt mer um Enn nach 2 Aktivitéiten op deem Site behale wäerten. Dat eent ass déi ‚Ecole de la deuxième chance' an dat anert wier eventuell d'Owescoursen an d'Méiglechkeet fir eis Kanner während den Ëmbauaarbechten an der Eigent-Schoul ënnerdaach ze bréngen.

Mir wëssen awer – an dat wäert fréier oder spéider eng Kéier geschéien - , datt an 2 bis 3 Joer dee Site do total fräi ass.

Mir hunn net nëmmen alleng Saachen am Tirang – esou wéi Dir dat sot – oder datt een et aus der Zeitung gewuer gëtt. Am Aide-mémoire vum Gemengerot vum 20.07.2009, wou mer d'Maison Relais vu Péiteng virgestallt hunn, war op der Säit 19 e Plang fir ze weisen, wéi mer eis virstellen, wéi dee Site duerno kéint ausgesinn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat war awer déi Zäit futuristescht Denken. Mir woussten als Gemeng jo nach net, wéi et mat deem Gebai géif virugoen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ma dach. Dat war schonn ‚en vue' datt dat Gebai géif verschwannen. An dat futuristescht Denken ass dat, wéi mir eis et virstelle wéi et kéint ausgesinn, wann eng Kéier de Lycée op däer Plaz verschwënnt. A méi wäit si mer och nach net. A wann et eng Kéier esouwäit ass, da muss een och do mam Propriétaire – wat de Stat ass – diskutéieren an deem seng Vue kucken. Et kann een net vun uewen erof eppes diktéieren. Et si säitdem nach keng nei Erkenntnisser dobäikomm.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat heescht, et ass jo nach net fir haut a muer, vu datt déi Gebaier nach eng aner Affektatioun solle kréien. Et sinn zwee Gebaier, déi relativ vétuste sinn. Dat si wahrscheinlech déi éischt, déi ofgerappt ginn. A wann et fäerdeg ass, dat bleift dat anert Gebai nach éiweg stoen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir déi Schoul vun der zweeter Chance ass en anere Site envisagéiert. Bis dat op däer anerer Plaz fäerdeg ass – an do schwätze mer vun 2 Klassen – géifen se op dee Pavillon vum Lycée zeréckgräifen. Mä wann dat bis realiséiert ass, géif dat Gebai definitiv ofgerappt ginn. Hei gëtt vun zwee Joer geschwat, vun enger ‚phase transitoire'. An et bleift nëmmen ee Brochdeel vun deem bestoe wat elo nach gutt ass a wat fir déi zwee Joer nach gebraucht gëtt. All de Rescht gëtt elo schonn ofgerappt.

Séance publique du 25 octobre 2010

Durée de la séance: *09.00 à 12.30 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP) - jusqu'au point 8.2. inclus)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP) - à partir du point 8.3.

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (9.00 heures)

1. Personnel
   1.1. Classement d'une assistante sociale - décision.
   1.2. Promotion d'un fonctionnaire - décision.
2. Prévisions sociales
   2.1. Démission volontaire d'une éducatrice diplômée - information.
   2.2. Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) - décision.

Séance publique (9.30 heures)

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   4.1. Commissions consultatives: démissions et nominations - décisions.
   4.2. Titres de recettes - approbation.
   4.3. Allocation d'une indemnité pour la remise à domicile des cartes d'impôts pour l'année 2011 - décision.
   4.4. Allocation d'une indemnité aux recenseurs pour le recensement général de la population du 1er février 2011 - décision.
   4.5. Réaménagement partiel de l'Ecole « Neiwiss » à Rodange - approbation du décompte.
   4.6. Mise en conformité de l'ancien bâtiment de l'Ecole « Am Paesch » à Rodange - approbation du décompte.
   4.7. Aménagement d'une aire de jeux au lotissement « Ronnwiss » à Rodange - approbation du décompte.
5. Enseignement: organisation d'après-midi de loisirs « Vakanzaktioun » en 2011 - décision de principe.
6. Enseignement musical: organisation scolaire pour l'année 2010/2011 - décision.
7. Propriétés
   7.1. Contrat de bail pour un logement communal à Pétange, rue Prince Jean n°2 - approbation.
   7.2. Acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit « avenue Docteur Gaasch » - approbation de l'acte.
   7.3. Acquisition de terrains sis à Rodange, lieu-dit « Au Doihl » - approbation de l'acte.
   7.4. Vote d'un crédit spécial pour l'installation d'une centrale de cogénération et de chauffage urbain au Centre sportif à Pétange - décision.
8. Prévisions sociales
   8.1. Fixation de l'effectif du conseil d'administration du nouvel office social - nouvelle décision.
   8.2. Nomination des membres du conseil d'administration du nouvel office social - décision.
   8.3. Convention avec le Club Senior Prënzebierg pour l'exercice 2010 - approbation.
9. Ordre public: prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2011 - décision.

10. Cultes: Acquisition, par la Fabrique d'Eglise de Lamadelaine, d'un appartement avec cave et emplacement pour voiture dans la résidence « Max » à Lamadelaine - avis.
11. Vie associative: « FC Bayern München Fanclub Péiteng 2010» - statuts.
12. Dépenses diverses: octroi de cadeaux de service - décision.
13. Transports et communications: modification du règlement général de la circulation routière - approbation.
14. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1.

Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Prévisions sociales:

Mme Feller Véronique de Pétange est engagée comme éducatrice diplômée dans les Maisons Relais de la Commune de Pétange.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Madame, Dir Häre, an enger viregter Gemengerotssëtzung hat den Här Norbert Pierre d'Fro opgeworf, ob am Haus Nummer 11 an der rue de la Liberté hei zu Péiteng, en Haus dat eis gehéiert, Rate wieren. Eisen technesche Service ass dohinner kucke gaangen. Et gëtt keng Spuer vu Raten do. Et si keng Exkrementer do, et ass guer näischt do, esou datt mer kënne soen, datt mer keng Raten hunn obwuel dat Haus net bewunnbar ass.

4.1.

Administration générale.

Commissions consultatives: démissions et nominations – décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei sinn eng ganz Rei Demissiounen erakomm vun der Madame Viviane Neu, dem Här José Sevivas, dem Här Laurent Bour, der Madame Nathalie Baulisch, der Madame Marie-Paule Gantrel zwee Mol. Dat heescht, et sinn alles „membres démissionaires" vun der LSAP an deenen eenzelne Kommissiounen. Si proposéieren déi duerch aner Leit ze ersetzen, an zwar duerch den Här Jean Schmit an der Chancëgläichheetskommissioun, d'Mme Catia Gonçalves an der Chancëgläichheets- an an der Auslännerkommissioun, den Här José Barros Gomes an der Familljekommissioun, den Här Cyrille D'Orazio an der Jugendkommissioun, d'Madame Catia Gonçalves an d'Jugendkommissioun, den Här Francesco Tartarelli an d'Kommissioun vum 3. Alter, an den Här Jérôme Theis an d'Sports- a Fräizäitkommissioun.

Ech géif iech proposéieren dat alles an engem Vote ze stëmmen. Wann eng Wuertmeldung do ass, da kann déi och gemaach ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt trotzdem e puer Erklärungen dozou ginn, well dat si jo eng ganz Partie Leit. Dat heescht net, datt bei eis näischt méi leeft, mä dat ass einfach esou, datt mer reagéiert hunn op déi vill Ufroen, déi mer vum Schäfferot krute well verschidde Leit net méi an deene respektive Kommissioune waren oder well do Leit an eng aner Gemeng plënneren, ewéi d'Madame Viviane Neu an d'Joffer Nathalie Baulisch. D'Madame Marie-Paule Gantrel huet duerch säi Beruff keng Zäit méi fir dat auszeüben. Bei zwee Leit, dat ass de Laurent Bour a de José Sevivas hu mer op är Ufro hi reagéiert. An der hutt et jo och eng Kéier esou gemaach, datt der eent éliminéiert hutt ouni datt et selwer demissionéiert huet. Also hu mer eis dorop baséiert, an dofir sinn och esou vill Leit op däer Lëscht.

Démission est accordée à Mme Viviane Neu comme membre de la commission de l'égalité des chances avec 15 voix.

M. Schmit Jean de Pétange est nommé nouveau membre de la commission de l'égalité des chances avec 15 voix.

Démission est accordée à M. Sevivas José comme membre de la commission de l'égalité des chances avec 15 voix.

Mlle Gonçalves Cathia de Pétange est nommée nouveau membre de la commission de l'égalité des chances avec 15 voix.

Démission est accordée à M. Sevivas José comme membre de la commission des étrangers avec 15 voix.

Mlle Gonçalves Cathia de Pétange est nommée nouveau membre de la commission des étrangers avec 15 voix.

Démission est accordée à Mme Viviane Neu comme membre de la commission de la famille avec 15 voix.

M. Barros Gomes José de Pétange est nommé nouveau membre de la commission de la famille avec 15 voix.

Démission est accordée à M. Bour Laurent comme membre de la commission de la jeunesse avec 15 voix.

M. D'Orazio Cyrille de Rodange est nommé nouveau membre de la commission de la jeunesse avec 15 voix.

Démission est accordée à Mlle Nathalie Baulisch comme membre de la commission de la jeunesse avec 15 voix.

Mlle Gonçalves Cathia de Pétange est nommée nouveau membre de la commission de la jeunesse avec 15 voix.

Démission est accordée à Mme Marie-Paule Gantrel comme membre de la commission du 3e âge avec 15 voix.

M. Francesco Tartarelli de Lamadelaine est nommé nouveau membre de la commission du 3e âge avec 15 voix.

Démission est accordée à Mme Marie-Paule Gantrel comme membre de la commission des sports et des loisirs avec 15 voix.

M. Theis Jérôme de Pétange est nommé nouveau membre de la commission des sports et des loisirs avec 15 voix.

4.2.

Administration générale.

Titres de recettes – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do hutt der eng ganz Rei Recetten, déi erakomm sinn. Ech wëll dräi Saachen ervirsträichen. Mer hunn d'Gewerbesteier – d'Avance fir dat 3. Trimester – kritt, dat sinn 2,882 Milliounen Euro. Dann hu mer d'Dotation de l'Etat kritt, och d'Avance fir dat 3. Trimester, mat 5,449 Milliounen Euro. Dozou wëll ech awer soen, datt mer bei deenen 5,449 Milliounen Euro deen Drëttel vun de Gehälter, dee mer mussen de Schoulmeeschtere bezuelen en vue vun dem Joer 2010, mä deen awer eréischt an de Budget 2011 komm ass, mussen ofzielen. Dat ass eng Instruktioun vum Inneministère. Mer hunn 5,449 Milliounen Euro minus 1,7 Milliounen Euro kritt, wann ech d'Zuele richteg am Kapp hunn.

Wéi der wësst hu mer jo déi ganz Terraine verkaf fir d'Collectrice ze maachen. Do hate mer jo deen éischten Deel krut, wat och ëm déi 190.000 Euro ware fir den Terrain selwer. Do stoungen awer d'Zënsen nach op well mer se schonn 1992 oder 1993 hätte solle kréien. Dat sinn och nach eng Kéier 190.000 Euro. Déi stinn ënner dem 1. Punkt. Dat ass am Fong, wat den Terrain méi wäert ginn ass well mer déi Suen ebe vill méi spéit kritt hunn ewéi mer se hätte misse kréien.

Approbation à l'unanimité.

4.3.

Administration générale.

Allocation d'une indemnité pour la remise à domicile des cartes d'impôts pour l'année 2011 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi ëmmer leeë mer hei déi eenzel Tariffer fest. Zënter 1998 steet den Tarif vun der „indemnité forfaitaire" bei 74,73 Euro. Mer hu gemengt, mer sollten dat op 100 Euro eropsetzen. Mer sti scho ganz laang op deem Chiffer, a mer wëssen och, datt et fréier oder spéider net méi eis Aufgab wäert gi fir déi Aarbecht do ze maachen. Wann ee jo weess, datt dat nach méi laang kann dauere bis do eng Ännerung kënnt, schloe mer iech vir, vun dësem Joer un 100 Euro ze bezuelen. Et sinn am ganzen 18 Agenten, déi dës Indemnitéit kréien.

Accord à l'unanimité.

4.4.

Administration générale.

Allocation d'une indemnité aux recenseurs pour le recensement général de la population du 1er février 2011 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei kënnt jo eppes, wat all 10 Joer usteet. Do maache mer en „recensement général" vun eiser Populatioun op den 1. Februar 2011. Do ass den 18. Juni 2010 e Bréif vum Statec komm, a mer wollten iech dann och dës Propositioun maache fir déi Indemnitéiten, déi mer am Kader vun dëser Volkszählung wëlle bezuelen. Fir den „agent recenseur" géife mer 25 Euro bezuele fir d'„participation à la conférence d'instruction", 1 Euro fir all „immeuble recensé", 2 Euro fir all erfaasste Stod, 1,2 Euro fir all „individu recensé".

Fir déijéineg, déi an der Gemengeverwaltung d'Kontroll vun den Dokumenter maache géife mer 0,2 Euro fir all „individu recensé" offréieren. An da géife mer awer näischt bezuele fir déi – esou wéi de Stat dat och virgesäit -, déi iwwer den elektronesche Wee äntwerten.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu just eng Fro. Et ass jo esou verstanen, datt et net dat duebelt gëtt. Dat si jo déi 25 Euro. Mer verduebelen et jo net.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et heescht jo „D'accorder, comme part de la commune…". Mär bezuelen dat als Gemeng.

Jeannot Linden (LSAP):

An de Stat gëtt dat anert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, dee gëtt och eppes.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat heescht, mär ginn dat selwecht wéi dat, wat de Stat gëtt ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer haten 2001 och dee selwechte System gemaach. Mer hunn ëmmer nees eppes bäigi fir och Leit ze fannen, déi dat maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Bei der Volkszählung, déi all Joer am Oktober gemaach gëtt, muss ee jo och all Persounen uginn, déi do sinn. A bei deenen, déi fort sinn, muss een dat jo och op den Ziedel schreiwen. Firwat kann déi net benotzt gi fir deen „recensement" do ze maachen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also déi heite Volkszählung geet vill méi an d'Detailer. Hei gëtt vill méi gefrot. Dat si Säiten a Säiten. Do gëtt gefrot wéivill Frigoen der hutt an esou weider. Mee do ass de Fichier wesentlech méi detailléiert, e geet vill méi an den Detail vun deenen eenzelne Stéid, esou datt et do schonn ubruecht ass fir dat separat ze maachen an déi Daten eranzehuelen.

Accord à l'unanimité.

4.5.

Administration générale.

Réaménagement partiel de l'Ecole «Neiwiss» à Rodange – approbation du décompte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei ass den Dekont vun den Ëmännerungen, déi mer an der Neiwiss-Schoul gemaach hunn. D'Neiwiss-Schoul ass jo och vun eiser Ministesch ageweit ginn. Mer hunn do zousätzleche Schoulraum geschaf, mer hunn e Bastelraum, e grousse polyvalente Sall an eng flott Kiche geschaf.

D'Devisen hate sech deemools op 4.455.000 Euro belaf. Déi effektiv Ausgab louch bei 4.391.423,52 Euro.

Albert Muller (LSAP):

Kann ee gewuer ginn, firwat en Affekot engagéiert gouf fir dëse Schantjen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat war eng Geschicht mam Här Weisgerber. Iwwer den Affekot hate mer dem Här Weisgerber matdeele gelooss, datt mer net grad mam Oflaf vun den Aarbechten averstane wieren.

Albert Muller (LSAP):

Huet dat da miissten iwwer en Affekot lafen? Hätt dat net esou kënne goen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et si gewësse Punkten, wou ee sech besser iwwer en Affekot ofséchert. Well wann nach eng Kéier Nowierkunge kommen, da kann ee

soen, datt mer dat geschriwwen haten a si géife bieden, sech un dat ze halen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer schwätzen hei vun 575 Euro. Esou vill huet d'Rechnung kascht. Et ware keng ganz héich Affekote-käschten. Den Här Majerus huet sech natierlech miissten an d'Matière aschaffe fir ze kucken, ëm wat et géif goen. An dunn hu mer dem Här Weisgerber dat matgedeelt.

Albert Muller (LSAP):

Et ass jo net de Käschtepunkt, deen ech kritiséieren. Ech weess aus Erfahrung, datt ee sech dacks mat den Architekte kann arrangéieren. Dofir huet et mech gewonnert, datt hei direkt esou sec duerchgegraff ginn ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wësst der, Här Muller, zu ärer Zäit gouf sech vill arrangéiert. Mee mer sinn net méi déi, déi sech vill arrangéieren, well dat geet ëmmer zum Nodeel vun der Keess vun der Gemeng Péiteng aus.

Albert Muller (LSAP):

Där hutt 2000 ugefaangen, wéi den Här Halsdorf d'Regiment iwwerholl huet, an och duerno wéi där d'Regiment iwwerholl hat, hunn ech nach geschafft. Dat heescht, ech war nach net a Pensioun, esou datt ech awer och aus däer Zäit weess, datt esou Saachen esou gehandhaabt gi sinn. Mee wéi gesot, ech kritiséieren hei net déi Zomm, ech wollt just wësse firwat.

Approbation à l'unanimité.

4.6.

Administration générale.

Mise en conformité de l'ancien bâtiment de l'Ecole «Am Paesch» à Rodange – approbation du décompte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm d'„mise en conformité" vum ale Gebai. An zwar war dat eng Saach, déi vill méi laang gedauert huet. Elo si mer endlech fäerdeg domatter an ech mengen, dat Gebai funktionéiert jo och scho vill méi laang. Et ass ganz vill dru geschafft ginn. Do ass an de Schoulsäll geschafft ginn an ënnen am Préau, esou datt mer kënne soen, datt mer hei och elo e Gebai hunn, wat um heitege Stand ass.

Den Devis war 450.000 Euro an déi effektiv Ausgab huet sech och 447.175,62 Euro belaf.

Approbation à l'unanimité.

4.7.

Administration générale.

Aménagement d'une aire de jeux au lotissement «Ronnwiss» à Rodange – approbation du décompte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer hunn haut den Dekont virleien, dee méi bëlleg ausgefall ass ewéi dat, wat mer agesat haten. Den Devis, deen hei am Gemengerot gestëmmt gi war, louch bei 24.615,50 Euro. Déi effektiv Ausgab louch bei 18.695,62 Euro.

Approbation à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

5.

Enseignement.

Organisation d'après-midi de loisirs «Vakanzaktioun» en 2011 – décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ier ech elo haaptsächlech op de Punkt 5 ze schwätze kommen, géif ech gär dem Här Klein eng kleng Explikatioun ginn, well hien am leschte Gemengerot zum Thema Vakanzaktioun e puer Froe gestallt hat. Et ass jo haaptsächlech drëm gaange fir den Datum ze verleeën. Do wollt ech soen, datt eis Vakanzaktioun 2010, esou wéi se programméiert war, gutt iwwer d'Ronne goung. Mer haten iwwer 540 Kanner, déi ageschriwwe waren an déi u sämtlechen Aktivitéiten deelgeholl hunn. Et louchen och keng Reklamatioune vir wat d'Datumen ubelaangt, déi vun der Gemeng festgeluegt gi waren.

Gutt, déi ass d'lescht Joer ausganks Juli an ufanks August gelaf, an 2011 läit se nach eng Kéier op esou engem Datum ier se dann 2012 an eng aner Philosophie erageet. Mer hunn awer während de Vakanzen nach ëmmer hei Aktivitéiten iwwer BDK lafen, déi während all Vakanz dat ubidde fir Kanner. Natierlech mussen se do e klengen Obulus bezuelen, mee se ginn awer do betreit a kënnen Aktivitéite maachen. Mer hunn an der grousser Vakanz, an der Ouschtervakanz a ganz dacks och nach iwwer d'Päischtvakanz, zesumme mat deenen anere Kordallgemengen, iwwer den SNJ och Vakanzaktioune lafen. A mer däerfen och net vergiessen, datt eis Maisons Relais während de Vakanzen och ëmmer op sinn, esou datt se do kënne betreit ginn an och Aktivitéite maachen. Just dat nach zum Thema Vakanzaktioun 2010.

Da wëll ech elo op d'Vakanzaktioun 2011 ze schwätze kommen. Et ass ee Punkt, wou mer kënne soen, datt eis Vakanzaktioun 25 Joer leeft, an déi soll och vum 25. Juli bis den 5. August 2011 sinn. Se wäert an deenen dräi Uertschafte Rodange, Lamadelaine a Péiteng lafen. Dat soll eng speziell Vakanzaktioun sinn, an dofir sinn och de Moment schonn déi Leit, déi normalerweis bei eis am Haus un der Vakanzaktioun schaffen, amgaang, e Programm op d'Been ze setzen. Dofir soll och nach 2011 d'Vakanzaktioun op deem Datum lafen. Se soll nomëttes lafen. A fir datt déi Vakanzaktioun nees esou gutt iwwer d'Bühn geet ewéi déi Joere virdrun, brauche mer natierlech op d'mannst 65 Moniteuren, 7 Chef moniteuren – dat sinn der 3 fir Péiteng, 2 fir Rodange an 1 fir Lamadelaine -, an ee polyvalente Chef moniteur, deen dat Ganzt e wéineg kontrolléiert. An do hätte mer natierlech ëmmer am léifste Leit, déi dem Léierpersonal ugehéieren. Mer schécken se och all Kéier a Formatiounscoursen, esou datt se déi sollen hunn. D'Indemnisatioun vun de Chef moniteure soll dann och festgeluegt ginn.

Fir dat alles ze encadréiere brauche mer och Studenten, déi op d'mannst 80% vum Mindestloun bezuelt solle kréien. Awer d'Kandidate sollen op d'mannst 17 Joer hunn. Mer wëlle keng, déi drënner leien, well mer hu fonnt, datt déi e wéineg ze jonk wiere fir d'Kanner kënnen ze betreien.

Ech géif iech bieden, dofir déi verschidde Punkten ze stëmmen. An zwar mol direkt, datt der averstane sidd, datt d'Vakanzaktioun soll vum 25. Juli bis den 5. August lafen; datt der dem Schäfferot d'Aufgab gitt fir d'Moniteuren ze nennen; datt mer eng Formatioun fuerdere fir déi Leit, déi eis Schüler sollen encadréieren; datt d'Indemnisatioun vun den Moniteure bei 1,20 Euro (Index 100) d'Stonn läit; datt d'Moniteuren, déi a leschter Minutt als Ramplassang sollen agestallt gi wann der ofsprangen, de minimale Stonneloun fir Studente solle kréien; an och datt d'Chef moniteure solle bezuelt gi wéi déi Joere virdrun, also no der Entscheedung vun der Schoulorganisatioun.

Da wëll ech och nach zousätzlech soen, datt vun 2012 un – do sinn och scho Gespréicher mat den Educatricen aus de Maisons Relais gelaf – d'Educatricë solle mat agebonne ginn an d'Organisatioun vun der Vakanzaktioun. Well mer dierfen net vergiessen, datt mer den Ableck ganz vill Personal an eise Maisons Relais, déi jo d'ganz Joer duerch op sinn, hunn. An dat esou gutt zu Rodange ewéi zu Lamadelaine.

Spéiderhi wäert jo och nach zu Péiteng eng grouss Maison Relais funktionéieren, wou mer normalerweis kënnen 240 Kanner opfänke während der Schoulzäit. Well mer jo awer och ëmmer wëssen, datt während der Vakanzenzäit net esou vill Kanner an der Maison Relais sinn, kéint dat ganzt Personal mat agebonne gi fir eng Vakanzaktioun op d'Been ze stellen. Hir éischt Gespréicher dozou si scho gelaf. Déi Leit, déi de Moment do schaffen, si schonn informéiert. An ech mengen, datt dat eng gutt Saach wier wa mer och spéiderhin iech kënne fir 2012 e flotte Programm virleeën. Mee wéi gesot, dat ass eréischt fir d'nächst Joer.

Roger Klein (LSAP):

Ech wollt fir d'éischt der Madame Conter Merci soe fir déi Erklärungen, déi ech krut hunn. Dat war och ganz interessant hir nozelauschteren. Haaptsächlech wann een e bëssen tëscht den Zeile liese ka bei deem wat si seet. An dat well jo elo schonn eng nei Philosophie an däer Vakanzaktioun läit, eng Philosophie déi net méi déi ass, déi se eng Kéier war wéi d'Vakanzaktioun an d'Liewe geruff gouf. Awer eng nei Philosophie, déi ech net kritiséiere wëll, well se einfach e Reflet ass vun enger verännerter Gesellschaft. Ech wëll just un den Historique erënneren. Déi Vakanzaktioun war eigentlech an d'Liewe geruff gi well gesot gouf, datt eng Rei vu Familljen an der Gemeng wieren, déi net an d'Vakanz géife fueren. Als Kompensatioun fir déi Kanner, déi net d'Méiglechkeet hu fir mat hiren Elteren oder mat engem Grupp an d'Vakanz ze fueren, hu mer während zwou vun deenen aacht Woche grouss Vakanz eng Animatioun. Do ass ob eemol gesot ginn, datt vill Leit während dem „congé collectif" an hiert Heemechtsland fueren. Dunn ass d'Iwwerleeung komm – mat däer ech net esou averstane sinn -, datt, wann déi am „congé collectif" fortfueren, da musse mer d'Vakanzaktioun baussen oder an deem Fall virun de „congé collectif" leeën. Et ginn och haut, an et gouf och deemools Kanner, déi déi aacht oder néng Wochen net aus der Gemeng Péiteng erauskommen. Anerer sinn awer dräi Wochen an d'Heemechtsland vun hiren Eltere gefuer, wou se e gewëssenen „dépaysement" haten.

Haut ginn ech dovunner aus, an ech wëll dat och ënnersträichen – d'Madame Conter huet dat jo och gesot -, datt d'Vakanzaktioun e ganz groussen Erfolleg ass. Do ka keen de Géigendeel soen. Et sinn och vill méi Kanner an der Vakanzaktioun wéi Kanner, déi net mat hiren Elteren an d'Vakanz fueren. Mä dat ass just fir eng Ergänzung do ze ginn. Wann d'Madame Conter och elo argumentéiert mat eise Maisons Relais, déi op sinn, da gesäit een, datt d'Vakanzaktioun e ganz neie Sënn kritt. Well et gëtt net nëmmen deene Kanner, déi net mat hiren Elteren an d'Ausland fueren, eppes gebueden. Mä et hëlt den Eltere während op d'mannst zwou vun aacht Wochen, an deenen se d'Kanner doheem hunn, d'Aufgab vun der Betreiung vun de Kanner ewech. A wann dat de Sënn vun der Vakanzaktioun elo ass, dann ass et jo ganz egal, wéini datt ee se organiséiert an ob een den Elteren d'Kanner um Ufank ewech hëlt, am positive Sënn, oder ob een et zum Schluss mécht. An dee Moment géif ech mech dann och e bësse mat däer neier Philosophie identifizéieren. Also wéi gesot, wann et esou geduecht ass, dann hunn ech kee Problem domatter, wann ee se am Ufank vun der Vakanz mécht. Well meng Iddi war nach ëmmer, datt d'Vakanzaktioun soll si fir Kanner, déi net mat hiren Eltere fort ginn, mä d'Realitéit schéngt jo haut eng aner ze sinn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech wéilt iech awer dorop äntwerten. D'Realitéit ass haut eng aner. D'Philosophie huet sech ganz verännert. Wa mer kucken, wéivill Mammen de Moment um Aarbechtsmaart sinn, da weess een, datt si och net ëmmer Vakanz hu wann eis Kanner Vakanz hunn. Ech mengen, dann ass et schonn eng gutt Saach wa mer esou Strukture kënnen ubidde wéi déi, déi mer de Moment an der Gemeng hunn, an esou d'Kanner opfänken. Well wou si se soss? Wa Vakanz ass an d'Eltere sinn net doheem, dann ass et besser fir d'Kanner, wa se an enger Struktur opgefaange ginn ewéi wa se sech dee ganzen Dag selwer iwwerlooss sinn. Wa mer dann duerno kucke wat bei eis an der Gemeng vu Gewalt lass ass a wat dorëmmer futti gemaach gouf a mer mussen erneieren, dann ass et besser, se sinn esou beschäftegt. Jo, d'Philosophie ass net méi déi selwecht wéi virun 25 Joer. Mä ech mengen, datt mer eis awer haut domatter kënnen zefridde ginn, datt mer eis Kanner net grad am Grëff hunn, mä mer bidden hinnen awer eppes, wou se sech erëmfannen a sech beschäftege während deene laange Wochen, wou grouss Vakanz ass. Et sinn aacht Wochen, an dat ass laang.

Roger Klein (LSAP):

Entschëllegt, Madame Conter. Mä just fir nach eng Bemierkung ze maachen. Miisste mer dann d'Vakanzaktioun net maache vum 15. Juli bis den 15. September?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer hätte bal néideg. Mee natierlech kann een esou soen, datt se an eise Maisons Relais opgefaange ginn. BDK ass och do. Do sinn Aktivitéiten. BDK mécht esouguer de ganzen Dag laang Aktivitéiten, wou se och nach mëttes beschäftegt ginn. Iwwer d'Mëttesstonn kréien se esou guer nach e Mëtteg-iessen, esou datt ee ka soen, datt scho villes hei ass wat leeft.

Déi Kanner, déi mam SNJ fort sinn, falen natierlech an eng aner Alterskategorie. Eist Jugendhaus ass och zum Deel op. Dat ass natierlech och eréischt fir déi vun 12 Joer un. Mee ech mengen, iwwer d'Maison Relais an BDK kënne mer soen, datt mer net schlecht do stinn, well mer bidden eise Kanner jo awer während deene laange Vakanzewoche verschidden Aktivitéiten un. Wat een natierlech ka maachen, dat gesäit een duerno och an dann heescht et net ëmmer d'Maison Relais, dat ass, datt een d'Kanner ka fir e Sport interesséieren, esou datt och emol deen een oder anere Sportclub och nach vläicht gewëllt wier fir an der grousser Vakanz Aktivitéiten unzebidden. Well mer hu jo och vill Sportveräiner hei an der Gemeng. Da kéint een dat zesumme mat der Maison Relais kucken, an engem Package, dee mer mussen ausschaffen. Dat sinn nach Zukunftsvisiounen, iwwer déi een nach ka schwätzen a wou mer eis nach mussen zesummesetzen.

Lily Gansen (LSAP):

Also ech kann der Gemeng nëmme gratuléieren zu de Weeër, déi do gaange ginn. Mä ech wier gespaant – an ech schwätzen do aus Erfahrung -, mol ze wësse wéivill Kanner hei zu Péiteng effektiv gehollef kréien. Obwuel, dat Wuert ‚gehollef' héiert sech haut ëmmer esou komesch un. Ech wollt einfach emol gewuer ginn, wéivill Kanner deel huelen a wéivill Elteren effektiv kee Congé kréien, a wéivill der einfach esou matginn a wou d'Eltere wëllen entlaascht sinn – wat hiert gutt Recht ass. Mä ech fannen awer, datt d'Gemeng net ëmmer do ka sinn. An dann och wéivill Elteren et ebe virzéien, alleng an d'Vakanz ze goen an d'Kanner dee Moment ofzeginn. Well, loosse mer eis näischt virmaachen, dat ass esou. An enger Assemblée hunn ech de Kapp gewäsch kritt, datt net ëmmer op wier, an datt se perséinlech an d'Vakanz wéilte goen. Ech mengen, et huet alles seng Grenzen. Do kann een en Unhänger si vu Maisons Relais – wat ech jo och sinn -, mä et soll een awer e bëssen do oppassen. Et géif mech einfach interesséieren. Net fir eppes ze

kritiséieren. Ganz am Géigendeel. D'Maisons Relais solle mat doranner agebonne ginn. Well zu Rëmeleng ass dat de Fall. An och d'Sportsveräiner si schonn do mat agebonnen. Well dat ass näämlech de gudde Wee fir et ze maachen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Natierlech, wann een esou Froen opwäerft, da miisst ee schonn all deene Familljen e Questionnaire erausschécke fir ze froen, ob se do sinn, ob se hiert Kand huelen oder esou. Dat ass eng Saach, déi mer eis emol duerch de Kapp kënne goe loossen. Do kann een dru schaffen a kucken, ob een op dee Wee geet. Oder wa se sech umelle fir kënnen deel ze huelen.

Lily Gansen (LSAP):

Well et ass näämlech och e klengt oder éischter e grousst Zil derhannert, an zwar fir d'Elteren neierdéngs e bëssen ze responsabiliséieren. Mer kritiséieren, mä mer loossen se total aus der Verantwortung eraus.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, se mussen nees méi Verantwortung fir hir Kanner iwwerhuelen.

Lily Gansen (LSAP):

Dat ass sécher, well et schuet kengem fir e bësse méi Verantwortung z'iwwer-huelen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, well et ass jo och net d'Roll vun enger Maison Relais fir d'Eltere komplett z'ersetzen. Do ass et, wou nach muss dru geschafft ginn.

Lily Gansen (LSAP):

Et däerf een net fäerte fir dat ze soen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt just de Schäfferot froen ob et méiglech wier datt, wann eppes während der Vakanzaktioun geschitt - sief dat vu Kanner oder vu Leit, déi mer do agestallt hunn -, mer dat kéinten an der Geheimsëtzung beschwätzen. Et sief dann, datt et heescht, et géing näischt geschéien. Wat ech awer ganz staark bezweiwelen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Selbstverständlech. Wa gewësse Fakten un iech erugedroe ginn, da kënne mer eis e Rapport gi loossen. An da kënne mer eis an der Geheim-sëtzung zesummesetzen an iwwer déi Punkte schwätzen. Dat ass guer kee Problem.

Accord à l'unanimité.

6.

Enseignement musical.

Organisation scolaire pour l'exercice 2010/2011 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ier ech dem President vun der „Commission de surveillance" d'Wuert ginn, géif ech iech awer e puer Zuelen nennen. Der konnt aus den Ënnerlagen erausgesinn, datt mer 520 Kanner, Jugendlecher an Erwuessener agedroen hunn. 315 sinn der aus eiser Gemeng, 69 sinn der aus Gemengen, déi mat eis eng Konventioun hunn, also Dippech, Käerjeng, Déifferdang a Kënzeg. Et sinn der 38 aus dem Ausland, haaptsächlech aus der Belsch, mä och aus Frankräich. Am ganze sinn et der 136, déi weder aus enger Gemeng kommen, déi mat eis eng Konventioun huet, nach aus eiser eegener Gemeng kommen.

John Polfer (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Wéi der scho gesot hutt, ass d'Zuel stabil bliwwen. Ech mengen, et sinn 2 Schüler méi wéi virdru virgesi waren. Ech géif soen, datt den Direkter a seng Mataarbechter hei an der Musekschoul eng gutt Aarbecht maachen. Si wëssen am beschte wa Problemer do sinn, datt se sech un de Schäfferot wenden an och Léisunge virschloen.

Dësweidere seet d'Direktioun dem Schäffen- a Gemengerot Merci fir déi 3 Säll, déi nees nei gemaach goufen. Mer wëssen zwar all, datt dat Gebai, wou fréier emol Geeschtlecher dra gewunnt hunn, net grad ideal ass fir eng Musekschoul. Zëmools wann am Zëmmer iwwer engem Batterie gespillt gëtt. Si sinn awer frou, och kënnen op Säll, déi mer an der Gemeng hunn, sief dat A Rousen, am Fräizäitzenter zu Rolleng oder soss e Sall, zeréckzegräifen. Doranner ënnerstëtzt d'Gemeng si jo och. A vläicht bitt sech jo emol eng Kéier d'Geleeënheet, de Wënsch vun der Musekschoul gerecht ze gi wa mer d'Geleeënheet hätten e museksgerecht Gebai ze fannen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech mengen, et sti jo nees geschwë Walen an Aussiicht, an da muss ee kucken, wat an de Walprogrammer vun deenen eenzelne Parteien an dësem Kontext drasteet. An da muss ee kucken, wat an deene Joeren duerno geschitt. An dëser Period wäert sécherlech näischt méi an däer Hisiicht geschéien. Mä effektiv hu mer deen een oder anere Sall an d'Rei gesat. Wann déi Konditioune vläicht net optimal sinn, esou mengen ech awer, datt d'Musekschoul an deene Raimlechkeeten, déi jo virun 10 Joer grouss renovéiert a regelméisseg a Stand gesat goufen, ka funktionéieren an och do Musekscourse gehale kënne ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn dat mat den Zuele vun de Schüler och e bësse verfollegt. Dat ass och an der Rei. Esou laang ewéi Plaz ass, ass dat och net esou schlëmm fir se ze plazéieren. Wat mech e bëssen erstaunt, net erféiert huet, dat ass d'Verhältnis vun den Zuele vun deene Leit, déi hei wunnen an déi, déi net hei wunnen. Dat ass 61% zu 39%, dat geet nach, déi meescht kommen nach aus der Gemeng. Mee wann ee bei den Erwuessene kuckt, do sinn 30% Leit aus der Gemeng an 70% vu baussen der Gemeng. Dat ass méi wéi dat duebelt u Leit, déi vun auswäerts komme fir hei Coursen ze kréien. Op wat ass dat zeréckzeféieren?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat wat ech iech ka soen, dat ass, datt et haaptsächlech am Gesanks-unterrecht de Fall ass, wou eng grouss Zuel vu Leit, déi net an der Gemeng wunnen, an d'Musekschoul kommen. Mer hunn déi Saach och am Schäfferot an och mat der Direktioun diskutéiert. Mer wäerten dat och am A behalen. Déi Bemierkung ass scho berechtegt wann der sot, datt mer do eng héich Zuel vu Leit vun auswäerts hunn. Wéi gesot, et ass haaptsächlech an deem do Beräich an am Jazz, wéi d'Madame Conter mer elo seet. Et däerf awer sécherlech net sinn, datt mer do zevill héich Zuele kréien.

Mee och do muss ee soen, datt, well mer e Minerval agefouert hu fir déi Leit, déi net hei wunnen, eng Recette erakruten, déi dat, wat mer op deem Niveau u Käschten hunn, relativ kompenséiert. Déi Fongen, déi mer als Gemeng do investéieren, kréie mer esou zu engem ganz groussen Deel erëm. Mee gutt, et soll een awer oppassen, datt een net zevill Erwuessener vun auswäerts an eis Musekschoul kritt. Do ginn ech iech vollkomme Recht.

Jeannot Linden (LSAP):

Also dat alles schwätzt fir eis Musekschoul. Well wann ech 70% vu baussen hunn, déi hei wëlle Gesank léieren, da muss déi Persoun, déi dat léiert, dat och gutt maachen. Vun däer Säit gesinn ass et natierlech fir d'Schoul en Erfolleg. Mee et fält eben op, datt nëmmen 30% vun de Leit aus der Gemeng kommen.

John Polfer (CSV):

Et kann ee sech och op d'Gesanksveräiner dirigéieren. Ech mengen, do léiert een och Gesank.

Guy Brecht (LSAP):

Bei der Interventioun vum Här Linden ass schonn eng vu menge Froe beäntwert ginn. Ech hu mech dann och nees e bëssen domatter beschäftegt fir eng Analys iwwer déi verschidden Instrumenter ze maache par rapport zu deenen dräi Museken hei an eiser Gemeng, déi jo ëmmer frou sinn, wa se kënne rekrutéieren. An do fält op, datt esou e populärt Instrument, wat d'Klarinett emol ëmmer war, enorm zeréckgaangen ass. D'Trompett ass och zeréckgaangen, d'Querflütt an de Saxophon sinn ewell déi Blosinstrumenter, déi dominéieren.

An der Dokumentatioun steet, datt e Musekscours am Musekssall zu Nidderkuer wier. Firwat ass dat esou? Do ass eng Madame Zasmann Elisabeth, déi dee Cours gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass jo esou, datt mer eng Konventioun mat den Nopesch-gemengen hunn a wou mer eis eens sinn, datt net jidderee säi Chargé de cours huet an datt mer méi enk zesummeschaffen. Et sinn och Course vun Déifferdenger Schüler hei zu Péiteng. Do kënnt et vir, datt, wann et en Instrument ass, wou en Déifferdenger hei zu Péiteng d'Charge iwwerhëlt, datt dann och d'Schüler op Nidderkuer ginn. An och ëmgedréint, wann den Haaptchargé hei zu Péiteng ass, da kommen d'Schüler vun Déifferdang op Péiteng. Dat ass zwar d'Ausnam, mee et kënnt emol vir.

Wat elo d'Instrumenter ugeet, do stelle mer mat iech fest, datt verschidden Instrumenter bei der Jugend „en vogue" sinn an datt déi dann och éischter geléiert ginn. Aner Instrumenter, déi vläicht virun 10 Joer „en vogue" waren, déi ginn zeréck. Mer hunn eigentlech just zwou Alternativen. Déi eng Alternativ – dat ass déi, wou eis Musekschoul an och d'Associatioun vun de Musekschoule wëllen higoen – ass déi, wou all Schüler d'Wiel huet. Deen anere Wee wier natierlech, datt een d'Zuel vun den Instrumenter, déi een hei ubitt, reduzéiert a seet, mer hu just nach e puer Instrumenter, déi am Intressi vun eise Museksgesellschafte sinn. Wat dee richtege Wee ass, dat weess ech net. Deen een an deen anere Wee hunn Nodeeler. Wann een dat eent mécht, da riskéiert een, datt verschidde Schüler keng Musek wëlle maachen. Dann huet een natierlech och net allzevill gemaach wann een hinnen net déi Méiglechkeet gëtt, dat Instrument ze léieren, wat se gären hunn.

Dat anert wier natierlech e Virdeel fir eis Veräiner. Mer sinn am Syvicol amgaang ze kucken, wéi ee kéint higoen a vläicht awer déi Instrumenter, déi een als Museksveräi brauch, méi promovéiert. Do gi jo zum Beispill Leit aus der Musek an d'Primärschoul fir de Kanner d'Instrumenter ze weisen, esou datt se gesinn, wéi flott déi Instrumenter sinn. Mä fir de Moment si mer nach ëmmer op deem Punkt, datt de Schüler entscheet, wat fir en Instrument e léiert.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer musse jo och ganz gutt oppassen, datt, wa mer hei net méi alles ubidden, net op eemol an d'Musekscoursen zeréckfalen. An da komme mer op den Niveau vun der UGDA, déi jo och net alles ubitt. An da si mer keng Musekschoul méi. Ech wëll jo och nach soen, datt all Joer eng „Porte ouverte" an der Musekschoul ass, d'Instrumenter ginn och virgestallt. Et ass natierlech esou, datt et Momenter ginn, wou verschidden Instrumenter tatsächlech „en vogue" sinn. Et ass net nëmme bei eis hei zu Péiteng esou, mä dat héiert een iwwerall an de Musek-schoulen am Land. Wann een an der AAEM ass, da kritt een ëmmer déi selwecht Äntwerte wann een op déi Froen opwäerft.

Guy Brecht (LSAP):

Ech gleewen iech dat. Et ass d'Evolutioun vun der Zäit. Mä et fält eben op, well dat vu Joer zu Joer, wou mer dat hei virgestallt kréien, méi geleefeg ass.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Propriétés.

Contrat de bail pour un logement communal à Pétange, rue Prince Jean n°2 - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat soll e Contrat de bail mat der Madame D. ginn. Si ass de Moment Locataire an enger vun eise Wunnengen zu Lamadelaine. Do si mer scho viru méi laanger Zäit vun der Assistante sociale gefrot ginn, ob mer net eng adäquat Wunneng fir d'Madame hätten, déi gesond-heetlech Problemer – mobilitéits-bedéngt – huet. D'Madame D. huet an däer Wunneng zu Rolleng kee Lift. Si brauch awer e Lift fir erof ze kommen. Si ass an deene leschte Wochen a Méint d'Trapen net méi erop- an erofkomm. Si huet zwar *Hëllef doheem*, déi si ënnerstëtzt hunn. Mee wéi mer elo no dem Doud vun enger Dame eng Wunneng fräistoen haten, hu mer der Madame D. an der Assistante de Virschlag gemaach fir datt si vu Rolleng op Péiteng ka plënneren. D'Madame ass och ganz frou doriwwer, a wa mer haut dee Bail stëmmen, da ka si scho fir den 1. November eraplënneren.

De Loyer ass op 226 Euro festge-luegt. Déi zousätzlech Chargen, déi nach all Mount derbäi kommen, belafe sech op 135 Euro.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt wëssen, ob fir d'Grousswiss 3 schonn en neie Locataire virgesinn ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen, et ass nach keen neie Locataire virgesi well mer nach kee fonnt hu fir an déi Wunneng. Do wäert ech an nächster Zäit drop zeréckkommen, well mer amgaang sinn ze kucken – doriwwer ass jo scho geschwat ginn – fir deene Wunnengen eng aner Affektatioun ze ginn an do aner Leit wéi eeler Leit eran ze huelen. Ech hat iech jo kuerz eng Kéier matgedeelt, datt ech mat dem Ministère, mat der Sektioun Solidaritéit, a Verbindung stinn, déi Wunnenge siche fir Persounen, déi an Nout sinn. Och fir méi jonk Persounen, déi natierlech e Suivi hunn. A mer sinn amgaang zesumme mam Ministère an zesumme mat enger Associatioun ze kucke fir e Package ze fanne fir deene Leit do en Ënnerdaach ze ginn an och e Suivi

mam Ministère a mat adäquate Betreier a Psychologen ze maachen. Do kommen ech awer an nächster Zäit nach eng Kéier op iech zeréck wann dat besser do steet a wa mer do Konventioune prett hu fir dee Wee kënnen ze goen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass jo schéin a gutt, datt mer esou Saache maache fir Leit, déi se brauchen. Ech fanne just, datt hei e ganze Pak Donnéeën op den Dësch kommen, déi ech éischter an enger Geheimsëtzung gesinn. An ech fannen, datt mer an Zukunft vläicht kéinten op dee Wee goe fir esou Saachen an d'Geheimsëtzung ze huelen. Dat muss net alles un déi grouss Klack gehaange gi well déi Leit si bestëmmt net frou driwwer wann se duerno hei liesen, wat iwwer si geschwat gouf.

An da géif ech der Madame Conter un d'Häerz leeën, datt, wa mer déi Konventiounen do géifen ënnerschreiwen, a wa mer och nach aner Fäll an d'Wunnengen eranhuelen, dat an der Geheimsëtzung ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also et ass esou, datt e „contrat de bail" muss an der ëffentlecher Sëtzung beschwat ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mer mussen awer net alleguer d'Donnéeën ugi firwat déi Leit d'Wunneng wiesselen. Mer mussen och net soen, wie virdrun do gewunnt huet a wat mat der Madame geschitt ass. Dat gehéiert einfach net dohinner. Datt mer de „contrat de bail" hei op den Dësch leeën, dat ass an der Rei, dat muss esou sinn. Mee net alleguer d'Hannergrondinformatiounen. Do wier ech wierklech frou, wann dat géif an enger geheimer Sëtzung behandelt ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat kënne mer maachen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech hu kee Problem domatter. Mä w.e.g. dann och keng Froen dozou stellen. Wann ech déi Informatiounen net ginn hätt, da wieren awer Froe koum. Dat kann ech mer ganz gutt virstellen.

Roger Klein (LSAP):

Ech mengen, den Här Becker huet Recht. Mer sollten déi ganz Informatiounen an déi Froe vun de Gemengeréit an d'Geheimsëtzung huelen. An da musse mer eis eens gi fir datt an der ëffentlecher Sëtzung just nach ofgestëmmt gëtt a kee méi eng zousätzlech Fro stellt. Well aus Respekt virun de Leit ass de Wee, deen den Här Becker virschléit, gutt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech si vollkommen domatter averstanen. Mä wéi gesot, d'Froe ginn an der Geheimsëtzung gestallt an net méi an der ëffentlecher Sëtzung.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat eenzegt, wat an enger ëffentlecher Sëtzung op alle Fall muss gesot ginn, dat ass wien dee Kontrakt huet a fir wéivill en e kritt. Dat gehéiert an d'Ëffentlechkeet an dat muss an d'Ëffentlechkeet kommen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt just froen, ob d'Locatairen en „règlement d'ordre interne" kréie wann se eraplënneren. Well do hat ech e puer Reklamatioune kritt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, selbstverständlech kréie si dat, esou datt se Bescheed wëssen, wéi et am Haus leeft.

Lily Gansen (LSAP):

Ganz kuerz nëmmen. Ech war op däer selwechter Piste ewéi den Här Becker wann et ëm d'Persoune geet a wou ee méi an d'Detailer geet. Ech kann deem nëmmen zoustëmmen, wann dat an deem Sënn virugefouert gëtt, datt gewësse Leit do erakommen. Ginn déi dann och e bësse psychologesch iwwerwaacht a kréie se vun der Gemeng gehollef, also vun eiser Assistante sociale. Dat ass eng ganz wichteg Fro. Well ech selwer hunn elo vu gëschter oder virgëschter eng Dame vu Péiteng mat erëmbruecht, mat däer ech ganz vill gehäit war 14 Deeg laang. Et huet keen no hir gekuckt – wat ech awer net wosst. Se wunnt hei zu Péiteng. An ech hu se intensiv misse betreien. An dat wier esou e Fall. Ech signaliséieren natierlech och duerno esou e Fall. Well wann een se net do eraushëlt aus engem anonyme Gebai – ech weess wat dat ass, ech wunnen och an engem Gebai wou kee weess, wat deen anere mécht -, da kann eis eng geschéien. Well et ass genee an däer Richtung, wou ech gär eppes gehat hätt. An et schéngt jo och ze goen. Wann ech duerno kéint mat iech schwätze fir déi ze signaliséieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mengt dir déi Wunnengen, déi mer zu Rolleng hunn a wou méi jonk Leit erakommen? Dat gëtt eng aner Philosophie. Déi Leit, déi den Ableck dra wunnen, dat si Leit, déi betreit gi wa se Hëllef ufroen oder wa se signaliséiert ginn. Mee de Moment, wa mer dat signaliséiert kréien, da kënne mer d'Assistante sociale oder aner Leit dohinner schécken. Wa mer awer näischt signaliséiert kréien, da wësse mer jo och net, a wat fir engem Gesondheetszoustand déi Leit sinn.

Lily Gansen (LSAP):

Ech hätt dat jo och net kënne soen, wann ech net eis Organisatioun dobäi gehat hätt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wa mer elo deenen do Wunnengen eng aner Affektatioun ginn, a wa mer op dee Wee ginn, dee mer elo mam Ministère ausschaffen, da kënne mer se betreien. Mee de Moment nach net.

Lily Gansen (LSAP):

De Rescht kënne mer jo dann nach diskutéieren. Ech schwätzen net vum Moment, mä vun der Zukunft.

Approbation à l'unanimité.

7.2.

Propriétés.

Acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Avenue Dr Gaasch» - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et geet hei ëm de Kadasternummer 599/7579 mat enger Fläch vun 5 Ar an 39 Centiar, déi mer natierlech brauche fir datt de Précoce an och d'Wunnenge fir déi eeler Leit do kënne gebaut ginn. Déi ganz Zomm beleeft sech op 285.670 Euro. Ech géif iech bieden, dësen Acte ze stëmmen, esou datt an nächster Zukunft mat dem Schantjen ugefaange ka ginn.

Norbert Pierre (LSAP)

Ech wollt just widderhuele wat ech an der Oktobersëtzung 2009 gesot hunn, wéi mer den Acte presentéiert kruten. De Präis vun 53.000 Euro fir den Ar, dat fannen ech iwwerspëtzt, egal wéi et ass. Och wann dat am Zentrum vu Rodange ass. Ech mengen, mer wunnen hei net an der Groussgaass

an der Stad. Ech fannen dat iwwerdriwwen, och wann de Fonds de Logement – wéi d'Madame Conter oder den Här Buergermeeschter dat emol gesot huet – dat spéider iwwerhëlt an domatter kee Problem huet. Ech bleiwe bei mengen Aussoen, déi ech an däer Sëtzung do gemaach hunn. Wat d'Fläch ugeet, déi ass e bësse méi grouss ginn, mä dat ännert näischt um Haaptpräis. Dee gëtt jo eréischt gemaach wann den definitiven Acte gemaach gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Är Ausso steet a Contradictioun zu deem, wat d'Experte soen. Mä ech huelen dat zur Kenntnis, datt der anerer Meenung sidd.

Guy Brecht (LSAP):

Ech kommen och zeréck op eng Fro, déi ech den 20. Oktober 2009 un d'Madame Conter gestallt hat. Ech hat do gefrot, wat mat dem Paschtoueschhaus geschitt. Do hutt der mer deemools gesot, et kéim e spuenesche Pater eran. Ech mierken awer näischt dovunner. Wunnt deen Här schonn do? Ech gesinn näischt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Selbstverständlech. Dann ass dat en diskreten Här, mä op jiddefall ass en do erageplënnert. En ass do.

Guy Brecht (LSAP):

Dann ass et gutt. Et ass mer opgefall, datt déi Lueden ëmmer zou sinn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, gutt, mä en ass awer do.

Approbation avec 9 voix (CSV, DP, Déi Greng) et 6 abstentions (LSAP).

Guy Brecht (LSAP):

Ech wëll eis Enthalung domatter begrënnen, datt dee Präis ze héich ass, an datt esou eng Associatioun wéi d'Kierchefabrik e bësse méi sozial hätt misse verfueren. Schliisslech ass et eng „utilité publique" an et geet eisem Land an eise Gemengen am Moment jo net esou gutt.

7.3.

Propriétés.

Acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «um Doihl» - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dësen Acte ass den 22. September 2010 hei mam Maître d'Huart ënnerschriwwe ginn. Do geet et ëm déi ganz Terrainen, déi hannen am Doihl leien an déi mer géife fir Tourismus- a Fräizäitinfrastrukture brauchen. Mer hoffen, datt dee Projet och eng Kéier do ze realiséiere wier. Dat sinn natierlech vill méi Terrainen. Dat sinn d'Kadasternummeren 1375/4564 mat 36 Ar an 25 Centiar; 1376/6428 mat 57 Ar; 1395/4568 mat 28 Ar an 40 Centiar; 1395/6431 mat 47 Ar an 20 Centiar. Dat Ganzt huet eng Fläch vun 168,85 Ar. Do sinn och verschidde Präisser fir en Ar bezuelt ginn. Eemol 1.000 Euro, eemol 3.612,85 Euro, an dat alles beleeft sech op 535.825 Euro. Ech géif iech bieden, deem zouzestëmmen, esou datt mer kënnen dee Package, wou mer mat engem auslänneschen Investor dru schaffen, Realitéit gi loossen.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt just froen, ob dat mat den Oploe geregelt ass mam Ëmweltministère. Oder ass dat, wat mer hei stëmmen, net dovunner ofhängeg?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et jo elo emol just ëm d'Kafe vum Terrain. Wat de Rescht vum Projet ugeet, do wäerte mer nach eng Kéier op iech zeréckkomme wa mer nach e wéineg méi wäit sinn.

Camille Bosseler (CSV):

Déi éischte Kéier, wou ech an der Sëtzung war bei der SES, do haten se och Terraine kaf fir Quellen z'erfaassen. Do si se och mat verschiddenen Zomme verfuer. Mä do hu se dee Montant vum Waasser, dat se dee Moment gebraucht hunn, därmoossen héich gespillt. An dat anert hu se derbäi ginn zu engem anere Präis. Et wier awer am beschte wann een en Eenheetspräis hätt, well jo d'Stécker beienee sinn. Et ass dach een esou vill wäert ewéi deen aneren. Awer et soll een net esou héich spille fir wa se eng Kéier méi gebraucht hätten a fir dann deen héije Präis ze erfaassen. Et ass och net sérieux vum Bauer. Dee brauch op alle Fall net bei mech kräischen ze komme fir nach eng Verbesserung beim Waasserpräis ze kréien. Net fir eppes ze soen, mä et ass trotzdem en anstännege Präis fir en Ar.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss ee wëssen, wat een hanneno mat deem Terrain mécht. Wann een deen Terrain als Agrarland hëlt, da kann een dat sécher net guttheeschen. Wann een awer wëll deen Terrain am Kader vun deem ganze Fräizäitprojet hunn, da muss een och dee Präis bezuelen. Soss schmiert een de Verkeefer un. Et muss een also Kloertext schwätzen. Et muss een deem Mann alles dohinner leeën. Hie muss jo wëssen, firwat mer dat kafen. An dat schreiwe mer jo och an eisen Délibératiounen. Et steet och am Acte dra firwat mer deen Terrain kafen. A mer mussen dann e Präis bezuelen a Funktioun vun deem, wat mer wëlle mat dem Terrain maachen, an net a Funktioun vun deem, wat den Terrain haut ass. Et géif eis schlecht zu Gesiicht stoe fir en Terrain als Agrarland zu engem bëllege Präis ze kafen an dann e Joer drop et ëmzeklasséieren an dann deem Terrain eng aner Utilitéit ze gi wéi dat, wat elo méiglech ass. Dofir hu mer dee Präis hei definéiert a Funktioun vun der zukënfteger Affektatioun, an net a Funktioun vun der aktueller Affektatioun vum Terrain.

Camille Bosseler (CSV):

Ech fannen et jo gutt, wann do eppes zustane kënnt. Mee et ass haut och schonn ugeklongen. D'Architektin, déi hei war, déi seet, datt den Ar zu Bartreng 44.000 bis 88.000 Euro kascht. An dat ass de Fonds de Logement. Also ech mengen, et soll awer och net sinn, datt vu Säite vun de Gemengen a vum Fonds de Logement d'Präisser esou an d'Luucht gedriwwe ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech mengen, datt dat hei nach e ganz soziale Präis ass. Wann ee vu Logement schwätzt, da schwätze mer net vun deene Präisser, déi hei stinn. Der hutt jo de Präis gesinn, wann et Logement ass oder eppes aneschteres. Do schwätze mer vun 53.000 Euro den Ar. An hei schwätze mer vun 3.000 Euro. Do sinn awer Welten dertëscht.

Approbation avec 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) et 6 abstentions (LSAP).

Guy Brecht (LSAP):

Mer sinn och net grad, esou wéi den Här Bosseler, mat dem Ar-Präis averstanen. Mär fannen och, datt en zimlech héich ass. Der hat eis bei der éischter Presentatioun gesot – ech wëll net soe versprach -, datt der beim éischte Vote schonn e bësse méi genee Detailer hätt, wat der effektiv mat deem Terrain géift maachen. Ech

komme just op dat Familien- und Gästehaus zeréck, dat ëmmer zur Diskussioun steet. Eng Kéier gëtt et gebaut, da gëtt et nees net gebaut. Da soen erëm béis Zongen, et géif net gebaut ginn, et géif ze deier ginn a se kéimen net heihinner. Der misst eis awer elo eng Kéier matdeelen, wéi wäit dee Projet ass, ob dat wierklech esou ass oder ob déi Leit de Spunnes mat eis maachen. Ech weess et net, mä mer miissten eng Kéier do eng Äntwert kréie wat geschitt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir kritt och eng Kéier eng Äntwert doriwwer. Dat do hätte mer kënnen an der Diskussioun virdru beschwätzen. Mä elo si mer bei der Justifikatioun fir är Enthalung. An do hutt der gesot, där hätt iech enthalen, well et ze deier wier. Ech wëll awer ënnersträichen, datt den Här Bosseler net der Meenung ass, datt et ze deier ass, well soss hätt hien et net matgestëmmt.

Camille Bosseler (CSV):

Ech hu jo ausdrécklech gesot, datt ech frou wier, wann do eppes géif zustane kommen.

7.4.

Propriétés.

Vote d'un crédit spécial pour l'installation d'une centrale de cogénération et un réseau de chauffage urbain près du Centre Sportif de Pétange - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer wollten e Spezialkredit vun iech erlaabt kréie fir déi éischt Prêten, déi op eis zoukomme fir d'Installatioun vun enger Kogenerationsanlag mat deem néidege Vernetzungsréseau fir verschidden ëffentlech Gebaier. Dës Anlag kéim hanner d'Sportshal zu Péiteng stoen. Dës Kogenerationsanlag kéint dann der Sportshal zu Péiteng, dem Site ‚An Eigent', dem nationale Keelenzentrum an eventuell och dem Hotel zegutt kommen. Do lafen awer nach eng Rei Gespréicher.

Mer hunn eng positiv Etude vum Ingenieursbüro Gobelet & Lavandier kritt, déi vun der Sudgaz ordonnéiert ginn ass. D'Ëmsetzung vun esou enger Anlag bei der Péitenger Sportshal ass interessant, well haaptsächlech dës Gebaier e ganz héijen Energieverbrauch hunn. Ech hunn iech dräi wichteg Detailer aus dëser Etude erausgeholl. Den Energieverbrauch vun all deene Gebaier, déi do a Fro kéimen – mam Hotel derbäi -, dee läit bei 3.896.900 kW. Wa mer esou eng Anlag géife bauen, da kréiche mer eng Reduktioun vun 35%, esou wéi d'Etude dat virgesäit. Dat heescht, e Minus vun 1.363.915 kW.

Eng zweet Saach wier den Akafspräis vun der Hëtzt. Déi léich bei 5,76 Cent pro kW. Bei esou ähnlechen Anlagen, wou d'Gebaier net esou no beienee leien ewéi zum Beispill Agora Esch Nord, leien se bei 7,4 Cent an an der Stad leien se bei 8 Cent de kW.

Eent vun deene wichtegsten Elementer aus ökologescher Siicht sinn d'CO2-Wäerter. De Moment späizen déi sämtlech Gebaier do 2.619 Tonnen CO2.-Wäerter pro Joer eraus. Wa mer déi Anlag do géife bauen, da wieren et 31% manner. Laut däer Etude wieren et dann 1.803 Tonne pro Joer.

Sudgaz géif d'Zentral vun der Kogenerationsanlag exploitéieren, si hunn déi néideg Erfahrungswäerter mat esou Anlagen. D'Gemeng kéim fir d'Prête fir d'Ariichte vum Netz a fir den Ënnerhalt op. Mer brauchen elo haaptsächlech e Spezialkredit vun 36.000 Euro iwwer den extraordinaire Budget am Exercice 2010/2011 fir d'Etuden. Mer wëllen dës Zomm mat eisen eegene Mëttelen, déi mer zur Verfügung hunn, bezuelen. Op de Säiten 101-103 vum Aide-mémoire hu mer iech eng präzis Finanzopstellung bäigeluegt, an dat mat „tableau récapitulatif" vun de Konten 2009, vum Budget 2010 an de Modifikatiounen am Laf vun dësem Exercice. Wa mer dës Ausgab vun 36.000 Euro ewechrechnen, da bleiwen eis dem leschte Stand no – op den 13. Oktober 2010 - ronn 1,960 Milliounen Euro.

Ech wollt iech dofir froen, ob der mat den Etuden, déi mer maachen, averstane sidd. Zweetens, ob der averstane sidd fir eis e Spezialkredit ze erlaben, dee mer dann androe géifen op en neie Budgetsartikel vum Exercice 2010/2011 mat der Nummer 4/0833/2123/005.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif nach wëllen eng Präzisioun derbäi ginn. Ech hat mam Vizepresident vu Sudgaz Rieds, a mer wäerten dee Paragraphe „Considérant que Sudgaz exploiterait la centrale de cogénération et que la commune devrait supporter les frais de mise en place du réseau et des frais d'entretien y relatifs" e bëssen ëmschreiwen, a mer wäerte schreiwen „Considérant que la centrale de cogénération sera exploitée par une firme externe et que la commune devrait supporter les frais de mise en place du réseau" fir net um fräie Maart festzeleeën, wien dat do mécht. Wann der domatter averstane sidd, da géife mer dee Paragraphe liicht änneren.

An ech mengen, uewen am Titel ass och nach e Feeler. Do steet „vote d'un spécial", an dat misst heeschen „vote d'un crédit spécial".

Carlo Gira (CSV):

Den Här Welter huet elo just opgezielt, wat fir Gebaier do a Fro kommen. Mer wësse jo awer och, datt amplaz vum Lycée, deen eng Kéier do verschwënnt, do och aner Verwennungen hikommen. Ass et net méiglech ze iwwerpréiwen, ob déi Gebaier net och un déi Anlag ugeschloss kënne ginn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Also mer wëssen nach net genee, wéini dat iwwerhaapt ewechgerappt gëtt. Elo gëtt emol eng Hal ewechgerappt, an do géif dann och Verschiddenes virgesi ginn. Mee keng ëffentlech Gebaier als solch direkt, esou datt een de Moment nach net kann an d'A faasse fir déi mat eran ze huelen. Wann awer do eemol ëffentlech Gebaier dohinner kéimen, da misst dat och nach nodréiglech méiglech sinn. Mä da misst een nees frësch oprappen. Et kéint een dat awer nach uschléissen. De Moment ass dat awer net virgesinn.

Carlo Gira (CSV):

Dat heescht, et ass net méiglech, datt Privatleit sech do uschléissen?

Gilbert Welter, Schäffen:

Privatleit kënnen ëmmer ugeschloss ginn, mat Konventiounen dierft dat absolut kee Problem sinn. Mä de Moment si keng Privatleit derbäi.

Carlo Gira (CSV):

Ech mengen, da wier et jo awer gutt, datt mer do d'Méiglechkeete géifen oploosse fir dat ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, dat soll ee maachen. Mer sollen dat och iwwerpréiwen a wann d'Analyse sinn, da solle mer dem Bureau dat matgi fir datt se dat och kënne kucken, an dat am Hibléck op eng zukënfteg Affektatioun vun deem Site do. Et soll ee kucken ob do och eng Méiglechkeet besteet fir dat unzeschléissen.

Albert Muller (LSAP):

Fir mech ass d'Délibératioun, esou wéi se hei läit, net ganz kloer. Ech froe mech firwat et iwwerhaapt e „vote d'un crédit spécial" ass. An der Nomenklatur vum Budget gëtt et kee Spezialkredit, do gëtt et nëmmen ordinär Recetten an Ausgaben esou wéi extraordinär Recetten an Ausgaben, esou datt een hei dat Wuert „spécial" gebraucht fir den extraordinäre Projet speziell ervirzesträichen. Ech hätt awer vill léiwer wann

deen Titel do ëmgeännert géif ginn, wann der domatter averstane wiert. Da wier déi Délibératioun net méi grad esou onkloer. Ech géif iech virschloen „Propriétés : Installation d'une centrale de cogénération et d'un réseau de chauffage urbain aux alentours du Centre Sportif de Pétange, vote d'un crédit extraordinaire pour frais d'études et frais préliminaires." Wann een den Titel elo liest, da mengt een, se géif scho gebaut ginn. Awer ech denken – esou wéi ech dat aus dem Text erausgesinn -, datt et emol fir d'éischt ëm Käschte fir Etuden a virlefeg Käschte geet, esou wéi den Här Welter dat a senger Erklärung gesot huet. An da wier et jo och „crédit extraordinaire" an net méi Spezialkredit.

Wat mech awer beschäftegt, dat ass déi Hektik fir e puer Woche virun der Presentatioun vum Budget 2011 en neien Artikel ze schafen. Ech géif virschloen, datt mer einfach waarde bis de Budget vum Exercice 2011 presentéiert gëtt, an da kéint een dat ganz einfach, ouni Komplikatiounen, iwwer de Vote vum Budget mat abauen.

Da geet et wieder „Considérant que cette centrale de cogénération pourrait alimenter le Centre Sportif…" an esou weider. Ech froe mech, firwat do „pourrait" steet. Ass dat nach net sécher, datt de Centre sportif mat alimentéiert gëtt, respektiv déi nei Keelebunn. An deem Kontext froen ech mech och, wat mat däer neier Heizungsinstallatioun ass, déi agebaut gëtt. Dann ass déi jo eigentlech zevill. Da kéint een déi jo schonn elo bei der Konstruktioun vum Keelenzenter aspueren.

An dann, „Considérant que la rentabilité d'une centrale de cogénération à cet endroit a été confirmée, vu les consommations importantes d'énergie de ces bâtiments". Den héije Verbrauch ass nëmmen op den zweete Bléck zimlech héich. Wann een dat richteg an der Praxis analyséiert, da stellt ee fest, datt den Hotel keen décke Verbraucher ass, well den Hotel huet u sech nëmmen d'Duschen. Dat heescht e produzéiert waarm Waasser, mä e produzéiert net och nach Hëtzt. Esou ass dat u sech keen décke Verbraucher wann een d'Leeschtung vun der Installatioun rechent a Funktioun vun de Gebaier, déi hei all opgezielt gi sinn.

Dann ass nach eng aner Saach, déi ee muss bedenken. Do geet Rieds vum Schoulzenter ‚An Eigent', do geet Rieds vum Sportzenter, mä wat mer awer vergiessen ass, datt déi an der Vakanzenzäit zou sinn, datt d'Schoulen zou sinn, an dann eigentlech kee Verbrauch do ass. Laut Cegedel - wa mer wëllen dee Stroum, deen do produzéiert gëtt, an d'Netz aspeisen - sinn d'Konditiounen déi datt Spëtzestroum - esou wäit wéi ech dat weess - agespeist gëtt wann e gebraucht gëtt. Esou datt een net einfach kann esou Stroum an d'Netz aspeisen, mä datt ee sech muss un d'Konditioune vun der Cegedel halen. Wann een awer elo net weess, wéini datt déi Spëtzenzäiten antrieden, da muss ee praktesch permanent déi Rieseninstallatioun lafe loosse fir datt dee Moment, wou Spëtzestroum gefrot gëtt, och de Spëtzestroum do ass. Wann awer elo am Laf vun de Vakanze keng Verbraucher vun Energie, vun der Hëtzt do sinn, da gëtt awer duerch déi Zentral Energie, Hëtzt produzéiert. An da muss, fir datt déi Anlag weider ka lafen, déi Hëtzt ofgefouert ginn. An dat iwwer eng Noutkillung an entspriechend Bassengen, déi am Terrain mussen aménagéiert ginn.

Do kann ee sech dann natierlech virstellen, datt dann de Gesamt-wierkungsgrad vun der Installatioun sech awer deem entspriechend reduzéiert a wahrscheinlech ass déi Installatioun net méi grad esou interessant wéi se elo vu Sudgaz oder dem Bureau d'études virgeluegt gëtt. Et ass sécherlech – an däer wësst dat och – net déi éischt Etude, déi doriwwer gemaach gëtt. Mä trotzdem Respekt fir de Schäfferot, datt e sech un esou e Projet erugëtt. Mä et ass schonn esou eng Etude gemaach gi wéi den Här Bodry nach LSAP-Schäffe war, an zwar iwwer d'Sportshal, iwwer d'Bouweschoul, iwwer de Pompjeesbau laanscht d'Stadhaus bis an d'Verwaltungsgebai. De Projet ass allerdéngs gescheitert – dat muss ee soen, well och virdru vu Privatleit geschwat ginn ass a well och vum „chauffage urbain" am Titel geschwat gëtt mä duerno net méi erëmkënnt -, well dat näämlech bei Privatleit, wéi zum Beispill d'rue Pierre Hamer, eng Dimensionéierung vun de Réier verlaangt (méi grouss a mat enger besserer Isolatioun), esou datt och do de Wierkungsrad op eng Kéier zimlech erofgeet respektiv en Uschloss fir déi Leit deier gëtt, ob se ugeschloss wëlle ginn oder net.

Deen zweete Projet, dee schonn eng Kéier gemaach gouf, war vum deemolege Schäffe Stracks an d'A gefaasst ginn. An do ass de Projet virun allem un deem Gebai gescheitert. Dat hätt missen opgeriicht gi fir d'Kogeneratioun. Well et däerf ee sech net virstellen, datt dat esou eng butzeg Chaudière ass. Esou eng Kogeneratioun, déi fir déi heite Leeschtungskraaft bestëmmt ass, dat gëtt e grousst Gebai. A wann ech mech nach gutt kann erënneren, war dat e Gebai mat engem, wann net zwee Stäck. Also eppes Riseges, a wou och den Terrain net méi do war. An elo scho guer net méi wou nach d'Eigent-Schoul vergréissert gëtt.

Schlussendlech well ech och nach bemierken, datt ech iech aus all deene genannte Grënn géif proposéieren, de Punkt 7.4. vun der Dagesuerdnung ze huelen an dann en neie Projet auszeschaffen, wou een eventuell och d'Rentabilitéit an d'Machbarkeet vu Sonnekollektoren op den Diech vun deene Gebaier géif kucken. Well mer hunn do effektiv grouss Gebaier mat grousse Flächen um Daach. An do kéint een eventuell Sonnekollektoren ariichten. An et wier och interessant fir emol ze kucken, wat d'Bedierfnis do wier.

Ech muss och drun erënneren datt d'Madame Barnig – och Schäffe vun der CSV – en Test lafen hat am Schoulgebai ‚An Eigent' wat een alles mat Sonnekollektore ka maachen. Dat war allerdéngs am klenge Kader, mä et konnt een awer do scho mierken, datt ee bequem waarmt Waasser fir d'Dusche konnt produzéieren.

An deem Kader géif ech och nach virschloen – dat gëtt vläicht e bëssen ze vill - d'Loftstréimungen um Tëtelbierg ze analyséieren an ze kucken, ob et net méiglech wier fir eng Wandmillen do opzeriichten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech ginn dovunner aus, datt der um Enn vun ärer Propositioun sidd, well mer sinn eiser Zäit scho viraus hei. Mer sinn hei derbäi fir e Kredit fir eng Etude ze stëmmen. Et kann och vläicht bei dëser „étude de faisabilité" erauskommen, datt dat, wat där elo hei sot, och stëmmt. An da wäerte mer sécherlech keng esou eng Kogenerationsanlag maachen. Mer sinn awer am Schäfferot der Meenung, datt een dat soll analyséieren - well mer eng Rei vu grousse Verbraucher ronderëm dee Site, wou mer dat wëllen hiplazéieren – ob et e Sënn mécht op däer Plaz oder net. Ech ginn dovunner aus, datt d'Technik sech esou wäit entwéckelt huet, datt haut eppes anescht dobäi erauskënnt. A fir deem Ingenieur d'Aufgab ze ginn, déi Etude ze maachen, brauche mer Suen. An dat sinn déi 36.000 Euro, mat deene mer déi Etude reservéieren. A mer wëllen dat och gär direkt maachen. Mer wëllen net waarde bis an de Budget 2011. Der hutt mat Recht drop higewisen, datt mer, wa mer dat kéinte bauen, eventuell Suen am Keelenzenter kënne spueren. Also musse mer esou séier wéi méiglech wëssen, ob dat ze maachen ass. A wann et ze

maachen ass, da musse mer dat och direkt abannen an a Betruecht zéie beim Keelenzenter. Dat selwecht gëllt fir d'Maison Relais, wou mer mussen Tranchéeë maache fir déi aner Säit ze kommen. Dat heescht, et ass elo de Moment wou mer solle kuerzfristeg feststellen, ob dat e Sënn ergëtt oder net. An dofir hätte mer gären hei e Spezialkredit an net en extraordinäre Kredit. Et ass e Spezialkredit am extraordinäre Budget ze stëmmen. Dat ass eng Differenz. Firwat heescht dat Spezialkredit? Et ginn déi normal Kreditter, déi am Budget stinn, an déi ginn um Ufank vum Joer an de Budget gesat. Et ginn och zousätzlech Kreditter zu deene Kreditter, déi scho bestinn, derbäi gesat well et mat deem Kredit, deen ufanks gestëmmt gouf, net duer geet. An et gi Spezialkreditter, dat si ganz nei Kreditter, déi een am Laf vum Joer an den extraordinäre Budget derbäi sëtzt fir iergendwéi eng Aarbecht ze maachen, déi am Virfeld am initiale Budget net virgesinn ass. An dat ass genee dat, wat mer hei maachen. Mer hunn dat nach ëmmer bis elo – zanter ech am Gemengerot sinn, an dat sinn 15 oder 16 Joer – Spezialkredit genannt. Ech weess net, ob mer eis do sollen un engem Ausdrock stéieren.

Also et ass ganz kloer, mer hätte gären déi 36.000 Euro esou séier wéi méiglech, fir net ze soen direkt, esou datt mer kënnen déi Analyse maachen am Hibléck op déi grouss Projeten, déi mer an deem Kader ronderëm maachen. Et wier ze kucken, ob d'Energieversuergung vun deene Gebaier vläicht kann anescht si wéi déi traditionell. Dat ass dat, wat mer iech hei proposéieren.

Ech géif mengen, mer sollen elo hei net zevill an den Detail goen a froen ob et Sënn mécht oder net ier mer vun eisen Experten, den Ingenieursbüroen, e geneeën Dossier kréien. Dier kënnt selbstverständlech hei an der Gemeng, ier mer eng Entscheedung huelen, gewuer gi wou et gebaut gëtt, wéi grouss et muss sinn, wéivill datt dat eis bréngt. A wa mer dat wëssen, dann entscheede mer hei, ob mer et bauen oder net. Mä gitt eis w.e.g. déi 36.000 Euro fir datt mer esou séier wéi méiglech domatter kënnen ukommen. An ech ginn dem Här Welter d'Wuert, well hien iech nach gären eng technesch Erklärung gëtt.

Gilbert Welter, Schäffen:

Här Muller, där hat gesot, datt den Hotel Threeland séier wéineg géif verbrauchen. Dat ass awer net esou. Ech hunn d'Zuelen hei leien, an ech géif iech dann och d'Detailer vun de Gebaier ginn.

D'Schwämm mat der Sportshal zu Rodange verbraucht pro Joer 1.750.000 kW. De Schoulcampus ‚An Éigent' verbraucht 938.000 kW. Den Neibau vun der Maison Relais gëtt geschat op 258.000 kW. Den nationale Keelenzenter op 420.000 kW an den Hotel Threeland op 450.000 kW. Also dat ass awer schonn héich.

Albert Muller (LSAP):

Selbstverständlech, ech streiden dat net of. Ech wëll just soen, datt déi Energien do net permanent iwwer dat ganzt Joer verbraucht ginn. Well wann d'Vakanze sinn, da sinn d'Schwämmen zou, da sinn d'Schoulen zou, an da ginn déi Energien net gebraucht. An trotzdem muss d'Kogeneratioun lafe fir ze garantéieren, datt Spëtzestroum, wann e vun der Cegedel gefrot gëtt, ka geliwwert ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg, mä dat soll jo dee Büro ausrechnen. Gitt deem och emol eng Chance fir datt en eis genee Zuelen op den Dësch ka leeën. An dann diskutéiere mer ob mer et bauen oder net, awer a Funktioun vun all den Donnéeën, déi dann um Dësch leien. An dofir brauche mer 36.000 Euro. Et ass fir datt dee Büro eis emol Donnéeën op den Dësch leet. Hei schwätze mer iwwer Saachen, Iddien, Richtlinnen, déi verschidde Leit hunn, awer ouni Kenntnis vun den Zuelen ze hunn. An ech sinn ëmmer der Meenung, datt ee fir d'éischt emol soll d'Zuele kennen ier een eng Entscheedung hëlt. Déi Analys musse mer elo bezuelen, an da kënnt deen Ingenieur heihinner. Da kënne mer eng technesch Sëtzung maachen, wou mer eis eng oder zwou Stonnen domatter ausernanersetze fir ze kucken, ob dat der Gemeng elo eppes bréngt oder net.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt iech einfach nëmmen e puer Iddie mat op de Wee ginn, déi ech a menger laanger Carrière materlieft hunn. An ech wollt iech och drop hiweisen, datt ee soll oppasse wann den Ingenieur wëll e Projet verkafen.

Opgronn vun de Fuerderunge vu Sudgaz – an dat erstaunt mech e bëssen – sinn ‚An Eigent' Brenner agebaut, déi esouwuel mat Gas ewéi mat Mazout fueren. An am Sportszenter sinn och esou Brenner agebaut ginn. Firwat sinn déi agebaut ginn? Ma well Sudgaz gesot huet, datt, wa si eng Kéier eng Spëtz hätten am Wanter, da miisste mer op Mazout ëmschalten. An ech géif mengen, Här Welter, och dat sollte mer mat berücksichtegen. An zwar, datt mer nëmmen net mat Gas alleng fueren, mä mer mussen – jee nodeem wéi et ass – Mazout mat bäihuelen. An och do ass et da sécherlech en anere Wierkungsgrad wéi wa mer just mat Mazout fueren. Ech ginn iech dat einfach mat op de Wee, well et weess een net ëmmer, datt et Zweestoffbrenner sinn, an ech wëll och elo net alles hei schlecht maachen. Mä ech wëll hëllefen, dorop hinzeweisen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat wäert och op alle Fall esou sinn. Mä elo si mer erëm an enger Diskussioun dran, wou mer eréischt an engem Joer hunn. Gitt deenen Ingenieuren eng Chance, an ech si sécher, datt déi Iwwerleeungen, déi dir hei maacht, si och maachen.

Albert Muller (LSAP):

Ech weess dat. Dir hat mer jo och virdru geäntwert, firwat der mam Här Weisgerber hutt missen en Affekot huelen. D'Büroe verkafe ganz gäre Projeten. Ech hu virdrun zwee Schäffe genannt, wou dat de Fall war. Do si Projete verkaf ginn, an duerno huet sech dann erausgestallt, datt et net ze maache wier.

Ech wollt nach just froen, firwat mer hei sollen 36.000 Euro stëmmen, well vir an der Préambel steet, datt Gobelet a Lavandier schonn eng Etude gemaach huet. Dat heescht, hu se déi op Basis vun enger Offer gemaach, oder hu se déi op Basis vun engem Kontrakt gemaach? Well wann dat op Basis vun engem Kontrakt ass, da kann ech novollzéien, datt mer 36.000 Euro schëlleg sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen, dat ass esou, datt Gobelet a Lavandier amgaang ass fir Sudgaz eng Etude ze maachen. An do ass och eng Partie fir d'Gemeng, well een Deel soll déi extern Firma maachen, an deen aneren Deel iwwerhëlt d'Gemeng. A mär mussen och selbstverständlech fir déi Käschte vun den Etuden – zum Beispill, wéi d'Gebai soll ausgesinn -, iwwerhuelen. Mä en Deel ass schonn op Verlaange vu Sudgaz gemaach ginn, an deen aneren Deel gëtt op Verlaange vun der Gemeng gemaach. Mer hunn dat op 36.000 Euro gesat well mer mengen, datt et domatter duergeet fir déi Aarbechten zu Enn ze bréngen.

Roger Klein (LSAP):

Wann ech dat elo richteg verstanen hunn, huet den Här Muller eng Demande gemaach fir de Punkt vun der Dagesuerdnung ze huelen. En huet jo déi Demande hei argumentéiert. A wann en opgronn vun deenen Äntwerten, déi en elo kritt huet, déi

Demande oprecht erhält, da miisste mer fir d'éischt iwwer déi Demande ofstëmmen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass dann un him fir ze entscheeden, ob dat eng offiziell Demande ass. Wann hien dat gären als offiziell Demande hätt, da wëll ech awer och gäre wëssen, wien déi offiziell Demande ënnerstëtzt. Ob dat just den Här Muller ass oder op dat déi ganz Fraktioun vun der LSAP ass, déi mengt, mer hätten do gutt Zäit.

Albert Muller (LSAP):

Ech hu gefrot, fir dee Punkt zeréckzestellen op de Budget 2011, well mer da keng extra Kreditter musse stëmmen, mä do gëtt am Kader vum Budget de Kredit gestëmmt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Haalt Dir dat oprecht no der Äntwert, déi ech lech ginn hunn?

Albert Muller (LSAP):

Ech hale meng Demande net oprecht, mä ech enthale mech da bei der Ofstëmmung.

Accord avec 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) et 6 abstentions (LSAP).

8.1.

Prévisions sociales.

Fixation de l'effectif du conseil d'administration du nouvel office social – nouvelle décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn dat do nach eng Kéier op d'Dagesuerdnung geholl nodeems mer Demandë kritt hu vu Leit, déi sech gemellt hu fir an den Office social ze kommen. Mer hunn effektiv festgestallt, datt eng Rei Leit derbäi sinn, déi an de Parteie sinn, awer och eng Rei Leit, déi keng Parteikaart hunn – op jiddwer Fall fir de Moment keng hunn. Wa mer eis strikt drun halen, wat mer eis déi leschte Kéier virgeholl hunn, da riskéiere mer keng neutral Persoun, keng ouni Parteikaart am Office social ze hunn. Mer mengen awer, datt dat net onbedéngt am Sënn vun eisem Gesetz ass, well d'Gesetz eigentlech d'Parteikaart am Géigesaz zu de Kommissiounen, wou wierklech déi eenzel Parteie proportional zu hirer Präsenz am Gemengerot vertruede sinn, net esou virgesäit. Hei ass jiddereen „en nom personnel", dee seng Kandidatur stellt. Dofir wollte mer iech proposéieren – och no Récksprooch mat deenen eenzelne Servicer – fir d'Zuel vun de Memberen op 11 eropzesetzen. An dat fir engersäits deene Kandidaten, bei deene mer wëssen, datt se aus de Parteie kommen an och eng Parteikaart hunn, d'Méiglechkeet ze ginn an de Verwaltungsrot ze kommen. Awer och fir doriwwer eraus deem engen oder aneren, deen net an enger Partei ass, d'Chance ze ginn, um Office social deel ze huelen. Mer géife mengen, datt domatter de Spektrum an d'Iddien an deem Beräich, dee jo e wichtege Volet an nächster Zukunft gëtt, méi grouss gëtt wa mer och Leit vun auswäerts mat eranhuelen. Bei der Presentatioun vun de Leit am Punkt 8.2. géif ech iech och soen, wie sech effektiv als Member vun enger Partei mellt a wien net méi an enger Partei ass oder nach net an enger Partei war. Esou datt jidderee weess, vu wat mer schwätzen.

Mee beim Punkt 8.1. geet et dorëm, déi Ouverture ze maachen an op 11 eropzegoen. Well soss riskéiere mer, nëmme Parteileit an dësem Gremium ze hunn. Esou kënnen och Leit, déi sech am Kader vun engem ëffentlechen Opruff gemellt hunn, an den Office social kommen.

Roger Klein (LSAP):

Een Deel vu menger Interventioun hutt der schonn ewech geholl. Ech wollt nääämlech och froen, datt mer duerno och nach eng Kéier gesot kréien, wien eng Partei representéiert a wien net.

Fir den 1. Punkt hutt der mer och schonn e bësse geäntwert, och wann et vläicht ongewollt gesot gouf. Viru 4 Méint ware mer och hei um Dësch iwwerzeegt, datt 9 eng gutt Zuel wier. Elo hu mer 12 Kandidature virleien an ob eemol musse mer dann 11 Stéck hunn. Wa mer da 27 Kandidature kritt hätten, hätte mer dann och gesot, mer bräichten der 27 do dran? Och mat 9 hätt ee kënne Leit, déi un eng Partei gebonne sinn an déi, déi net un eng Partei gebonne sinn, an deem Gremium kënnen hunn. Mä ob dat elo 9 oder 11 Leit sinn, dat mécht der Kaz kee Bockel, heescht et jo op Lëtzebuergesch. Mä wat ech net gutt fannen, dat ass, datt mer Entscheedungen, déi mer zesumme geholl hunn, e puer Méint duerno ëmgeheie well mer e puer nei Erkenntnisser hunn. Wierklech nei Erkenntnisser sinn hei keng. Et hätt ee kënne vu vir era soen, mer géifen 11 oder 13 Leit eranhuelen. Wéi gesot, ech hu mat der Zuel kee Problem. Ech géif awer gären, wéi ech dat ufanks och gesot hunn, gewuer ginn, wéi eng Leit do onofhängeg a wat fir Leit Parteie vertrieden.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Effektiv hätte mer dat do och kënnen esou maachen. Mä wa mer der 9 geholl hätten, dann hätte mer wahrscheinlech – a mer hätte jo gäre Leit vu bausse geholl, déi keng Parteikaart hunn - nach miissten zu anere Leit soen, datt si sech miissten zeréckzéien. Mer haten eis hei e Konsensus ginn. Wat d'Parteien ugeet, esou hate mer gesot, mer géifen eis op déi orientéieren, déi hei um Dësch sinn, esou datt d'Parteien och a Funktioun vun hirer Representativitéit am Gemengerot an dem Office social vertruede sinn. Wa mer natierlech elo keng 2 Posten derbäi schafe fir Leit, déi net an enger Partei sinn, dann hätte mer miisste bei deenen aneren eng nei Opdeelung maachen. An déi wier zimlech schwiereg ze maache gewiescht. Dofir hu mer mat de Servicer geschwat a gefrot, wéi si mengen, datt esou e Gremium ka funktionéieren. Mer hunn dat och nach eng Kéier an déi Phas zeréckgesat wou mer gefrot hunn, wéi den Office social eigentlech funktionéiert mat den Assistantes sociales, mat dem administrative Volet. An do si mer zur Konklusioun koum, datt och déi Zuel vun 11 absolut kee Problem géif duerstelle fir datt deen Office social funktionéiert. An dat huet eis d'Méiglechkeet ginn, dee Modus vivendi, wéi mer eis vun de Parteien an deenen eenzelne Gremie vertriede loossen, ze respektéieren. Op däer anerer Säit hu mer awer och eng Dir opgemaach fir aneren, ganz interessante Leit, déi sech gemellt hunn, eng Chance ze gi fir do matzemaachen.

Ech géif da virschloen, iwwer den éischte Punkt – fir op 11 erop ze goen – ofstëmmen ze loossen. An duerno den zweete Punkt wat d'Memberen ugeet, a wou mer iech soen, wou mer do dru sinn.

Accord à l'unanimité.

8.2.

Prévisions sociales.

Nomination des membres du conseil d'administration du nouvel office social - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei komme mer dann elo bei déi 12 Kandidaten, déi mer virleien hunn. Dovunner sinn der eng Rei derbäi vun deene mer wëssen, datt se an enger Partei sinn. Mä mer si jo hei ganz éierlech beieneen, a wann een der Meenung ass, bei engem Kandidat wier dat anescht, da kann en dat jo mellen.

Wat mer wëssen – a mer fänke mat der CSV un, well déi mer jo awer méi no steet wéi déi aner Parteien – do si Kandidaten, déi vun der Partei

presentéiert ginn, déi sech och gemellt hunn a geschéckt goufen:

Vun der CSV sinn et Barnig-Tonhofer Simone, François Metz, Johny Polfer a Robert Polfer.

Vun der LSAP sinn et Jeannot Linden, Pierre Norbert a Joseph Libert.

Vun der DP ass et d'Madame Marie-Josée Quintus.

Déi Gréng hu mer matgedeelt, datt si kee presentéiert hunn.

Dat heescht, mer hätten eigentlech nach Kandidaten, déi net an enger Partei sinn. Dat sinn Paul Christ, Albertine Huberty, Raymonde Loch-Wolff a Laurent Kocks.

Dat ass d'Situatioun, esou wéi se elo ass. Mer sinn och zu 4 Leit, déi éierlech solle matenee sinn. Mär géifen da virschloen, déi 11 Leit ze designéieren. Do ka jidderee wielen, wien e wëllt. Et sinn 12 Kandidaturen do, an et sinn 11 Leit, déi opstinn. Mer wëssen – laut eisen Informatiounen – datt ronn 8 Leit enger Partei zougehéieren.

Candidats nominés par vote secret:

Barnig-Tonhofer Simone (7 voix); Christ Paul (14 voix); Koch-Wolff Raymonde (13 voix); Kocks Laurent (14 voix); Libert Joseph (14 voix); Linden Jeannt (14 voix); François Metz (14 voix); Pierre Norbert (14 voix); Polfer Johny (14 voix); Polfer Robert (14 voix); Quintus-Claude Marie-Josée (14 voix).

8.3.

Prévisions sociales.

Convention avec le «Club Senior Prënzebierg» pour l'exercice 2010 - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer hunn d'Konventioun mat dem Club Senior Prënzebierg virleie fir ze stëmmen. Dës Konventioun tëscht der Asbl „Aide pour personnes âgées Prënzebierg", dem Stat an de Gemengen Déifferdang, Käerjeng, Kënzeg, Suessem a Péiteng a fir den Exercice 2010 ass scho vun alle Vertrieder ënnerschriwwe ginn. De Club Senior stellt alle Matbierger aus de Gemengen, déi iwwer 50 Joer al sinn, eng ganz Rei vu Servicer zur Verfügung respektiv en organiséiert eng ganz Rei Manifestatiounen an deenen 5 Gemengen. Seng Missioun besteet doranner, déi eeler Leit an eiser Gesellschaft z'integréieren, Kontakter hirzestellen, hinnen ze hëllefen, Animatioun a Fräizäitgestaltung d'ganz Joer unzebidden a Konferenzen ze halen. Ech zitéieren dofir d'Matinée den 8. Oktober am Fräizäitzenter, eng Organisatioun mat eiser Kommissioun fir den 3. Alter, déi duerch hire variéierte Programm e groussen Erfolleg gi war.

De Fréijoers- a Wanterprogramm kréien d'Leit, déi iwwer 50 Joer al sinn, heem geschéckt. Et dréint sech hei ëm Lëtzebuergesch musikalesch Owender, Rallyen, Computer- an Handycoursen, Kino, Shoping, Bingo an esou weider.

Bei eelere Leit kann iwwer dëse Wee vun Animatioun detektéiert a verhënnert ginn, wann an datt si sech net wuel fillen. Am ganze kritt de Club Senior fir d'Personalkäschten 304.000 Euro, dovunner iwwerhëlt de Stat 87%. Et bleiwen dann nach 13% oder 39.546 Euro fir déi 5 Gemengen. Vun dësen 13% falen – no dem Verrechnungs-schlëssel vun der Populatioun vun deenen 5 Gemengen – 25% op eis Gemeng. An dat sinn 9.886 Euro. Dobäi kënnt och eisen Deel vum Loyer, wat 6.834 Euro sinn. Dat mécht en Total vun 16.720 Euro. Dëst si ronn 200 Euro méi wéi d'lescht Joer. Dat ass duerch d'Indextranche bedéngt, déi duerch d'Peie vum Personal ausbezuelt gouf.

Mer haten am Budget 2010 dës Zomm virgesinn. An zwar fir de Loyer vun 6.834 Euro hu mer 7.100 Euro virgesinn; a fir d'Personalkäschte vun 9.686 Euro hu mer 10.500 Euro virgesinn.

Approbation à l'unanimité MM Brecht et Pierre, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

9.

Ordre public.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2011 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An der Traditioun vun de Joere virdru wëlle mer iech all déi Datume proposéieren, dat awer mat Ausnam vun de Braderien, déi nach net bekannt sinn. Mer wëllen déi fräi Nuechten automatesch um Terrain respektiv an deenen eenzelnen Uertschaften – bei enger Kiermes – vun 1 Auer op 3 Auer verlängeren.

Romain Rosenfeld (CSV)

Eng kleng Bemierkung dozou. Ech gesinn do den 10. September, den 9. September si jo awer d'Festivitéiten. Kéint een deen net dobäi schreiwen?

Roland Breyer, Schäffen:

Den 9. September si kleng Festivitéiten, déi awer net als fräi Nuecht ze betruechte sinn. Den 10. September ass méi geduecht fir e Festival z'organiséieren. Ech wollt och drop opmierksam maachen, datt alles stëmmt, wat hei steet. Mee wat e bësse komesch ass, - ech rechnen domat, datt mer eng Ännerung kréien - dat ass, datt déi Péitenger Kiermes géif op Päischtsonndeg falen. Op dem Kalenner ass et richteg. Mee wann d'Kiermesleit matmaachen – déi si jo meeschtendeels d'Päischtkiermes zu Esch – da kann ech mer virstellen, datt mer do eng Diskussioun kréien a vläicht méi spéit nach eng Kéier doriwwer diskutéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hale mer dat elo mol fest opgronn vun deem, wat mer wëssen. Wann eppes ännert, da musse mer nach eng Kéier erëmkommen domatter.

Accord à l'unanimité.

10.

Cultes.

Acquisition, par la Fabrique d'Eglise de Lamadelaine, d'un appartement avec cave et emplacement pour voiture dans la résidence «Max» à Lamadelaine – avis.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Den Här Bosseler ass erausgaangen, well hie jo Member ass vun der Kierchefabrik vu Rolleng. Si wëllen en Appartement vun 170.000 Euro kafen, a si brauchen den Avis vum Gemengerot fir dës Transaktioun ze maachen.

Avis voté avec 12 voix (CSV, LASP, DP) et 1 abstention (Déo Gréng). M Bosseler, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

Romain Becker (Déi Gréng):

Also, ech fannen, datt et nach ëmmer vill ze vill enk Verstréckunge ginn tëscht Kierch a Stat respektiv Gemengen hei am Land. Mer kënnen net dergéint wierken, well et vum Gesetz virgeschriwwen ass, datt de Gemengerot bei all Uschafung vun der Kierchefabrik en Avis muss ofginn. Well ech awer net méi domatter averstane sinn, hunn ech mech enthalen. Et hätt näischt bruecht wann ech dergéint gestëmmt hätt. D'Gesetz seet et, mer mussen dat maachen.

11.1.

Vie associative.

«FC Bayern München Fanclub Péiteng 2010» - statuts.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer géifen iech als Schäfferot virschloen, Acte vun deene Statuten do ze huelen.

Guy Brecht (LSAP):

An der Délibératioun steet e Saz, deen e bëssen an d'ler féiert. Do schreift der „Considérant que ces buts sont déjà assurés par d'autres associations similaires en place, il ne convient donc pas de l'admettre sur la liste officielle des groupements bénéficiant d'aides communales". Bon, ech weess net, ob nach en anere Club den FC Bayern München ënnerstëtzt, mä ech weess op alle Fall, datt kee Supporterclub – ech mengen, den Handball huet een, de Basket hat een, de Fussball zu Péiteng huet een – e Subsid kritt. Dofir féiert dee Saz an d'ler esou wéi en drasteet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also et sinn zwee Sätz dran, an zwar „Considérant que le but principal de la société est de supporter le club de football FC Bayern München". Dat ass e Supporterclub, a mer ënnerstëtzen eigentlech ni e Supporterclub. Et steet awer och do „Considérant que ces buts sont déjà assurés par d'autres associations similaires…", do stellen ech dat einfach esou hin, wéi dat et eng „partie intégrante" ass vun engem Fussballveräin. Well soss kann een e Supporterclub maachen, et mécht een och nach e Veräin, deen um Terrain grillt an esou weider. E Supporterclub gehéiert fir de Schäfferot zu den Aktivitéite vun engem Fussballsclub. A wa mer de Supporterclub vun engem Veräin – an ech weess, datt déi och ëmmer refuséiert goufe vun all Fussballveräin – net akzeptéiere wa mer soen, datt mer de Sport scho subventionéieren, dann ass et par analogie esou, datt een dat och net ka bei engem auslännesche Veräi maachen.

Guy Brecht (LSAP):

Wann der et vun deem Standpunkt aus gesitt, dann ass dat an der Rei. Ech wollt nach soen, datt beim Punkt 3 op der Säit 138 steet „L'exclusion peut être prononcée contre tout membre ayant causé volontairement au FC Bayern München ou à l'association un préjudice matériel ou moral". Dat heescht, wann een elo eng Kéier seet, se hätte samschdes näischt gespillt, da flitt een aus dem Veräin eraus. Oder wéi ass dat?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da géifen der vill erausfléien.

Roger Klein (LSAP):

Ech wëll an deem selwechte Sënn argumentéieren. Mer leie sécherlech op enger Linn, an dat hu mer ëmmer gemaach, datt mer keng Supporterclibb ënnerstëtzen, grad esou wéi mer kee Spuerveräiner ënnerstëtzen. Mee den „considérant que ces buts…" ass wierklech net richteg, well et ass kee weidere Veräin an der Gemeng, deen den FC Bayern München ënnerstëtzt, obschonn et der op der ganzer Welt 21.000 ginn. Mä an zukënftegen Délibératiounen oder vläicht wann d'Subsidiereglement iwwerschafft gëtt, da solle mer ganz kloer festhalen, datt bestëmmt Aktivitéiten ewéi déi vum Supporterclub vu vir eran net ënner subsidiéiert Veräiner falen. An da sollt een och eng Formulatioun fannen, déi méi adäquat ass wéi déi hei.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer huelen dat un a ginn dat och virun.

Norbert Pierre (LSAP)

Wa mer de Comité kucken, da steet de Marc Rosenfeld do. A wann ech am Verwaltungsrot hannendru kucken, da steet de Romain Rosenfeld dran. Bon, ech weess net, ass dat esou richteg?

Romain Rosenfeld (CSV)

Dat eent sinn d'Grënnungsmemberen. Et ass jo och e klenge Veräin.

Norbert Pierre (LSAP)

Ah, esou ass dat. Do sinn och nach Finessen derbäi. Dann ass d'Saach an der Rei.

Il en est pris acte.

12.

Dépenses diverses.

Octroi de cadeaux de service - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et sinn 2 Leit, déi schonn 20 Joer bei eis op der Péitenger Gemeng schaffen an och d'gëllen Auer kréien oder villméi dat, wat mer ënner enger gëllener Auer verstinn, also e Scheck iwwer 900 Euro. Deen een ass den Här Gérard Colbach vum Léierpersonal an deen aneren de Raymond Baum als „Membre actif du service d'incendie et de sauvetage". Mer géifen iech virschloen, hinnen déi gëllen Auer z'iwwerreechen.

Accord à l'unanimité.

13.

Transports et communications.

Modification du règlement général de la circulation routière - approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn den 9. Mäerz 2009, also virun engem gudde Joer, en neit Verkéiersreglement gestëmmt. Mer haten et och e Joer zur Prouf, a mer hunn no dësem Joer zur Erkenntnis komm, datt mer sollten e puer Ännerungen, e puer Upassunge maachen. Et muss ee soen, datt dat Verkéiersreglement – dat hutt der de Moie jo selwer gesinn – net ëmmer esou einfach ze verstoen an och net ëmmer iwwersiichtlech ass. Dir hutt de Moien erëm eng Kéier nei Ziedele kritt, déi nees eng Kéier déi, déi der heem krut hat, ersetzen. An dat, well nees gesi gouf, datt kleng Feeler dra waren. Et ass och esou, datt, wa mer et gestëmmt hunn, et an eng méi iwwersiichtlech Form ka gestallt gi wou mer dann déi richteg Säiten op déi richteg Plaze setzen a wou dann och all Säit nees eng Nummer kritt. Et ass elo just esou, datt wann een einfach en Artikel changéiert, da rutscht dat Ganzt. Et ass einfach e Programm, deen e bëssen indigeste ass de Moment, a wou een effektiv zéng Mol driwwer liese muss fir ze verstoen, wat lass ass. Hei am Reglement, dat der kritt hutt, sinn nëmmen déi Ännerungen opgezielt, déi mer wëlle maachen. Alles wat net dran ass, do ass och näischt changéiert. Der gesitt och am Verkéiersreglement datt iwwerall et do, wou den 25.10. steet, ëm de Changement geet, dee virgeschloe gëtt.

Mer hunn also versicht e puer Saachen aus dem ale Reglement, wou nach Feeler dra waren oder Saache vergiess goufen, ze rektifizéieren an aner nei Saachen eran ze huelen. Dës Propositioune sinn esou gutt vun eiser Verkéierskommissioun nogekuckt ewéi vun der staatlecher Verkéierskommissioun den 28.9. positiv aviséiert ginn. Dat ass den Accord, deen ëmmer muss virleien.

Wat ännert elo? Éischtens emol d'Virfahrten. Mer hu festgestallt, datt

mer um Territoire vun der Gemeng Péiteng vill Stopschëlter stoen hu well mer eng laang Strëpp hunn an der Gemeng a well iwwerall Stroosse sinn, déi do drop stoussen. Mer hunn awer och festgestallt, datt déi Stopschëlter zum Deel méi bremsen an hënneren ewéi ofsécheren, well ee sech einfach lues erausschläiche muss an heiansdo dann e Protokoll kritt well een net stoe bleift an ee keng Iwwersiicht huet. Se si méi Schikan ewéi Hëllef. Dofir si mer och der Meenung, datt mer, ouni d'Gefor ze erhéijen, einfach e ganze Koup Stopschëlter duerch Dräieckschëlter kënnen ersetzen. Wat jo och déi selwecht Ofsécherung gëtt. Dat soll op 62 Plazen an der Gemeng geschéien. Deelweis kommen och nei Dräieckschëlter derbäi. Der gesitt iwwerall wou dat ass. All kéiers wou 25.10.2010 dobäitsteet, ass eppes wat ännert.

Op 4 aner Plaze kënnt e Stopschëld derbäi. Dat ass zu Rolleng an der Grand-Rue bei der Sortie vum Parking bei der Kierch. Do kënnt e Stopschëld hin, well et net iwwersiichtlech ass. Dann an der rue des Prés op der Kräizung mat der rue de la Gare well d'Luuchte jo net ëmmer ginn.

Zu Rodange an der rue de l'Industrie op der Kräizung mat der Lonkescher Strooss. Do soll e Stopschëld hikomme well dat anert ze geféierlech ass wa mer et net hunn.

Zu Péiteng an der rue des Jardins, an zwar dat Stéck, wat vum Cactus an d'rue Batty Weber kënnt, well dat och net iwwersiichtlech ass. Do loosse mer gären e Stopschëld hisetzen.

Dann hu mer och e Changement bei den Handicapéierteparkplaze gemaach. Mer hunn der bäigesat. Generell ass awer ze bemierken, datt d'Handicapéierteparkplazen de Verkéiersbestëmmunge vum Quartier oder der Parkplaz ënnerleien an datt d'Benotzer och mussen de Bestëmmunge vun der Zäitdauer an der Bezuelpflicht nokommen. Een, dee sech op eng Parkplaz stellt, wou nëmmen 2 Stonnen erlaabt sinn, deen däerf och als Handicapéierten nëmmen 2 Stonnen do stoen a keng 10 Stonnen. Et ass also nach ëmmer esou – et sinn der vill, déi dat net verstinn an déi mengen, et wier hir Handicapéierteplaz -, datt ee soll changéieren. An och wann do steet, datt eppes muss agehäit ginn, da muss och eppes agehäit ginn. Et kommen also nei derbäi: zu Péiteng an der avenue de la Gare bei der Post, op dem Parking op der Maartplaz an an der rue des Ecoles nieft der Kierch; zu Rodange bei der neier Apdikt um Parking dee mer Pharmacie nennen, um Parking Casino - dat ass beim fréiere Schaeffer -, an der rue de la Gendarmerie beim Dokter ënnen, um PiKo Parking 1, do kommen der 10 hinn déi zwar scho virgesinn, mä nach net reglemenéiert waren. Falsch ass awer, datt der um Parking PiKo 2 sechs sinn. Dat soll ee sträichen.

Wat d'Parkzonen ugeet, do hu mer och e puer Ännerunge virgesinn. D'Parkzon déi op eng Stonn limitéiert ass op de Wochendeeg gëtt hei zu Péiteng erweidert vun der Maartplaz bis un d'rue des Romains. Do hate mer bis ewell keng Reglementatioun, do konnt ee bis ewell fräi stoen. Dann och virum Haus 52 an der rue des Prés zu Rolleng – dat ass beim Leger -, do däerf een dann och op de Wochendeeg nëmmen nach reglementéiert parken. Do sinn zwou Plaze virun der Dir.

D'Parken op Plazen, déi agezeechent oder markéiert sinn. Mer hu jo e Reglement, dat seet, datt et verbueden ass ze parken ausser op deene Plazen, déi agezeechent a markéiert sinn. Do kommen e puer Saache bäi. Éischtens zu Rolleng an der rue des Prés tëscht der rue du Vieux Moulin an der avenue de la Gare – do gi se agezeechent, dat war nach net do -, an an der rue du Stade, déi zwou Säiten an och op den Nieweweeër laanscht de Fussballsterrain erop, do ass et verbueden ze parke wann näischt agezeechent ass. Just do, wou agezeechent ass, däerf ee parken.

Dat selwecht ass och op der ganzer Längt an op zwou Säiten an der rue Marcel Knauf zu Rodange grad esou wéi an der Neiwiss op der ganzer Längt op deenen zwou Säiten. An der Neiwiss hate mer jo e Pavé, deen net iwwersiichtlech war an och onverständlech. Elo ginn d'Parkplazen agezeechent, an da wëssen d'Leit och, wou se dru sinn.

Et ass allgemeng verbueden ze parken zu Péiteng an der rue Bommert vun der Lonkescher Strooss u bis un d'Haus 13 op der ongerueter Säit, well mer do einfach zevill Garagen hunn an et net gutt ze iwwerkucken ass. Dann nach zu Rodange an der Charlotte Strooss vun der Adolphe Strooss bis un d'Haus 42 op der gerueter Säit; an der Fonderiestrooss déi ganz Längt op der ongerueter Säit, op der ganzer Längt vun der rue du Stade a vun der Entrée vum Neiwiss Schoulgebai un op deenen zwou Säiten.

Et ass och verbueden ze parke fir déi Gefierer, déi Wueren transportéieren, an zwar um viichten Deel vum Parking Cour de la Gare zu Péiteng ausser vun owes 18 Auer bis mueres 8 Auer an och d'Wochenenn. De Moment hate mer keng Reglementatioun do. Et war praktesch esou, datt déi Gefierer, déi net méi däerfen an der Uertschaft stoen, vir hënner op d'Parkplaz vun der CFL gestallt goufen, esou datt déi Leit, déi mam Zuch gefuer sinn, hannenhinner hu musse fueren. Et soll awer ëmgedréint sinn. Ech mengen, déi Leit, fir déi de Parking iwwerhaapt gegrënnt ginn ass, solle vir stoen. An déi aner sollen hannenhi goen.

Wat d'„parking payants" ugeet, do hu mer - nodeems de Gemengerot hei déi nei Parktaxe gestëmmt huet, a wat nach ausgeschafft gëtt an nach um Ausgank vum Joer op den Dësch wäert kommen - wëlles an eisem neie Reglement déi éischt Stonn op deene Parkingen, wou bezuelt muss ginn an der Gemeng, gratis maachen. Bis elo huet ee jo vun der éischter Minutt u musse bezuelen. Et kënnt e Schëld dohinner dat seet, datt een déi éischt Stonn ka mam Disque do stationéieren. Zum Beispill wann ee séier eng Kommissioun muss maachen. Eréischt vun der zweeter Stonn u gëtt bezuelt. Mee et muss een awer och domatter rechnen, datt déi Taxe wahrscheinlech gehuewe ginn. Well mer hunn de Moment Taxe vun 10 an 20 Cent, wou d'Leit och Problemer hu fir mat den Automaten eens ze ginn. Do wäert eng Erhéijung no uewe kommen. Wéi héich, dat muss an der Finanzkommissioun an duerno hei am Gemengerot diskutéiert ginn. Mee op alle Fall ass d'Iddi do fir déi éischt Stonn gratis ze maachen.

Hei zu Péiteng ass jo de Parking op der Maartplaz op zwou Stonne limitéiert. E Changement kënnt um Parking Gillardin, dee gëtt op véier Stonnen eropgesat. Mer hu festgestallt, datt deen op zwou Stonne begrenzt war an net vill dovunner profitéiert gouf. Et ass eng Demande do fir méi laang do ze parken.

Zu Rodange ginn de Parking Casino an de Parking Pharmacie – do wou déi nei Apdikt ass – op zwou Stonne begrenzt.

Wat déi fräi Parkingen ugeet, dat ass emol de Parking hanner Rousen. Dee bleift an der Woch vun 6 Auer bis 16.30 Auer reservéiert fir déi intern Demandeuren, déi mer hunn. A mer hunn och wëlles beim Parking Eglise, dat ass do wou elo nach Containere stinn tëscht der rue de l'Eglise an der rue Gillardin a wou 10 Parkplaze sinn, eng Barrière opzestelle fir datt dee reservéiert bleift fir d'Léierpersounen aus der Musekschoul respektiv aus dem Schoulgebai Am Park, déi och emol méi schwéier Saachen ze schleefen hunn. Déi puer Parkplaze solle reservéiert si vu moies 7 bis owes

21.30 Auer – wéinst der Musekschoul - op de Wochendeeg. Do musse si sech natierlech eens ginn ënnereneen. Samschdes soll en op si vu moies 7 bis owes 18 Auer. Sonndes soll e komplett fräi sinn. Dat heescht, d'Barrière steet dann owes no 18 Auer respektiv no 21.30 Auer op, sonndes ass se dann och op.

Et sinn och sougenannt „changements directionnels" virgesinn. Zu Rodange ass dat an der rue de la Minière, wou et verbueden ass vun der Philippartstrooss an d'Amalberga Strooss ze fueren, dann nach an der Charlotte Strooss vun der Adolphestrooss bis un d'Haus Nummer 42, an an der Guillaume Strooss vun der Prince Jean op d'Adolphe Strooss.

Zu Péiteng ass dat dat ënnescht Stéck an der Bommertstrooss, an zwar vun der Lonkescher Strooss era wou se dann an der rue des Romains den Tour maachen. An der rue des Ecoles ass et verbueden an deenen 2 Richtungen tëscht der Kierchestrooss an der Gillardinstrooss ze fueren – ausser fir d'Vëloen. An dann nach an der Impasse rue des Jardins – dat ass déi Verbindung, déi tëscht der Gaardestrooss an der Ed Steichen Strooss ass – tëscht den Haiser 54 an 58. Fir d'Vëloen ass et erlaabt. An dat selwecht an der rue Ed Steichen tëscht den Haier 20 an 22 vun däer aner Säit.

Et komme Bushaltestellen derbäi oder et ginn der geännert. Dat ass zu Péiteng an der Athuser Strooss beim Haus 22 an op der Lonkescher Strooss déi aner Säit vum Cactus tëscht der Pierre Gregoire Strooss an der rue Raechels. Dat ass op deem klengen Îlot, do gëtt e klengen Aménagement gemaach fir en Busarrêt. Deen ass e bësse méi déif, a kënnt elo méi erop stoen. Do kënnt och nach e Bushaischen hin. Et muss also e Réaménagement vun däer Plaz do geschéien.

Um Parking PiKo 1 zu Rodange kënnt de Bus och dohinner, grad esou wéi zu Rolleng op der Héicht vun der CFL Bréck. Déi si schonn agezeechent. Dat heescht, déi Leit, déi mam Zuch fueren an den Arrêt CFL benotzen, ginn hei esou no wéi méiglech un den Arrêt erubruecht. Et kënnt och nach e Foussgängeriwwerwee dohinner. Esou gutt fir op Rolleng ewéi vu Rolleng eraus ze fueren.

Och Foussgängerpassage kommen derbäi respektiv gi geännert, an dat zu Péiteng an der rue des Ecoles op der Héicht vun der Batty Weber Strooss; an der rue des Jardins op der Héicht vun der Lonkescher Strooss wéinst deenen neien Arrêten. Zu Rolleng an der rue du Moulin an der rue des Prés feelt een, an an der rue de Luxembourg an der rue des Prés feelen der och. Mer hu Saachen, mä mer mussen ëmmer kucken, ob d'Reglement stëmmt. Hei hu mer versicht, esou no wéi méiglech un d'Reglementer erunzekommen.

Et ass och verbueden z'iwwerhuelen zu Rolleng an der rue des Prés, an dat op deem Deel tëscht der rue de Luxembourg an der route de Longwy. Dat ass da just wou déi zwee Arrête sinn aus der rue des Prés eraus op Lamadelaine zou. Wann do e Bus steet, da mussen déi aner hannendru bleiwen.

Eng nei rout Luucht kënnt bäi op der Kräizung tëscht der Lonkescher Strooss an dem Brouckerwee. An da kommen och nach aner Signalisatiounen, déi duerch de Code de la route verlaangt ginn, esou wéi en ënnerierdesche Passage. Dat ass e Schëld mat engem Männchen, deen d'Trapen erofgeet. Dat muss beim Arrêt hei zu Rolleng opgestallt ginn.

Wann de Gemengerot dës Upassungen an Ännerunge stëmmt, da muss dat ganzt Reglement nach eng Kéier duerch den Transport- an den Inneministère genehmegt ginn. Dat kann e puer Wochen daueren. D'Reglement ass eréischt gesetzlech ugeholl wann et vun der Gemeng ëffentlech publizéiert gëtt. Verschidden Upassungen a Markéierungen, déi net an de Kader vun dësem Reglement falen, hu mer jo scho gemaach. Zum Beispill eng Ouverture fir déi Gefierer, déi zwar an d'Kategorie vun dem Wuerentransport falen, awer als eenzegt Gefier vu Privatleit genotzt ginn. Do hu mer eng Ouverture als Schäfferot gemaach. Dat heescht, et sinn emol Leit komm, déi eng kleng Camionnette hu fir zwee Hënn dran ze setzen. Se hunn awer keen aneren Auto. Déi si bis ewell net ënner d'Bestëmmunge vum „Parking résidentiel" gefall. Fir déi Leit hu mer gesot, datt mer dat géifen als normalen Auto betruechten. Si hunn dofir och eng Vignette kritt. Oder aner Leit, déi eng „permanence d'intérêt public" maachen, déi däerfen owes och an dem Quartier stoen a mussen net onbedéngt exiléiert ginn. Dat ass haaptsächlech Sudgaz oder Creos, déi d'Camionnetten op der Plaz stoen hunn a wou d'Leit, déi Permanence hunn, séier musse fortkommen.

Wat elo dës Changementer ugeet, esou musse jo um Gemengeplang e ganze Koup Schëlder ersat an och verschidden Anzeechnungen um Buedem virgeholl ginn. Op aner Plaze musse strukturell Saachen ëmgebaut ginn, ënner anerem um Niveau vu verschiddene Foussgängeriwwerweeër oder esouer, déi fir handikapéiert Leit aménagéiert ginn. Dat wäert e Strapp daueren, a mer hoffen, datt d'Wieder eis do kee Stréch duerch d'Rechnung mécht. Ech rechne perséinlech domatter, datt mer d'Reglement ëm den 1. Januar ulafe kënne loossen. Mä mer kënnen eis elo scho virbereeden, well der wësst jo, datt Marquagen elo bei guddem Wieder nach kënne gemaach ginn. An déi grouss Changementer sollen dann eréischt gemaach gi wann d'Reglement aus der Stad erëm ass.

Roger Klein (LSAP):

Ech wollt eigentlech zwou Saache soen. Déi eng ass méi allgemeng an da wollt ech mech op eng bestëmmte Strooss beschränken. Ech hat schonn emol drop higewisen, datt – laut Code de la Route – et esou ass, datt ee fënnef Meter vun engem Foussgängeriwwerwee muss ewech bleiwe beim Parken. Do sinn der och schonn eng ganz Rei gezeechent an d'Gemeng huet och schonn eng ganz Rei Marquagë gemaach fir dorop hinzeweisen. Wou dat nach net geännert ass, dat ass iwwerall do wou mer en Aschnëtt gemaach hunn ewéi zum Beispill op der Lëtzebuergerstrooss. Mer soen zu de Leit, se solle sech an déi Encoche stelle virum Foussgängeriwwerwee, mä da sti se eigentlech an der Illegalitéit.

Eng zweet Saach, déi mer ëmmer erëm opfält, ass wann ech mam Auto op e Stop oder en Dräieck kommen. Da waarden ech jo virum Foussgängeriwwerwee bis de Foussgänger laanscht ass, an da fueren ech bis op de Stop. Da kommen der awer. Et kann eng Saach vu Sekonnen oder Minutte si wou ech dann nach mam Auto um Foussgängeriwwerwee halen. Eigentlech misst de Foussgängeriwwerwee dem Gesetz no fënnef Meter virun der Kräizung ewech si fir dat do ze verhënneren. Natierlech sinn ech mer bewosst, datt, wa mer se dohinner molen, da lafen d'Leit net méi iwwer de Foussgängersträifen, mä da lafen se riicht aus. Bon, dat ass d'Virbemierkung.

Um Ufank vum Joer hat ech intervenéiert fir d'Sécherheet vun de Foussgänger an der aler Lëtzebuerger Strooss – offiziell steet hei rue de Luxembourg, „part communale". Do hat ech gefrot fir gewëssen Aménagementer ze maache wou zurecht gesot gouf, datt miisst mat den CFL beschwat ginn. Ech hat awer och gefrot fir zwee Foussgängersträifen ze maachen: een direkt um Eck op der Kräizung mat der rue des Prés an een do wou de Souterrain vun der Gare eraus kënnt.

Do war gesot ginn, et kéint ganz séier geschéien, mä ech hunn awer bis elo nach näischt do gesinn.

An da wollt ech och an däer Strooss op en anere Problem hiweisen. Do si jo eng ganz Rei Encochen, wou geparkt ka ginn, bis d'Haus 71. Mee déi Säit vun den Haiser steet kee Parkverbuet ausser virun der neiapostolescher Kierch. An do gëtt de Moment virun deenen Haiser geparkt, ausser natierlech virun de Garagen. Do sinn ech awer vun engem Mann, deen do e Geschäft huet, op e Problem higewise ginn, dee fir hien ëmmer méi schlëmm gëtt. An der Mëtt vun der Strooss kënnt emol d'Afaart vun engem Pneuenhandel, duerno kënnt eng Wiertschaft, wou de Besëtzer och eng Rei Parkplazen op sengem Terrain aménagéiert huet fir seng Clienten. Duerno kënnt nees e Pneuenhandel, an zwar do wou d'Pneuen op- an ofgeluede gi fir Lastween. Elo hu sech jo awer eng Rei vu Benotzer vum Zuch ugewinnt, fir op däer ganzer Fläch beim Pneuenhandel, dat heescht virum Café an och do, wou d'Pneuen opgeluede ginn, hiren Auto moies ofzestellen. De Besëtzer huet d'Police geruff, an d'Police huet gemengt, se stéingen op engem ëffentleche Wee an do kéinte si näischt maachen. Op däer aner Säit ass et awer esou, datt doduerch keen Zougang zum Commerce méi do ass. Et ass virun allem schlëmm wann e Camion virfiert wou d'Pneue solle changéiert ginn an deen dann net bäi kënnt well Autoen an der Strooss stationéiert sinn. Dat heescht, och do misst ee sech eng afale loossen. Dat ass ee Fall vu wahrscheinlech méi Fäll an der Gemeng wou ee misst analyséieren a wou ee misst gezielt e Verbuet fir ze parke maachen, an dat op Plaze wou zwar keng Garagenafaart ass, wou awer en Zougank zu engem Geschäft misst garantéiert sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

De generelle Problem vun de Foussgängersträifen ass deen, datt mer méi laang Zäit brauche fir dat unzepassen. Wa mer dat géifen dem Gesetz no maachen hei zu Péiteng, da wësse mer och, datt dat näischt bréngt. Dofir zéie mer et esou wäit méi méiglech an d'Längt. Wa mer all déi Stroossen, déi hei op d'Haaptstrooss erauskommen, fënnef Meter eranzéie mussen an do e Foussgängersträife maachen, da respektéiert keen dat. Wa mer virdrun an hannendrun och nach net däerfe parken, da geet eis do ganz vill verluer. Mer wëssen, datt mer net ganz an der Rei sinn. Et ginn och nach en Deel Aménagementer, déi nach mat Pavé gemaach a schwéier fir haut oder muer ze ännere sinn. Do kucke mer fir dat fir d'lescht ze maachen. Der hutt Recht. Wann een dat net respektéiert, da kann een e Protokoll kréien.

Doduerch datt mer elo op deene Plaze praktesch iwwerall de Stop ewech huelen an duerch en Dräieck ersetzen, kréie mer och vläicht e bësse méi Fluiditéit doranner. Elo huet ee jo all Kéier musse stoe bleiwen. Hei kann ee sech e bëssen erausschläichen. Vläicht geet et da besser.

Wat déi Geschicht mat der rue de Luxembourg ugeet, do hu mer e Foussgängersträife virgesinn, an zwar vun der rue de Luxembourg an d'rue des Prés. Deen ass och am neie Reglement virgesinn. Déi Geschicht vum Stationement musse mer effektiv kucken. Am ale Reglement hu mer stoen, datt d'Parke verbueden ass um „côté opposé des maisons" vun der Kierch bis un d'Nummer 71 an och „le long de l'église". Mee déi aner Plazen hu mer net reglementéiert. Dat musse mer effektiv an der Verkéierskommissioun nokucken. Ech kucken, datt mer dat vläicht noreechen oder an eng nächst Sëtzung eranhuelen.

Roger Klein (LSAP):

Ech dierf do ergänzen, datt eng Rei vu Plazen do sinn ouni datt een een hënnert wann een d'Garagenafaart blockéiert. A wann een op däer Säit Encochë géif mole fir de Leit weisen, wou een hale kann, da wier et geschitt. Et gëtt och nach en anere Commerce do. Theoretesch kéint een esouguer virun deem senger Afaart hale well et keng Garagenafaart ass. An dann och bei deem Commerce, deen ech éischter ugeschwat hunn, soll een net kënnen hale well keng Encoche do agemoolt gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat misst relativ einfach ze maache si fir dat anzezeechnen.

Norbert Pierre (LSAP)

Ech begréissen et, datt bei der neier Apdikt zu Rolleng déi „fin de course" do ewech kënnt, se an d'avenue de la Gare kënnt an do och agezeechent gëtt. Da kann een och op de Parking vun der Apdikt fueren ouni datt e Bus do hält. Den Arrêt ass nach ëmmer gezeechent, mä wann ech richteg verstanen hu kënnt dee jo och ewech.

Ass et beim Arrêt do net méiglech fir e Bushaischen opzeriichten. Do sti Summer wéi Wanter ëmmer e ganze Koup Kanner. De Wanter duerch wier et scho flott wa se sech drënner kéinte stellen. Wann d'Méiglechkeet besteet soll een do kucke wat ze maachen ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu jo och ganz aktiv do matgehollef, a mer haten natierlech an der Verkéierskommissioun zwee Punkten déi mech elo nach stéieren, mä déi awer agefouert ginn. Ech soen iech och firwat. Mer haten deemools an der Verkéierskommissioun festgehalen, datt gefrot ginn ass fir Sudgaz an deene Leit, déi Déngscht hunn, en Auto ze ginn. Do hu mer da gesot – am Sudgaz si jo déi meescht Sudgemengen dran -, datt et eenheetlech soll sinn. Wann all Gemenge vum Sudgaz soen, se kréien d'Erlaabnis fir hiren Déngschtwon mat heem ze huelen, da kënne mer eis deem uschléissen. Elo stellt sech fir mech awer d'Fro ob dat och esou ass. Dat heescht, datt et vun Esch un iwwer Schëffleng an iwwerall do, wou Sudgaz ass, esou ass, datt se den Auto mathuelen dierfen? Dat war dat, wat mer als Konditioun gesat haten.

A beim zweete Punkt war bal déi ganz Kommissioun dergéint fir déi Arrête bei der Bréck ze maachen. Ech soen iech och firwat. De Bus hält, an et weess een net ob der 10 oder 12 erausgelooss ginn oder wéivill der eraklammen. An de Buschauffeur dierf eréischt fuere wann d'Leit sech gesat hunn. Elo steet dee Bus do a gläichzäiteg kënnt den Nittler oder en aneren, dee bei de Rodighiero Pneue wëll auswiessele goen, uewen erof. Da muss dee jo usetzen an dann, wat geschitt dann? Steet deen dann esou laang do bis déi 12 Leit gemittlech an de Bus erageklomme sinn? Dann ass do alles blockéiert. Dat war fir eis e grousse Geforepunkt, an dofir hate mer 'Nee' gesot. Mer haten zu enger fënnef, sechs oder siwe Leit gesot, datt mer dat net géifen akzeptéiere respektiv dergéint wieren. Soss sinn ech zu 99,99% mat deem Reglement averstane well ech jo och gehollef hunn, déi Korrekturen ze maachen. Mä et sinn déi zwee Punkten, déi mech stéieren. Entweder kënne mer iwwer déi zwee Punkten extra ofstëmmen, wa mer et awer am ganze stëmmen, da géif ech mech enthalen.

Roland Breyer, Schäffen:

Also vun hannen no vir elo. Effektiv, wann een déi Arrête gesäit, da si se op enger komescher Plaz. Firwat si se op däer Plaz? Ma fir d'Leit esou no wéi méiglech un den Arrêt vun der CFL erunzekréien. Wa mer se anescht maachen, da lafen se iwwer d'Strooss, well der wësst jo, datt näischt méi respektéiert gëtt. Dofir war d'Iddi fir se esou no erunzekréien. Et ass geschwat ginn – pour avis – mam TICE selwer, fir ze kucke wéi déi et gesinn. Deen Avis war positiv. Et ass, well et eng

Statsstrooss ass, mat der „Commission nationale de la Circulation“ beschwat ginn, an déi hunn et och gutt fonnt. Gutt fonnt an deem Sënn, datt een ënner der Bréck erduerch fiert an dann direkt riets an e bësse méi héich lénks en Arrêt huet. Se ginn ofgeséchert doduerch, datt et verbueden ass z'iwwerhuelen, duerch e Foussgängersträifen dee vun der rue des Prés op d'rue de Luxembourg geet. Et ass eng Situatioun, déi net ganz glécklech ass, mä mer hu keng grouss Wiel do. De Bus huet eng gewësse Streck ze fueren. Mer kënnen d'Arrêtë méi héich maachen, mä da lafen se iwwer d'Strooss, an da blockéieren se eis och. Et muss een elo kucke wéi et sech auswierkt. De Moment funktionéiert et schonn. Bis elo hunn ech nach keng Reklamatioun weider héieren, datt et méi eng grouss Gefor soll sinn an datt et soll stauen. Et soll een et awer iwwerwaachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Mä d'Bussen halen awer elo nach net op deenen zwou Plazen.

Roland Breyer, Schäffen:

Dach, déi si schonn do. Et ass eréischt ganz kuerz esou. Et muss ee kucke wéi dat sech elo entwéckelt.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer wësse jo awer, datt vun uewen erof déi Fernlaster komme fir d'Pneuen opzelueden oder den Nittler mat senge Camionen do erafiert. Well deen anere Wee däerf e jo net fueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech géif soen, datt een et emol soll iwwerwaachen. Mer hunn déi Entscheedung geholl opgronn vun deenen Avise vum TICE an der „Commission nationale de la Circulation“, déi positiv waren. Bon, et ass net ideal. Dat ass sécher. An ech si flexibel genuch fir eng aner Léisung ze sichen. Mä et si Schüler, déi do erauskommen, an déi lafen eis awer queesch derduerch. D'Situatioun gëtt net besser, se gëtt net méi sécher. Et ass keng ideal Situatioun do, et sief dann, mer dréinen dee ganze Quartier ëm. Ech weess net, wat dat bescht ass. Et ass ze versichen.

Jeannot Linden (LSAP):

Mä esouwäit ech weess war déi al Lëtzebuerger Strooss en „chemin repris“, deen ass ëmgedeeft ginn. Dat ass elo eng Gemengestrooss.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer halen an der rue des Prés.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, mä d'rue des Prés ass keen „chemin repris“.

Roland Breyer, Schäffen:

Neen, do net méi, awer just dat heite Stéck vun der Kräizung un.

Jeannot Linden (LSAP):

Neen, mer hunn d'rue de Luxembourg als Gemengestrooss iwwerholl. Et muss een dat nokucken.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, mä dat Stéck vun der route de Longwy bis un d'rue de Luxembourg erun, dat gehéiert nach menger Meenung no zu der rue de Luxembourg.

Jeannot Linden (LSAP):

Et geet dann ëm dat Stéck vun der Kräizung vun der route de Longwy bis do wou d'rue des Prés ugeet a wou et riets an déi al rue de Luxembourg erageet.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, esou ass et.

Jeannot Linden (LSAP):

Dann hätt d'Ponts et Chaussées jo awer nëmmen 50 Meter „chemin repris“ do.

Roland Breyer, Schäffen:

Zu der éischter Fro. Mer hunn eis informéiert bei de Gemengen Esch, Diddeleng, Schëffleng an Déifferdang. Déi hunn dat alleguer agefouert. Dofir hu mer gesot, mer géifen et och maachen. Mä mer wollte kee grousst Gedauschs do maache fir datt net nach anerer kommen an da maache mer herno just nach Ausnamen. Hei gëtt am Fong geholl just um lokalen Niveau geregelt.

Camille Bosseler (CSV):

Also et ass elo scho vill gesot ginn an ech wëll dat och net widderhuelen. Ech si frou, datt esou vill Stopschëlter ewechgefall sinn an duerch en Dräieck ersat ginn. Ech war laang am Asaz dofir, datt dat soll geschéien. Well wa mer kee Verkéier hunn, da maache mer es domatter. Wa mer elo en Dräieck hunn, da weess jo och all Mënsch, datt en do d'Virfaart verléiert. Dat ass jo och eng Zort Stopschëld.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, e flexibelt Stopschëld.

Camille Bosseler (CSV):

Ech mengen, da géif de Verkéier besser fléissen ewéi virdrun. An da kréie mer emol op d'mannst net esouvill Stau.

Roland Breyer, Schäffen:

Wann dat esou respektéiert gëtt, dann ass d'Iddi och esou richteg.

Carlo Gira (CSV):

Ass op der Kräizung vun der rue des Prés an der avenue de la Gare zu Rolleng nach net dru geduecht gi fir déi rout Luucht do méi dynamesch ze gestalten. Do kënnt een heiansdo a vun däer aner Säit kënnt keen, an da wier et vläicht gutt, wann déi mat Sensore géif funktionéieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass dru geduecht ginn. Et ass de Moment eng Etude ënnerwee wat et kascht an ob déi al Zentral kann ëmgebaut gi well et ass eng relativ al an eng vun deenen éischte Luuchten, déi mer haten an der Gemeng. Ech weess net wéini déi lescht Stécker do agebaut goufen. Wann et sech ersetze léisst mat wéineg Käschten, da maache mer dat. Da maache mer se dynamesch an da geet et do a Funktioun vun dem Verkéier.

Jeannot Linden (LSAP):

An der Kommissioun ware mer jo dergéint, datt déi zwee Arrêten ënner d'Bréck kommen. Mam Rescht sinn ech jo komplett averstanen. Kënne mer deen net extra stëmmen, well do stëmmen ech dergéint. Ech kann elo net hei ‚jo' stëmmen an do ‚neen'. De Rescht halen ech alles gutt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da stëmme mer dee Punkt extra of. Den éischte Vote ass alles ausser de Foussgängersträifen. An deen zweete Vote ass de Foussgängersträifen.

Approbation, à l'unanimité, de la modification du règlement général de la circulation à l'exception des arrêts de bus situés dans la rue de Luxembourg.

Approbation du point concernant les deux arrêts de bus situés dans la rue de Luxembourg avec 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) et 5 abstentions (LSAP).

14.

Questions des conseillers communaux.

Carlo Gira (CSV):

Bei de Feierlechkeete vun 10 Joer Recyclingzenter sinn eng Rei vun interessanten Detailer matgedeelt gi wat dat agesammelt Material ugeet. Ginn et fir den Zäitraum vun de leschten 10 Joer (wéi beim Recyclingzenter) och Zuelematerial gëtt, wéi d'Evaluatioun fir de grénge Offall an de Reschtmüll ass. A kann een hei eraus Réckschléss zéie wat een nach a puncto Recycling verbessere kann?

Et läit och Zuelematerial vir wat d'Sammele vu Pabeier a Kartong am Recyclingzenter betrëfft. Ass och gewosst, wéivill Pabeier zousätzlech duerch d'Scoute gesammelt gëtt, déi dës Sammlung jo schonn iwwer Jorzéngte regelméisseg duerchféieren an dobäi e wäertvolle pädagogesche Bäitrag an der Jugendaarbecht leeschten?

Gilbert Welter, Schäffen:

Merci fir déi Fro Här Gira. Gäre ginn ech iech eng Rei Informatioune wat d'Asammele vum Dreck betrëfft. Am Recyclingzenter hate mer am Laf vun der 10 Joer-Feier d'Zuele gesot kritt. Ech wëll iech hei awer nach eng Kéier dee gesamten Tonnage vum Recyclingzenter matdeelen. Mer sinn an deene leschten 10 Joer op engem Minimum vun 2.460 Tonnen an op engem Maximum vun 3.128 Tonne gewiescht. Et läit net allze wäit auserneen. Wann ech d'Statistike sechs Joer zeréckkucken, dann hate mer e Minimum vun 2.952 Tonnen an e Maximum vun 3.128 Tonnen. D'Zuele weisen also däitlech no ënnen. Wa mer zum Beispill 2004 nach 3.408 Tonnen haten, da waren et 2008 nach just 3.065 Tonnen an am Joer 2009 nëmmen 3.040 Tonnen. Mer hunn also am Recyclingzenter Rodange eng Baisse obwuel eis Bevëlkerung an deene leschte Joere gewuess ass.

D'Situatioun vum Müll, déi mer an déi nei Verbrennungsanlag op de Sidor féieren, gesäit esou aus: bis 1995 – also vir 15 Joer – louch eisen Tonnage all Joer iwwer 5.000 Tonnen. An deene leschten 10 Joer huet d'Situatioun sech kräfteg verbessert. Fir d'Joeren 2004, 2005 an 2006 louch deen héchsten Tonnage bei ronn 3.850 Tonne pro Joer; 2007, 2008 an 2009 goung e weider staark zeréck op 3.775 Tonnen respektiv 3.636 Tonnen an 3.609 Tonnen. De Präis vum Tonnage bei der Sidor läit zënter 15 Joer ouni Erhéijung bei 116 Euro pro Tonn. Dëse Präis soll och an deenen nächste Joeren net changéiere well déi nei Anlag zu Leideleng méi rationell schafft. Dat war d'Meenung vu sämtleche Sidor-Memberen an der leschter Sëtzung vum leschte Freideg.

Interessant ass et och, datt mer am Joer 1995 der Sidor 580.431 Euro bezuelt hunn. 2009 waren dat nach 370.130 Euro.

Beim gréngen Offall hunn ech d'Statistik vum Tonnage vum Minettkompost. An zwar hu mer deen nëmme vun 2005 un. Ech ginn iech awer gären deen Tonnage duerch. 2005 waren et 2.232 Tonnen, 2006 waren et 2.259 Tonnen, 2007 waren et 2.301 Tonnen, 2008 waren et 2.307 Tonnen, 2009 waren et 2.435 Tonnen an 2010 – do feelen dräi Méint – waren et 1.843 Tonnen. Et kann ee soen, datt ee méi oder manner op déi Zuel vun 2009 kënnt. Dat geet liicht erop.

Hei dann och d'Zuele vun der Valorlux. D'Valorlux hu mer jo eréischt dräi Joer. 2008 waren et 164 Tonnen, 2009 waren et 203 Tonnen, 2010 – do feelen dann och dräi Méint – waren et 171 Tonnen. Do kënnt een och liicht iwwer 203 Tonnen a wäerte bei 220 Tonne landen. Déi bréngen eis am Prinzip iwwer 40.000 Euro eran.

Op ee Bléck kann ee soen, datt, wat d'Zuele vun de Scouten ugeet, den Tonnage vum Pabeier a Kartong quasi gläich ass mat deem am Recyclingzenter. Vun 2005 bis haut war deen niddregsten Tonnage 350 Tonnen d'Joer, deen héchste louch bei 420 Tonnen. Am Recyclingzenter hate mer am Joer 2007 e Maximum vun 451 Tonnen erreecht, de Minimum louch am Joer 2009 bei 400 Tonnen. Also och hei e Réckgang, dee menger Meenung no duerch d'elektronesch Liese vu Bicher an Zeitunge respektiv Emailen ze erklären ass. Ech wëll awer och bei dëser Geleeënheet de Scouten e ganz décke Merci ausschwätze fir déi formidabel Aarbecht, déi se do leeschte fir eis Gemeng.

Carlo Gira (CSV):

Der hutt gesot, datt den Tonnage am Recyclingzenter zeréckgaangen ass. Ech mengen, dat hängt jo och dovunner of, datt mer virun enger Zäitchen déi blo Tuten agefouert hunn. A vun do un ass et zeréckgaangen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et ass awer esou, datt d'Valorlux net allzevill matspillt. Déi leie bei ronn 164 bis 200 Tonnen d'Joer. Et ass keen enorme Chiffer.

Carlo Gira (CSV):

Do kann ee jo nach dozou bemierken, datt dee beschten Dreck deen ass, deen net gemaach gëtt.

Dësweidere wollt ech e puer Informatiounen iwwer d'Verkéiers-erzéiung bei de Schoulkanner kréien. Et ass eis op dëser Plaz matgedeelt ginn, datt de Pedibus bei de Kanner an den Eltere wéineg Uklang fënnt – wat ee ka bedaueren –, an dach gesäit een, datt vill Kanner zu Fouss ënnerwee si fir a Richtung Schoul oder fir de Bus ze huelen. Ech wollt wëssen, wat a puncto Verkéierserzéiung an der Schoul um Programm steet. Well d'Situtatioun um Terrain mat ëmmer méi Autoe gëtt jo net méi einfach. De Verkéiersgaart zu Rodange gëtt et a senger eigentlecher Form jo net méi. Bei der neier Spillplaz ware Sue virgesi fir dat néidegt Material unzeschafen. Gëtt dëst scho profitéiert? A wa jo, a watfir enger Form? Gëtt dëst Thema och am Sécherheetsplang mat der Police behandelt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir den Ufank géif ech iech dëst mat-deelen. Ech soen och deenen eenzelne Schoule Merci fir d'Informatiounen, déi se mer ginn hu wat um Programm steet. Effektiv steet schonn um Programm vun der Spillschoul d'Sécherheet op der Strooss.

Do kënnt am 2. Zyklus „Kuck a klick", an duerno steet am 3. Zyklus de séchere Schoulwee nach eng Kéier op der Dagesuerdnung. A vum 3. Zyklus u gëtt och de Verkéiersgaart besicht - wou mer nach duerno drop ze schwätze kommen – an dat mat der Theorie, déi dozou gehéiert. Am 4. Zyklus steet d'„Coupe scolaire" um Programm.

Da steet och dem Léierpersonal vum 2. Zyklus d'Buch „Wir und die Straße" fräi zur Verfügung. Si kënnen dat och benotzen. An am 3. an 4. Zyklus huelen d'Léierpersounen d'Buch „Mam Vëlo ënnerwee" op de Programm. Do ass da fir all Schouljoer säi Kapitel dran.

De Verkéiersgaart ass funktionell zanter dem leschte Schouljoer, dat heescht vun der Päischtvakanz un. Do war 27 Mol eng Klass fir jee zwou Stonnen do. Dat heescht, datt all eis Klassen dohinner gaange sinn. Wéi funktionéiert dat? Vun der Päischtvakanz u bis den 15. Juli sinn d'Schëlter opgeriicht an d'Vëloe stinn dann och an engem Sall an dem Neiwiss-Gebai zur Verfügung, also direkt géintiwwer vum Verkéiersgaart. Ausserhalb vun däer Zäit gi se an der Sportshal gelagert. Dat heescht nom 15. Juli gi se an d'Sportshal zeréckgefouert. Déi lescht Joere gouf de Vëlosbestand erneiert an et goufen och nei Helmer kaf, esou datt mer absolut keen aalt, mä modernt Material hunn. D'Léierpersonal reservéiert am Schoulservice eng Plage vun zwou Stonnen am Verkéiersgaart. Si gi mat de Kanner dohinner a féieren och déi eenzel Übungen aus. Do ass dann och de Portier derbäi fir d'Astellung vun de Vëloen ze maachen an och fir beim technesche Material ze hëllefe wann Nout um Mann ass. Et ass eng relativ gutt Form, esou wéi dat am Moment funktionéiert, an d'Léierpersonal ass am Fong domatter averstanen.

Wat de leschte Volet ugeet, an zwar op dat mat der Police um Niveau vum lokale Sécherheetsplang diskutéiert gëtt, do muss ech soen, datt dat selbst-verständlech diskutéiert gëtt. Wann

alles fäerdeg ass, wäerte mer deen Dossier och nach eng Kéier hei virstellen. Et ass ëmmer nees zur Diskussioun komm, well et e wichtege Beräich ass vun deem Ganzen. Mer hunn do och eng Etude an Optrag gi fir d'Sécherheet ronderëm d'Eigent-Schoulgebai a ronderëm d'Schoulgebaier am grousse Ganze méi ze garantéieren. Mer sinn also och dauernd als Politiker an der Zesummenaarbecht mat der Polizei fir ze kucken, wéi mer déi Problematik besser an de Griff kënne kréien.

Carlo Gira (CSV):

Wann ech et richteg verstanen hunn, dann ass de Verkéiersgaart fir d'Schüler vun der ganzer Gemeng.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, fir d'ganz Gemeng.

Albert Muller (LSAP):

Soll een am Budget vun 2011 net e Kredit virgesi fir e bëssen um Kulturhaus ze schaffen an erëm Verschiddenes an d'Rei ze setzen? Esou zum Beispill d'Corniche frësch usträichen? Oder och den Auvent iwwer der Entrée? Da miisst d'Fassad zur Säit vun der Maison Heintz gebotzt ginn an esou behandelt ginn, datt d'Verkleedung net erëm esou séier knaschteg gëtt. Virun allem muss awer d'Ofdichtung vun den Terrassen onbedéngt erneiert gi well plazeweis gesäit een elo scho wou d'Waasser duerch de Plafong drëpst. A schlussendlech géif ech och nach e puer Stännere fir Vëloen opriichten. Da bräichten d'Leit näämlech net hire Vëlo un de Fändelspoteau unzestrécken.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wat den Ustrach vun der Corniche an den Auvent ugeet, esou kënnen déi Aarbechte vun eise Leit gemaach ginn an déi Aarbechte stinn och schonn um Programm. Si ware virgesinn, mä et sinn e puer Verspéidunge komm.

Wat d'Fassad ugeet zur Säit vum Haus Heintz, do ass et esou. Wann déi soll gebotzt ginn, da gesäit een den Ënnerscheed ganz staark, esou datt ee vläicht misst higoen an déi ganz Fassad botze fir net zevill e groussen Ënnerscheed an de Faarwen ze kréien. Dat ass natierlech méi e grousse Schantjen an do misst een dat iwwer eng spezialiséiert Firma lafe loossen. Mä mer si jo souwisou amgaang dee ganzen Ilot do nei ze aménagéieren. Mer haten och schonn e Programm virleien a mer sinn och amgaang dorunner ze schaffen. Esoubal dat méi konkret ass, komme mer jo souwisou op dës Plaz zeréck fir iech dat Ganzt virzestellen. Dofir sinn ech der Meenung, datt ee mat esou enger Aarbecht – wat jo eng reng Botzaarbecht ass – soll waarde bis ee ganz genee weess, wat mam Haus Heintz niewendru geschitt.

Wat elo d'Ofdichtung vun der Terrass ugeet, do si schonn eng Rei Aarbechten an der leschter Zäit gemaach ginn. Effektiv, d'Fiichtegkeet ass an d'Kichen eragezunn. Do sinn uewen d'Siphonen op der Terrass nogekuckt an esouwäit wéi méiglech a Stand gesat ginn. De Moment gëtt gekuckt, ob dat Ganzt elo nees funktionéiert, an da gesäit ee jo och, datt et an der Kichen dréchent. Natierlech mussen och nach d'Dichtunge vum Kulang, dee laanscht d'Terrass erofleeft, nogekuckt ginn. Eventuell kann et sinn – deemno wéi et ass -, datt do nach muss e Kulang nei gemaach ginn.

Wat elo är Fro ugeet fir d'Vëlosstännere ronderëm d'Haus ‚A Rousen' ze setzen. Vëlosstännere sinn op Stock, et kann een se opstellen. Wat ee muss kucken, dat ass, wou een se histellt. Well wann der se direkt virun d'Haaptentrée setzt, esou ass do ass ganz vill Verkéier. An da muss een effektiv kucken, ob dat net zevill geféierlech ass. An da misst ee vläicht eng Plaz ënner de Beem sichen – da geet awer vläicht eng Parkplaz verluer. Oder wann een duerch den Tunnel eran hannenaus geet. Dat misst een awer mat eisen Techniker klären. A wéi gesot, si sinn disponibel.

Albert Muller (LSAP):

Ech géif just mengen, datt een d'Onkraut soll vun Zäit zu Zäit ewech huelen. Well ech ka mer virstellen, datt d'Wuerzele vum Onkraut duerch d'Dichtungen duerchwuessen an datt se dann och ondicht ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, wahrscheinlech. Et muss een awer och ëmmer bedenken, datt Terrassen ëmmer eng ganz kriddeleg Saach sinn. Do fänken d'Plättercher un, net méi ganz dicht ze sinn oder och e Kulang. Oder wéi hei, wou e Gulli net méi richteg geet. Dann huet ee ganz séier Fiichtegkeet ënnendrënner. Mee wéi gesot, et ass schonn duerno gekuckt ginn.

Albert Muller (LSAP):

Ech hunn den Androck, datt d'Alentouren ëm de fréieren LTMA ëmmer méi verknaschten, respektiv verkommen. Soll een net den aktuelle Besëtzer – dat virun allem am Interesse vun deenen Noperen, déi do wunnen – schréftlech dozou opfuerderen, säin Terrain an der Rei ze halen? Am anere Fall géif d'Gemeng dat maachen an dem Stat d'Rechnung schécken. Ausserdem kéint een dann an engems och nach drop hiweisen, datt den Terrain sech géif eventuell fir de Bau vum neie Vëlodrom eegnen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat den éischte Volet ugeet, esou si mer lafend mam LTMA am Gespréich, an do wäert och elo geschwënn eng Konventioun um Dësch leie wat do op deem Site ka geschéien. Ech kann iech soen, datt de Ministère do wëll e Pilotprojet maache mat enger „Ecole transfrontalière de la deuxième chance", wou 36 Schüler sollen hikommen. Dat soll am Fréijoer ulafen an an een Deel vun dem Gebai hikommen. Fir de Rescht wäerte mer emol drun interesséiert si fir – op jiddwer Fall emol während enger gewësser Zäit – Raimlechkeeten ze loune fir engersäits eis Owescoursen ze garantéiere bis mer déi am LTMA op der Porte Lamadelaine ënnerdaach kréien, an anersäits fir eventuell Raimlechkeeten ze loune während engem Joer wou an dem Éigent-Schoulgebai dee Flillek vum Précoce ëmgebaut gëtt. Do musse mer näämlech sechs Klasse plënneren. Dat ass am Gespréich, mä et schéngt awer e gutt Enn ze kréien. Mer géifen da während zwee, maximal dräi Joer déi Raimlechkeeten do lounen. De Rescht soll ewechgerappt ginn.

Ech ginn iech Recht. Sollten do an Zukunft nach Aarbechten ufale wat d'Botzen ugeet – mer hunn dat jo schonn eng Kéier mat eise Studenten an der grousser Vakanz gemaach well et do och ronderëm d'Containere schlecht ausgesinn huet a mer dat selwer gemaach hunn - ‚wäerte mer do, a mer sinn am Gespréich mat de „Bâtiments publics", déi zoustänneg sinn dofir, kucken, ob de Stat selwer fir d'Propretéit op deem Site am Zentrum vun eiser Uertschaft suergt oder ob mer dat op hir Käschte maachen. Mer mussen och kucke wat ewechgerappt gëtt, well do wäert e groussen Deel fortkommen. A mer musse kucken, wat nach stoe bleift.

Wat de Virschlag ugeet fir do eventuell de Vëlodrom ze bauen, do si mer der Meenung als Schäfferot, datt dat net onbedéngt déi richteg Plaz ass. An dat ëmsou méi, datt d'Gemeng jo eigentlech den Terrain misst stellen – dat stoung och an der Demande, déi mer vum Ministère kruten. An da géif sech fir eis déi Fro net stellen, well mer jo keen Terrain kënnen zur Verfügung stellen, deen eis net gehéiert. Deen

Terrain gehéiert jo dem Stat. Ech géif och net mengen, datt matten am Zentrum vun eiser Uertschaft de Vëlodrom op däer richteger Plaz wier. Mer hu jo schonn emol eng Kéier de Site vun „Éigent“ virgeluegt, wéi en eng Kéier kéint ausgesinn. An ech géif mengen, datt dat eng besser Notzung vun deem Terrain wier wéi dat. Mee et muss ee soen, datt mir do net eleng Meeschter sinn. Do ass jo mol fir d'éischt de Besëtzer, deen do muss gefrot ginn. An deen huet sech och schon déi leschte Kéier zu Wuert gemellt an enger Reunioun, wou e gesot huet, datt en och wéilt um Dësch sëtze wann entscheet géif ginn, wat op deem Site do soll geschéien. Mer hunn och am November elo eng Reunioun mat dem Här Etienne Reuter vun „Bâtiments publics“ fir ë.a. iwwer dat do ze diskutéieren.

Albert Muller (LSAP):

Fir d'Flexibilitéit an och d'Aarbechtszäite vun eise städteschen Agenten ze optiméieren, wier et a mengen Ae wichteg fir dëse Service, genee esou wéi neierdéngs eis Police an och déi städtesch Agenten aus eiser Haaptstad, mat Vëloen ze équipéieren. Dofir géif ech virschloen, am nächste Budget déi noutwenneg Kreditter virzegesinn. Et kënnen och Vëloe mat Elektromotor sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Och dat kann een diskutéieren, mä et muss een awer kucken, wéi de Service organiséiert ass. Ech géif mengen, datt et an der heiteger Aktualitéit net ubruecht ass fir d'Vëloen anzeféieren, well do schaffen d'Leit zäitweis zu Rodange oder zu Péiteng, a wa se ufänken a kucken, ob d'Leit falsch parken oder net, dann hëlleft de Vëlo näischt. E Vëlo hëlleft just, wann ee wäit muss fueren. An ech weess, datt et um Kierchbierg gemaach gëtt. Mee dat sinn och grouss Distanzen. Awer wann de Pechert hei am Zentrum kontrolléiert, ob jidderee richteg parkt, dann ass de Vëlo sécher net dat richtegt Instrument, well e muss jo vun Auto zu Auto goen. Dat verhënnert awer net, datt et, wa mer eng Kéier en neit Reglement kréien, wou mer groussfläcHEG Parkingen aféiere wou ee muss bezuelen oder wou een den Disque muss leeën, ubruecht ass. Mee dat soll een an engem ganze Konzept gesinn. Et kann een et net erauszortéiert gesinn als eng individuell Saach. Dat muss ee global gesinn a kucken, wéi eist Reglement ausgesäit, wéi do soll geschafft ginn, an da muss ee kucken, wat fir en Instrument se brauche fir ze schaffen. Fir den Ableck, mengen ech, géif de Vëlo hinnen net allzevill bréngen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass ze begréissen, datt gréisser Manifestatiounen zu Péiteng Fouss faassen an eng fest Plaz am Kalenner kéinte fannen. De Rockabilly-Festival, deen am September hei zu Péiteng op der Stadshausplaz stattfonnt huet, war, wéi ech mech selwer iwwerzeege konnt, e groussen Erfolleg. Mä en hat awer och seng Schietsäiten.

D'Awunner aus der Noperschaft hu sech iwwer dee vill ze vill héije Kaméidi beschwéiert. Si hu jo näischt géint esou Manifestatioune wann de Volume mat Gefill geregelt gëtt. Mä wann dee ganzen Dag bis spéit an d'Nuecht de Volume vun der Museksanlag esou héich gestallt ass, dann ass dat schonn eng Qual. An duerch d'Bäss vibréieren d'Glieser am Schaf. Ech géif iech un d'Häerz leeën, datt bei den nächsten Organisatiounen an deem Genre e bëssen op d'Noperen opgepasst gëtt. Dir äntwert mer lo, datt déi Organisatioun näischt mat der Gemeng ze doen hat, mä awer war d'Gemeng Co-Organisator an de Schäfferot huet schliisslech d'Soe wat déi schiedlech Awierkungen - an de Kaméidi ass esou eng – ugeet. Firwat ginn déi Leit aus der Noperschaft net respektéiert? Firwat muss d'Musek haart sinn? Ass et net esou, datt se soll agreabel sinn?

Roland Breyer, Schäffen:

Et schéngt jo, datt et net esou désagréabel war, well der jo och iwwer eng méi laang Zäit do waart, wéi der gesot hutt. Ech hunn och bis elo keng gréisser Reklamatioun héieren. Et muss ee ganz kloer soen, wat op däer Plaz hei virgesinn ass. Fënnef oder sechs Mol am Joer ass eppes do lass. Et ass also net dacks eppes.

Hei war eppes Neies wou d'Gemeng de Partenariat iwwerholl huet. A mer haten och kloer d'Konditioune gesat. Déi Veräiner, déi dobaussen eppes organiséiere kréie gesot, datt se d'Reglement, wat de Kaméidi betrëfft, ze respektéieren hunn. Et ass um 4 Auer nomëttes ugaang mat de Gruppen an et war um 22.40 Auer eriwwer. Et war also net bis spéit an d'Nuecht eran. Et war relativ fréi eriwwer well verschidde Gruppe weider a Bistroe gounge fir weider ze spillen. Hei war ganz kloer dem Organisateur gesot ginn, datt et net zevill spéit soll goen. Datt et e bësse Kaméidi war an datt dat och ongewinnt ass, dat ass sécher. Mee wéi gesot, mer hu keng offiziell Reklamatioun kritt. Et ass emol deen een oder aneren dee gesot huet, datt et nees schéin hefteg do war. Mer kënnen et natierlech versichen nach besser ze maachen. Dir kënnt awer och, wann der op der Plaz sidd an och der Meenung sidd, datt et zevill haart ass, soen, datt se solle méi lues maachen. Ech hunn dat och selwer dëslescht op enger Plaz gesot. Ech hat d'Gefill net, datt et elo hei zevill haart war, mee et kann een et ëmmer besser maachen. Mer maachen et iwwregens generell esou – do wou mer wëssen, datt eng gréisser Manifestatioun ass -, datt mer soen, datt d'Diren zou solle sinn an datt et net iwwer e gewëssene Kaméidispegel däerf goen. Mer suergen als Gemeng schonn dofir, datt et soll agehale ginn. Hei war eppes wat relativ kuerz war a relativ fréi owes eriwwer war.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ok, ech wäert dat mathuele bei déi Leit, déi mech drop ugeschwat hunn an déi do wunnen.

An een anere Schied – ech hat dat schonn eng Kéier an engem aneren Zesummenhang hei bemierkt a muss et leider esou laang widderhuele bis dat klappt – ass d'Tatsaach, datt mer nach ëmmer d'Gedrénks a Plastiksbecheren zerwéieren, d'Gefréiss zerwéiere mer op Plastikstelleren. Et huet mer bal wéi gedoen an däer Leit nach méi, wann een déi Onmass eidel Plastiksbechere gesinn huet déi an d'Dreckskëschte gehäit gi sinn.

An eisen Nopeschgemengen, an do denken ech haaptsächlech un d'Gemeng Déifferdang, gëtt et op alle Festivitéiten op a ronderëm d'Maartplaz keen ee Plastiksbecher méi. Do ginn et just Glieser, Glieser wou ee muss e Pfand vun engem Euro bezuelen, deen een dann nees erëmkritt wann een dat eidelt Glas ofgëtt. Dësweideren huet eise Minettkompost zu Monnerech Becheren, Telleren a Besteck, déi ee kann an déi gréng Dreckskëscht geheien. Jo, déi si biodegradabel. Dat wär dach eng flott Alternativ zum Plastik. Och do kéint de Schäfferot d'Veräiner unhalen, kee Plastik méi ze gebrauchen am Sënn vun enger nohalteger Ëmweltpolitik. A sot net, et wier net méiglech – et geet, well et gi genuch Beweiser. Esouguer op der Schueberfouer gëtt et just nach Glieser, Kartongstelleren a kee Plastik méi – an ech denken, datt do awer an deenen 20 Deeg méi Leit passéieren ewéi hei zu Péiteng op engem Rockabilly Festival. Firwat wëll de Schäfferot dee Schrëtt net goen? Firwat wëlle mer eis als Member vum Minettkompost net esou biodegradabelt Geschir uschafen? Ass et well d'Plastiksbechere vun der Brauerei Bofferding gratis sinn? Firwat feelt et dem Schäfferot un deem néidege Courage fir dat do duerchzezéien?

Gilbert Welter, Schäffen:

Am Prinzip ass de Schäfferot mat iech averstanen, Här Becker, fir op de Wee vu biodegradabelt Material ze goen. Firwat mer dëse Wee haut net gaange sinn ass einfach well mer nach e klenge Stock vun net recycléierbarem Material opschaffe wollten. Dee wollte mer dann an der neier Sidor-Anlag verbrenne loosse fir esou ze verhënneren, datt mer dëse Plastik éiweg an der Gemeng lageren.

Bei de Veräiner ginn d'Entscheedunge sécher net vum Schäfferot geholl. D'Veräiner kucke méi no der Rentabilitéit wéi no der Ëmwelt. Bei de Glieser spillt de Präis vum Uschloss vum Waasser an och de Waasserpräis a Waasserverbrauch esou wéi d'Aarbecht beim Spulle mat. Bei biodegradablem Material spillt de Präis jo mat, well dee jo méi héich läit wéi bei engem normale Plastiksbecher. De Schäfferot huet awer kee Problem fir de Veräiner matzedeelen, datt si méi a Richtung Ëmwelt denke sollen an hinnen ze proposéieren, kee Material, wat net ze recycléieren ass, ze benotzen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Da maacht dat och w.e.g.. De Schäfferot huet näämlech nach ëmmer d'Soen. E kéint et zum Beispill och imposéieren an net nëmme virschloen.

An deem Zesummenhang war ech och e bëssen erféiert, wéi et op der Porte ouverte vun eisem Recyclingzenter dee leschte Samschdeg Plastiksbechere gi sinn. Dat huet awer dem Faass de Buedem ausgeschloen. Do muss ech awer soen, datt et absolut ubruecht gewiescht wier, grad do wier et een absoluten „must" gewiescht fir op Glas oder Minettkompost-Becheren zeréckzegräifen. Wat huet de Schäfferot sech dann dobäi geduecht?

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech ginn iech do Recht. Mä de Schäfferot huet sech am Fong net ëm d'Plastiksbechere gekëmmert, mä déi zoustänneg Equipe vun der Gemeng. No der offizieller Receptioun vun 11 Auer gouf de Patt effektiv a Glieser zerwéiert. Eréischt am Nomëtteg gouf dunn op Becheren zeréckgegraff, déi mer nach am Stock haten. Se sinn awer quasi all opgebraucht. Déi Verantwortlech vun der Gemeng, déi den 10. Anniversaire organiséiert haten, hunn eng gutt Aarbecht geleescht. An dat trotz dësem klengen „faux-pas". Dat ginn ech zou. Mer schwätzen hei vun ongefëier 30 Plastiksbecheren, déi nom Gebrauch op d'Sidor-Anlag zu Leideleng koumen an do verbrannt goufen. Bei der nächster Organisatioun wäert et awer klappen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Energie (light) „Stroum spueren an der Verwaltung" heescht e Programm, deen d'lescht Joer fir d'éischt vum Mouvement écologique zesumme mam Klimabündnis Lëtzebuerg lancéiert gouf a wou et drëm geet, dat ganzt Personal aus der Verwaltung gezielt ze informéieren an ze motivéiere fir am Beruffsalldag esou wäit wéi nëmme méiglech Energie ze spueren. Dëst Joer maachen 10 Lëtzebuerger Klimabündnis-Gemengen an dräi Ministère mat. A Péiteng als Klimabündnis-Gemeng ass nees net derbäi. Et gëtt een d'Gefill net lass, datt mer ausser Stroosseschëlter, déi drop hiweisen, datt mer och eng Klimabündnis-Gemeng sinn, an ausser eisen Donen u verschidden auslännesch Initiativen, awer net esou nohalteg denken. Firwat mécht Péiteng net mat bei deem Programm? Och wa mer et d'lescht Joer verpasst haten, wier awer dëst Joer d'Geleeënheet gewiescht.

Gilbert Welter, Schäffen:

Do kann ech iech net iwwerall Recht ginn. D'Péitenger Gemeng ass eng Klimabündnis-Gemeng, déi méi um Hutt huet ewéi Stroosseschëlter an Donen ze maache fir déi Drëtt Welt. Ech setze ganz gären eppes derbäi. Eis Gemeng ass OGM-fräi, eis Gemeng hält hir Bëscher an der Rei a krut den FSC-Label, eis Gemeng huet hir sämtlech Gebaier mat gréngem Stroum gefiddert, eis Gemeng léisst d'Loftqualitéitsmiessunge maachen an och d'Produktiounsfirmen iwwerwaachen, eis Gemeng schult hir Schoulkanner scho mat enger ganzer Ëmweltaktioun a vergëtt och Ëmweltdiplomer, eis Gemeng fleegt aus dem Bauperimeter eraus eis Bongerten, Hecken, Dëmpelen, Planzen an Déieren, eis Gemeng wëll eng Kogeneratiousanlag fir d'CO2-Wäerter erofzedrécken, eis Gemeng ass a Verhandlunge mam Stat fir den Tunnelduerchbroch um Rond-Point Lycée. Dësweidere wäerte mer mam Klimabündnis am Fréijoer bei engem Vëlostour vun enger Klimabündnis-Gemeng zur anerer matmaachen. Wa mer esou wéineg maache géifen, dann hätte mer dëst Joer sécher net d'Plenarsitzung vum Klimabündnis zu Péiteng gehat.

Wat elo Energie light ugeet, esou stellen ech fest, datt vun 36 Klimabündnis-Gemengen 10 matgemaach hunn. Dat ass emol kee Drëttel. An do si Gemengen derbäi, déi net matgemaach hunn, ech zitéieren och hei Déifferdang, a wou e Schäffen aus äre Reien ass. Dat ass awer net alleng d'Ursaach aus däer mer net matgemaach hunn. D'Aktiounswoch vun Energie light gesäit vir, datt hir ausgebilt Equipen e Rondgang duerch eis Büroe virhuelen an dem Personal vermëttelen, wéi se Energie spuere solle mat Quizen an esou weider.

Déi Péitenger Gemeng huet net geschlof an eegen Aktiounen duerchgezunn. Zum Beispill goufen d'Luuchtekäpp fir Energie ze spuere gewiesselt, an dat haaptsächlech am Stroossennetz. Eis Gebaier si mat Bewegungsmelder équipéiert, esou datt d'Luuchten automatesch ausgi wa kee méi am Raum ass. No enger Aktioun ‚Computer' menge mer, datt och jidderee säi Computer owes ausmécht. Mer behalen d'Aktioun vun Energie light am Aen. A falls eng interessant Aktioun fir déi Péitenger Gemeng sollt derbäi sinn, dann ass de Schäfferot sécherlech bereet bäizetrieden an och aner Aktioune mat hinnen duerchzeféieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Majo, dat war jo schéin, datt der alles konnt widderhuele wat mer als Klimabündnis-Gemeng maachen. Ech fannen nach ëmmer, datt et ubruecht gewiescht wier, datt mer mol bei Energie light matgemaach hätten. Mer hunn d'lescht Joer net matgemaach, mer hunn dëst Joer net matgemaach. An da géif jo och op d'Tapéit kommen, wat mer kéinten an däer kuerzer Zäit aspueren. Dat konnte mer bis elo net maache mat deene klengen Initiativen, déi mär als Gemeng maachen. Well hei am Energie light, do kommen och aner Leit. Do kommen Experte vu baussen, déi d'Leit motivéiere respektiv informéieren a schoulen. An do gëtt een einfach dat Gefill net lass, datt mer net wëllen, datt ee vu baussen hanner d'Kulisse kucke geet.

Séance publique du 15 novembre 2010

Durée de la séance: *15.00 à 17.15 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	
John Polfer, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
	Roger Klein, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (15.00 heures)

1. Enseignement musical: Classement d'un chargé de cours - décision.

Séance publique (15.05 heures)

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale
   - 3.1. Titres de recettes - approbation.
   - 3.2. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2011 - décision.
   - 3.3. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2011 - décision.
   - 3.4. Convention avec le Lycée Technique Mathias Adam de Pétange pour la mise à la disposition des salles de sports aux clubs sportifs de la Commune - approbation.
   - 3.5. Convention avec la Ville de Dudelange pour la mise à la disposition temporaire des piscines communales de Pétange au Club de Natation de Dudelange - approbation.
4. Enseignement: Organisation des Classes de Neige pour l'année 2011 - décision.
5. Prévisions sociales
   - 5.1. Maison Relais pour Enfants « Crèche Kordall » - approbation de la convention de financement conclue avec l'Etat et vote d'un crédit spécial.
   - 5.2. Maison Relais pour Enfants « Crèche Kordall » - approbation du contrat de collaboration.
6. Office Social: Vote d'un crédit spécial - décision.
7. Canalisation: Raccordement à la station d'épuration par la construction d'une station de pompage et d'un bassin d'orage à Rodange - attribution de la mission au Syndicat SIACH.
8. Sylviculture: Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2011 - approbation.
9. Vie associative
   - 9.1. « BBC Kordall Steelers » asbl - statuts.
   - 9.2. « Ecole du dos » asbl - statuts.
   - 9.3. « Kicker Club Tomahawk » - statuts.
10. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Le point 1 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

2.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir wollten iech eng kleng Explicatioun zu e puer kommunikativ Systemer ginn, déi mer an der Gemeng hunn.

An zwar wier et emol den sms2citizen. Mir hate schonns eng Kéier Reklamm fir dëse Service gemaach. Mir hunn awer gemierkt, datt et néideg ass nach eng Kéier driwwer ze schwätzen. Mir hunn de Moment nëmmen 375 Abonnenten. Dat ass awer net genuch fir deen Service, dee mer ubidden. Dofir wollte mer nach eng Kéier soen ëm wat et do geet.

Wann d'Leit eis autoriséiere fir hiren Handysnummer opzehuelen – an dat bleift ganz confidentiel heibannen – da kënnen se informéiert ginn - je nodeem a Wat fir eng Rubrik se sech aschreiwen - iwwer, zum Beispill, Perturbatiounen an den Infrastrukturen (Waassernetz, Elektrescht, Gemeinschaftsantenn, ...) oder Perturbatiounen am Stroossennetz. Aner Rubrike betréffen d'Verwaltung, de Enseignement (Schülertransport, Schnéiklassen, ...), d'Schwämmen (Ëffnungszäiten, Coursen, ...) oder och nach wann Naturkatastrofe sinn.

Zousätzlech wollte mer nach eng nei Rubrik an nächster Zäit ubidden. Dat wieren déi grouss Manifestatioune vun der Gemeng, déi een – wann een dat wëll – iwwer den Handy matgedeelt kritt.

Et ass e flotten Service, dee mer ubidden. Et brauch een sech nëmmen iwwer Internet oder mat Hëllef vun engem Formular – deen am Biergercenter ausläit – anzeschreiwen an da kann ee vun deem Service profitéieren. An dee Service ass komplett gratis fir déi Interesséiert.

Eng zweet Saach wollt ech op eisen Internet-Site www.petange.lu agoen. Do hu mer eng nei Rubrik drop, an zwar « Pétange TV ». Hei kann ee grouss Manifestatiounen, déi an der Gemeng stattfonnt hunn, am Film nokucken. Et ass dat eng Virschau vun deem, wat duerno och iwwer eisen Info-Canal an dem .dok ausgestrahlt gëtt. Mat .dok si mer am gaangen ze kucken, datt mer iwwer de Mount fest Datumen an Auerzäiten kréien, ob deenen déi Emissioune kënne gesend ginn.

Wou mer scho bei der Televisioun sinn, wollte mer och nach matdeelen, datt mer mat eisem Concessionnaire vun der Gemeinschaftsantenn zesumme waren. Mir hunn hinne kloer gemaach, datt mer net zefridde ware mat der Aart a Weis wéi d'Kommunikatioun vun hinnen aus gemaach gi war. Vum 4. Oktober u waren d'Programmen op der Kopp an et goufen eng Rei Programmen aus de analoger Offer erausgeholl. D'Leit hunn dunn heihinner ugeruff fir sech ze beschwéieren, datt se d'Programmen net méi géife kréien. Déi Informatioun vum Antennebedreiwer ass net esou gelaf wéi mir eis dat virgestallt haten. Mir hunn hinnen och gesot, datt mer géint esou Informatiounspolitik géife protestéieren. Si hunn eis awer versprach, datt se an Zukunft dat besser géife maachen, mat eis zesummen. Bei däer Informatioun, déi si fir de 4. Oktober un d'Leit geschéckt haten, huet een éischte gemengt, et wier e Reklammsbliedchen. An op eemol huet ee festgestallt, datt nëmmen nach 26 Programmen ouni Decoder ze empfänke sinn.

Mir hunn eis och d'Fro iwwer d'Zukunft vum Info-Canal gestallt, well dee jo fir de Moment nëmmen am Analogen ze kréien ass, an net am Digitalen. Do hu mer et fäerdeg bruecht fir eis mat hinnen an deem Sënn ze arrangéieren, datt den Info-Canal fir eis erhale bleift. An ab dem 1. Februar soll een dann och den Info-Canal kënnen digital empfänken, datt heescht, mat Hëllef vum Decoder kann een den Info-Canal vun der Gemeng kucken.

Well op däer Plattform och den Info-Canal vun anere Gemengen drop ass, huet dat deen Avantage, datt mir eisen eegenen Info-Canal behalen, an awer doriwwer eraus och kënne kucken, wat an anere Gemenge lass ass. Och emgedréint kann en Awunner aus enger anerer Gemeng och kucken, wat zu Péiteng lass ass. Dat heescht, déi Plattform gëtt méi grouss. Wa mer eis Manifestatiounen ukënnegen, da kënne mer dat och duerch d'ganzt Land ausstrahle loossen. Dat ass ee groussen Avantage.

Wéi geet et elo viru mat der Gemeinschaftsantenn? Et brauch ee keen Hellseher ze si fir ze soen, datt et ëmmer méi deier wäert ginn. Et wäert esou sinn, datt déi analog Programmer ëmmer méi wäerte verschwannen an ëmmer méi Digitaler kommen. A fir déi digital Programmer muss een en Decoder hunn an et muss ee bezuelen. Wat schonn hanner dem Digitale stécht ass den HD, an hanner dem HD steet den 3HD, an esou geet et ëmmer viru mat der Technik.

Et sinn elo 6 Joer hir, datt mer d'Gemeinschaftsantenn ofginn hunn. Déi Zäit hate mer 4.500 bis 4.600 Uschlëss. An de Moment sinn et der nach 3.993. Dat ass e Réckgank, an do musse si als Concessionnaire kucken, datt se sech kommerziell gutt verkafen. Et ass eng Konkurrenz vun der Post do an et muss ee kucke wéi déi ukënnt.

Vun deenen 3.993 Abonnente sinn awer 2.976, dat si bal 75%, déi schonn digital ugeschloss. Dat heescht, d'Tendenz geet ganz kloer an déi Richtung, datt déi meescht Leit sech en Decoder uschafen.

Wa mer elo gesinn, datt d'Post sech e bësse stabiliséiert huet um Maart, da wäerte mer och musse ma der Post Kontakt ophuele fir ze kucken, ob mer och eisen Info-Canal kënnen iwwer d'si ubidden.

Fir de Moment ass et awer elo emol esou, datt mer eisen Info-Canal ab Februar 2011 digital kënnen iwwer d'Gemeinschaftsantenn empfänken.

Norbert Pierre (LSAP)

Mir si jo nach ëmmer Propriétaire vum Netz. De Client huet awer bis elo nach kee Plus gesinn an der Saach, datt mir nach kënnen d'Netz erhalen an datt de Bedreiwer vun deem Netz ka profitéiere fir seng Programmer auzestrahlen.

Ech fannen awer elo déi Saach schro, déi beim HD gemaach gëtt. Dat heescht, datt een nach 10 Euro muss weider bezuele fir den HD ze emfänken. Dat fannen ech eng Sauerei.

Wann ee sech schonn en Decoder muss kafen, an esou weider, an een dann nach muss 10 Euro de Mount weider bezuele fir den HD ze kréien, datt ass fir mech net an der Rei. Dass si hir Bouquete verkafen, ass an der Rei. Dat ass bei der Post d'selwecht wéi bei hinnen. Mä datt een nach e Supplément muss bezuele fir den HD fannen ech net an der Rei. Am Präis vum digitalen Decoder miisst dat d'office mat dra sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Den digitalen Decoder geet schonn net méi duer. Et muss ee schonn en HD-Decoder hu fir den HD ze kréien. Enn vun dësem Mount wäerten se och

nach 3 weider Programmen an den HD konvertéieren, esou datt déi Tendenz ëmmer méi grouss gëtt.

Et miisst een de Leit roden, an dofir maache mer och eng Opklärungs-versammlung am Februar, datt d'Leit elo näischt sollen iwwerstierzen an ofwaarden, wat nach alles um Maart dobäikënnt.

Norbert Pierre (LSAP)

Et ass richteg, datt d'Technik ëmmer weider geet. Et kritt een haut och schon Tëleeën, wou en Decoder mat drann ass. Mä déi 10 Euro de Mount, déi ee fir den HD muss weider bezuelen, déi si mer en Dar am Aen.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir kënnen nach eng Kéier mat hinne schwätzen, mä mir hunn net vill handhaabs laut deem Kontrakt dee mer mat hinnen hunn. Si mussen eis just informéieren, an dat haten se net 'en due forme' gemaach bei deenen Ännerunge vum 4. Oktober. An am Februar 2011 hu mer dofir wëlles fir mat hinnen eng méi grouss Opklärung ze maachen.

3.1.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 1.086.973,61 euros - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ervirzesträiche bei deene Recette wieren eng Rei Subsiden. Esou d'Subsiden am Kontext vum Bau vun engem Reeniwwerlafbecken op der Porte de Lamadelaine (207.994,80 €); Subsiden am Kontext vun der ‚élimination eaux superficielles Eechelsbaach', wou mer ronn 600.000 Euro krut hunn. Dann hu mer och eis Part bei de Maisons Relais krut. Dir wësst, datt mer do 75% vum Ministère de la Famille kréien an dat waren 206.453 Euro.

Jeannot Linden (LSAP):

Mir hu jo 605.000 Euro kritt beim Iwwerflächewaasser vun der Eechels-baach. Steet elo do nach eppes op?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et steet nach ëmmer eppes op. Well eréischt dann, wa mir hei den Ofschloss maachen, wa mir hei den Dekont stëmmen a mer de Recht erageschéckt hunn, da kréie mer nach e Sold iwwerwisen. Wat awer elo genee do nach opsteet, kann ech Iech net soen. De Gros ass awer eran.

Approbation à l'unanimité.

3.2.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2011 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mat engem Taux vun 275% gehéiere mer ënnert de Prosud-Gemengen zu deene Gemengen, déi deen nidderegsten Taux hunn. Mir proposéieren dem Gemengerot och fir d'Joer 2011 deen Taux bäizebehalen.

Albert Muller (LSAP):

Ech liesen hei am Rapport vun der Finanzkommissioun, datt de Schäfferot proposéiert huet fir den Taux net ze changéieren, well och d'Nopesch-gemengen deen Taux net geännert hunn. Wann op der anerer Säit d'Nopeschgemeng déi selwecht Iwwerleeung maachen, an hiren Taux net ännere well Péiteng en och net héicht, da froen ech mech, wéini datt deen Taux dann nach eng Kéier ännert. Leeft een net d'Gefor, datt mer e Stëllstand kréien an den Taux guer net méi changéiert?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt mir am Prosud virun 2 Joer eng Diskussioun haten a wou gekuckt ginn ass, wéi déi 12 Gemenge géifen do stoen. An do stounge mir, zesumme mat Käerjeng, mat 250% op deem nidderegsten Taux. Et waren eng ganz Rei Gemengen, wéi zum Beispill Esch oder Suessem, déi louche bei 275%, aner Gemenge louche bei 300%. An deen héchsten Taux hat mat 350% d'Gemeng Déifferdang.

Mir haten e Versuch gemaach, fir den Taux op een eenheetlechen Niveau ze bréngen. Et gouf awer keng Méiglechkeet fonnt fir sech ze eenegen, well déi Gemengen, déi en héijen Taux haten, net wollten erofgoen. A fir en éischte Schratt ze maachen, hu mir als Péitenger a Käerjenger Gemeng gesot, datt mer géifen ëm 25% an d'Luucht goen. Domatter wiere mer dann op deem Niveau wéi Esch oder Suessem.

Et ass kloer datt – wann den Taux méi héich wier – eis dat och méi Recette géif bréngen. Dat bréngt natierlech och fir déi Betriber, déi hei implantéiert sinn, supplementar Käschte mat sech. Obschonn ee ka soen, datt de Gros vun deene Betriber, déi hei zu Péiteng implantéiert sinn, Gewerbesteier bezuelen. Mir waren awer der Meenung, datt mer eis méi oder wéineger sollen zesumme bewegen, beienee bewegen. An déi Diskussioune wäerten och an engem bis zwee Joer erëm opgeholl ginn, fir nach eng Kéier ze kucken, ob en eenheetlechen Taux net méiglech ass.

An dat ëmsou méi, well d'Gemenge Suessem, Käerjeng, Déifferdang a Péiteng wëllen d'zones économiques zesummen ënner engem Syndicat géréieren. Dofir wier et och ubruecht, fir en eenheetlechen Taux ze kréien.

Wann dat awer net méiglech ass, an et mécht een awer eng gemeinsam Gestioun vun deene Zoningen, da gëtt an deene Zoningen en Taux moyen geholl vun alle Gemengen, déi doranner vertruede sinn. Dat heescht et ass net esou, datt et een Handicap wier beim Zesummeleeë vun deenen eenzelne Zoningen.

Mir sinn interesséiert als Gemeng Péiteng, fir e gemeinsamen Taux am Süden ze kréien. Mä mir wëssen, datt an deenen Diskussiounen och déi aner Gemengen dobäi sinn. An dofir wollte mer nach e bësse waarden, ier mer eis erëm méi no kënnen openee bewegen.

Dat ass u sech d'Politik, déi de Schäfferot wëlles huet, an dofir wollte mer dëst Joer näischt um Taux änneren. Well soss ginn eventuell déi aner Gemengen och mam Taux erop, an da gëtt et en Iwwergebatt. An an eisen Aen ass dat net noutwenneg.

Accord à l'unanimité.

3.3.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2011 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Och hei proposéiere mer fir d'Tauxen op deem selwechten Niveau vun deene leschte Joeren ze loossen. Mir sinn am gaangen, fir am Kader vum Pacte logement ze kucken, wéivill Wunnengen a wéivill Logementer fräi sinn. Mir sinn awer do nach net um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Mir wëlle fir d'éischt eng Analys maache wou mer stinn. An der leschter grousser Vakanz hu mer intern eng Analys gemaach, mä déi ass nach net ofgeschloss. Mir wäerten awer, esoubal déi ofgeschloss ass, dem Gemengerot eng Propositioun maachen, fir déi Wunnengen, déi eidel stinn, an déi laang eidel stinn, méi héich ze taxéieren, esou wéi de Pacte logement dat virgesäit.

Accord à l'unanimité.

3.4.

Administration générale.

Convention avec le Lycée Technique Mathias Adam de Pétange pour la mise à la disposition des salles de sports aux clubs sportifs de la Commune - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Op Nofro vun e puer Sportsveräiner, fir an der Sportshal vum Lycée technique Mathias Adam ze trainéieren, huet de Schäfferot en Accord mam LTMA fonnt fir d'Mise à disposition vun hirer Sportshal. De Schäfferot huet dann och deementspriechend eng Konventioun den 8. November 2010 mam Direkter vum Péitenger Lycée ënnerschriwwen. An dëser Konventioun goufen dës Punkte festgehalen:

De Lycée technique Mathias Adam ass bereet, eise subsidiéierte Sportsveräiner zwou Unitéite vun hirer grousser Hal zur Verfügung ze stellen. Et wieren dat d'Unitéiten 3 a 4, esou wéi och d'Vestiairen an d'Duschen.

Et gouf och festgehalen, datt se eis eng Rei Säll net zur Verfügung stellen. Dat sinn zum Beispill de Muskulatiounssall, den Danzsall, den Turnsall, asw. .

Wann eis Veräiner elo an d'Hal ginn a si si maache Gebrauch dovunner, da géif d'Gemeng 50 Euro un de Lycée bezuelen, an dat pro Club a pro Stonn wou de Club do géif trainéieren.

Zum Schluss vun all Trimester géif de Lycée dann eng Rechnung ausstellen.

Et ass awer esou, datt sech d'Veräiner awer sécherlech wäerten un d'Gemeng wenden, an d'Gemeng selwer kuckt fir d'éischt no, ob effektiv keng aner Méiglechkeet an eisen Hale besteet. An d'Gemeng géif un de Veräin e schréftlechen Accord de princip ginn. Den Direkter vum Lycée kritt eng Copie dovunner, esou wéi och den Turnproff. An dann ass et um Lycée fir en definitiven Accord ze ginn.

Et ass och esou, datt de Lycée sech d'Recht ophält – wa schonn Deeg oder Stonne besat wieren, an déi iwwerenee lafen – fir déi ze änneren. Et ass och festgehale ginn – wann eis Veräiner sech net deementspriechend am Lycée verhalen, dat heescht, wann dat internt Reglement net géif respektéiert ginn – fir déi Veräiner auszeschléissen.

Wat fir een Impakt huet dat elo finanziell fir eis Gemeng? Wa mer 50 Euro huelen a mer hätten e Veräin, deen 2 Stonnen d'Woch dohinner trainéiere geet, esou wieren dat 100 Euro d'Woch, esou wieren dat 4 mol 100 Euro de Mount. Wann een dann d'grouss Vakanz ofhält, da géifen 10 Méint bleiwen, déi géife verrechent ginn.

Albert Muller (LSAP):

Ech schécken direkt viraus, datt ech dëse Punkt mat ‚Jo' stëmme wäert, esou wéi mer dat an eiser Virbespriechenung mat der LSAP festgehalen hunn. Well soll kréien ech erëm eng Kéier de Kapp gewäsch vu menge Kollegen oder ech kréien eng schlecht Kritik an der Press, oder de grénge Konzelljee léisst d'LSAP an enger E-Mail un d'Tageblatt eng Kéier schlecht ausgesinn. Dat war op alle Fall meng Impressioun.

Ech stëmmen also mat ‚Jo', obwuel ech mam Dokument net averstane sinn. Ech froe mech, firwat hei eng Konventioun gemaach gëtt. A mengen Aen ginn nëmme reng Déngschtleeschtungen duerch eng Konventioun geregelt. Awer hei handelt et sech nëmme ganz einfach a simpel ëm eng Lokatioun. Déi eenzeg Déngschtleeschtung, déi ech an dëser Konventioun erkenne kann, ass dee ganz staark an ongerecht formuléierte Saz „le LTMA se réserve le droit de mettre à la porte les clubs qui n'observent pas le règlement interne du LTMA ...". Ech fannen dat e staarkt Stéck.

Ech proposéieren also d'Konventioun – fir mech e Formfeeler an eng „erreur matérielle" – duerch e Lokatiounskontrakt ze ersetzen, an deem ganz genee d'Rechten an d'Flichte vum Mandatär, awer och vum Besëtzer opgefouert ginn. Zum Beispill eng „clause de résiliation", déi ganz präzis formuléiert muss ginn.

Och ass d'Dauer vum Kontrakt mam Lycée net festgehalen. Eventuell Modifikatioune vum Loyer, asw., Responsabilitéiten, Surveillance a virun allem d'Ënnerschreiwe vum interne Reglement duerch den Zousaz „lu et approuvé" vum Club, ass néierens virgesinn.

Wéi steet et mat de Reparatiounskäschten am Fall vu muttwëlleger Beschiedegung? D'Assurancefro muss menger Meenung no gekläert ginn. Kontrollen iwwer d'Benotze vun de Raimlechkeeten, well wéi wësse mer soss, ob de Veräin effektiv do war, musse virgesi ginn. Da muss och eng „clause de modification" vum Kontrakt virgesi gi fir wann d'Gemeng emol selwer Lokaler brauch.

Ausserdeem vermëssen ech an der Déliberatioun den Artikel vum Budget, wou déi noutwenneg Kreditter, respektiv de Gesamtkredit vum Budget drasteet fir de Loyer pro Mount ze bezuelen a wou deementspreiechend Ausgabe verbucht ginn. Geet et iwwerhaapt duer mam Kredit?

Ausserdeem wéilt ech gäre wëssen, wéi de Loyer gerechent gouf an op wat fir enger Basis? Firwat 50 Euro?

Schlussendlech proposéieren ech de Vote an zwee opzesplécken. An zwar fir eng Kéier iwwer de Prinzip vun der „mise à disposition" vun de Raimlechkeete vum LTMA ofzestëmmen, an an engem zweete Vote iwwer d'Dokument ofzestëmmen. Dat heescht, ob mer iwwer eng Konventioun oder e Lokatiounskontrakt ofstëmmen.

Dat hat iwwregens, esouwäit ech mech erënnere kann, och eng Kéier e Konzelljee vun der CSV gefrot bei enger aussergewéinlecher Aarbecht. Dat muss Mëtt den 90er Jore gewiescht sinn. An och gouf deemools proposéiert fir de Vote folgendermoossen opzesplécken. Eng Kéier en Accord iwwer de Prinzip vun den Aarbechten, eng Kéier en Accord iwwer den Devis, eng Kéier en Accord iwwer de Kredit a schlussendlech en Accord iwwer d'Pläng. Do war deemools e groussen ‚Hallo' bei eis, well an de Servicer hu missen d'Déliberatiounen deementspriechend vervollstännegt ginn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et sinn eng Rei Saachen hei gesot ginn, déi ugefecht ginn, mä wou ech awer der Meenung sinn, datt een dat net esou enk dierf gesinn.

Do gëtt zum Beispill vun der Dauer, vun der Limit vum Kontrakt geschwat, déi net do ass. Hei ass et kloer esou, datt – wa mir als Gemeng kee Veräi méi dohinner schécken – dann huet automatesch de Kontrakt keng Daseinsberechtegung méi, well da gëtt jo och näischt méi bezuelt. Esou datt een dat net esou am Detail festhalen.

Alleguerten déi Assurancegeschichten, déi der elo hei ugeschnidden hutt, falen op de Lycée zeréck. Mir schécken u sech e Club dohinner, an de Club huet sech ze behuelen. Et besteet en internt Reglement, an de Club kritt dat schréftlech matgedeelt a muss sech och dorunner halen. Wann de Club dat net mécht, da gëtt e virun d'Dir gesat. Et ass awer net festgehale ginn, datt mir als Gemeng eng Responsabilitéit droen. Et ass de Veräin, dee perséinlech vis-à-vis vum Lycée muss haften, respektiv ginn och Assurancen ofgeschloss.

Wa mer elo ufänke fir déi Saachen alleguerten an e Kontrakt eranzesetzen, da gëtt dat eng Saach ouni Enn. Da kënnt ëmmer erëm eppes dobäi. Dat hei sollt elo esou einfach wéi méiglech gemaach ginn, ouni datt do ganz vill grouss Problemer sollten entstoen.

Op der anerer Säit ass et och esou, datt de Lycée och bei eis an d'Schwämme kënnt, an si bezuelen och. An dofir si mer eis mat hinnen eens ginn, datt mir si och op der anerer Säit bezuelen.

Ech sinn der Meenung, datt een et elo esou sollt stoe loossen, wéi et steet, well et eng einfach Form ass. Et ass gesot ginn, datt een et net ka gratis maachen. Op der anerer Säit hu mer och eng Rei Veräiner, déi méi kéinten trainéieren a méi Leeschtung kéinte bréngen, mä et feelt un de Säll. Et war net esou einfach, bis déi Konventioun fir d'Notze vun de Säll am LTMA stoung, well mer ee Moment der Meenung waren, datt de Staat sech géif dramëschen. Deem war awer net esou, esou datt et iwwer eng einfach Method konnt iwwer d'Ronne goen.

An ech perséinlech fannen et gutt esou wéi et ass.

Albert Muller (LSAP):

Jo, Här Welter, ech wëll mech hei net mat Iech uleeën. Mat deem leschte Saz vun Iech wëll der jo undeiten, datt alles an der Rei ass. Ech sinn awer weiderhin der Meenung, datt net eng Konventioun mä e Lokatiounskontrakt miisst gemaach ginn. Mir loune ganz einfach Raimlechkeeten am LTMA. A wa mir eppes lounen, oder wann ee bei eis eppes lount, da gëtt och ëmmer e Lokatiounskontrakt gemaach. An ech proposéiere fir hei e Lokatiounskontrakt ze maachen, well ech Schwieregkeeten hu mat enger Konventioun.

Ech sinn och net dergéint fir de Punkt ze stëmmen. Ech hunn awer Problemer fir d'Konventioun ze stëmmen, well se menger Meenung och net ganz kloer an däitlech ass. Et ass am Intressi vum gudde Sënn, wou ech dat heite proposéieren.

Ech hunn elo hei Beispiller genannt, bei deene Problemer kéinten entstoen. An ech ka mer och virstellen, datt – wann een eppes einfach hält – et och séier duerch ass a séier approuvéiert ass.

Mä wann eng Kéier spéider en Akzident oder eppes aneschters géif geschéien – ech wëll awer elo hei näischt un d'Mauer molen, mä et kann een sech dat ganz gutt ausmolen – da ginn d'Diskussioune lass. An dofir proposéieren ech nach eng Kéier fir de Vote opzesplécken an eemol iwwer de Prinzip – wou ech absolut averstane sinn- ofzestëmmen, an eng Kéier iwwer eng Konventioun oder e Lokatiounskontrakt ofzestëmmen.

A wat mer nach ganz wichteg schéngt ass, datt keen Artikel genannt gëtt, vun deem déi Sue bezuelt ginn a wou dee Kredit am Budget steet. Well oft ass et esou, datt mer bei Saachen, déi mer maachen, e Spezialkredit stëmmen.

Dofir wëll ech gäre wëssen, op wat fir ee Budgetsartikel dës Lokatioun, wat jo eng zousätzlech Ausgab gëtt, verbucht gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Op d'Fro, ob et eng Konventioun oder e Contrat de bail ass, soen ech kanz kloer, datt et kee Contrat de bail ass. Well mir maach keng Lokatioun. Mir kréien eng ‚mise à disposition temporaire d'une salle'. Et wier eng Lokatioun, wa mir dee Sall komplett fir e Joer géife lounen oder während Méint exclusiv lounen. Dofir ass et fir mech ausgeschloss, datt mer hei e Contrat de bail maachen.

Dat selwecht hu mer och beim Punkt 3.5. vun der Dagesuerdnung, wou mer mat der Diddelenger Gemeng och eng Konventioun maachen. An déi Diddelenger Gemeng huet absolut kee Problem mat däer Konventioun, esou datt ech och absolut kee Problem hu fir déi Konventioun hei juristesch duerchgoen ze loossen.

Dat zweet ass d'Fro, ob wat fir een Artikel dat dote gebucht gëtt. Mir wëssen dat net. Mir wëssen och net, ob iwwerhaapt e Veräin elo Usproch drop hëlt. Mir mussen elo emol ofwaarden ob e Veräi bereet ass fir an de Lycée ze goen. An dee Moment, wa mir wëssen, ob e Veräin dohinner geet, wäerte mer déi néideg Kreditter hu fir dat ze bezuelen. Allerleschten Termin wou mer et maachen, ass am Budget rectifié, wou mer déi Zomm, op Grond vun den Informatiounen déi mer hunn, drasetzen. Well, esou wéi der richteg gesinn hutt, ass eréischt um Enn vum Trimester ze bezuelen. A wa mer de 17. Dezember d'Zomm votéieren, dann hu mer Sue fir ze bezuele wann d'Rechnung ausgestallt gëtt.

Dat gesot, kéint een déi zwou Saache getrennt féieren. Mir waarden elo emol of fir ze kucken, wéivill Veräiner vun däer Offer wäerte profitéieren. An a Fonctioun dovunner wäerte mer déi néideg Kreditter an de Budget setzen.

Albert Muller (LSAP):

Ech huelen dat zur Kenntnis. A wann der dat net wëllt splécken an 2 Voten driwwer maachen, da maachen ech et esou, wéi ech et am Ufank gesot hunn, a stëmmen einfach mat ‚Jo'.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir kënnen awer duerno driwwer diskutéieren, ob mer zwee Vote maachen oder net. Wann d'Majoritéit heibannen der Meenung ass fir zwee Voten ze maachen, da kënne mer dat och maachen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech schléisse mech dem Här Muller senge Wieder un. Ech hunn och déi leschte Kéier no der Sëtzung de Kapp gewäsch kritt, awer mam Ënnerscheed datt et net grad vu menge Kollege war. Et sief dann.

Ech hunn zwar och e puer Froen heizou. Den Här Welter huet éinescht gesot, datt – wann e Veräin dohinner geet an en huet keng aner Méiglechkeet – dann all Kéier vun der Gemeng misst analyséiert ginn, ob dat wierklech esou ass, datt e keng Plaz an eise Raim hei fënnt. Muss déi Prozedur da fir all Trainingseenheet gemaach ginn?

Gilbert Welter, Schäffen:

Déi Prozedur gëtt just déi éischte Kéier gemaach wou de Veräi freet. An no engem Joer komme mer jo mat de Veräiner zesummen, an da ginn erëm d'Disponibilitéite vun eisen Halen diskutéiert. Wann do Changementer sinn, da ginn déi am Kader vun deenen Diskussioune changéiert.

Guy Brecht (LSAP):

Déi zweet Fro gouf mer scho vum Här Weletr beäntwert. Ech wousst effektiv net, datt den LTMA géif bezuele fir eis Schwämm ze benotzen. An dat hieft sech jo da mat deenen 50 Euro op.

Dann hunn ech nach eng drëtt Fro. Vu datt eis Annex vun der Sportshal – wann ech mech gutt kann erënneren – net déi richteg Kompetitiounsnormen huet, kommen dann elo net verschidde Veräiner op d'Iddi fir eventuell am LTMA Kompetitiounen ofzehalen?

Wéi verfuere mer dann?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass net virgesinn, datt Kompetitiounen am LTMA ofgehale ginn. Well da kéime jo och friem Leit do eran, an dofir ass dat net virgesinn. FIr Kompetitiounen ze maachen, hätte mer mat der Rodanger Sportshal Moyenë genuch. Domatter kommen d'Veräiner laanschtenee fir kënnen iwwer de Weekend Kompetitiounen ofzehalen.

Jeannot Linden (LSAP):

Wat fir Veräiner oder wat fir eng Zort vu Sportsveräiner sinn un Iech erugetrueden, fir datt mer elo net Säll genuch hunn? Mir hunn eng Hal bäigebaut an awer soll et elo net duergoen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss ee soen, datt mer nach ëmmer Leit am Lycée haten, an dat schonn

zanter Joeren. D'lescht Joer waren och nach Veräiner am Lycée, just datt dat nach dat aalt Gebai war. Do ass dat esou mat duerchgelaf. Do war zum Beispill de Volleyball, deen do trainéiert huet. Mir wësse fir de Moment vun zwee Veräiner déi interesséiert dru wieren, an de Lycée trainéieren ze goen. Dat ass d'RB/UAP, déi an der Vergaangenheet schonn op déi Raimlechkeeten zeréckgegraff hunn, a besonnesch och den Tennis, dee jo fir de Moment keng Hal huet bis den Tenniszenter fäerdeg ass, an dee fir de Moment Enkpäss mat der Jugend huet.

Domat wiere mer awer scho bal um Enn mat deene Veräiner, déi a Fro kommen. Mir halen dat also kleng. Well – esou wéi der richteg gesot hutt – mer hu jo zwou Halen, plus d'Annex, wou eng ganz Rei Aktivitéite kënne stattfannen. Dofir wëlle mer d'Benotze vum LTMA op e Minimum reduzéieren. Dofir och de Wonsch, datt mir fir d'éischt als Gemeng solle gefrot ginn, fir datt mir fir d'éischt kucken, ob déi Demande ubruecht ass oder net.

Jeannot Linden (LSAP):

Den Turnsall vum ale Lycée, ass deen net méi gutt a kéint deen net stoe bleiwe fir Veräiner? Och wann de Rescht vum Lycée ewechgerappt géif ginn. Ass do eppes ze maachen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Deen Turnsall ass éischtens an engem schlechten Zoustand an zweetens hänkt dee jo an engem ganze System mat dran. Mir hunn do Problemer mam Botzen. Mir hunn do Diskussiounen um Niveau vun der ganzer Infrastruktur. A fréier oder spéider wäert dee ganze Site fräigemaach ginn. Et gëtt elo scho vill agebrach, well vill eidel steet. A mer kënnen eis net erlabe fir Ruinen do stoen ze loossen. An deen Turnsall ass désignéiert fir kuerzfristeg ewechgerappt ze ginn.

Mir hunn awer d'nächst Woch nach eng Kéier eng Entrevue mat de Responsable vun de Bâtiments publics a mat dem Responsable vun deenen Terrainen, dem Här Reuter. An do gëtt dat doten nach eng Kéier diskutéiert. A mir sinn als Gemeng net Demandeur fir déi Raimlechkeeten iwwer Méint a Joren eidel stoen ze loossen. Well dat, wat net direkt nach gebraucht gëtt, soll direkt verschwannen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech fannen dat hei eng ganz gutt Saach. Well mer hunn déi super Hal vum LTMA, déi owes eidel steet. An dofir fannen ech et gutt, och wa mer nëmmen 2 Unitéite vum grousse Sall kënne benotze fir eis Veräiner.

Den Här Welter sot, datt et net esou komplizéiert gi war wéi virdru geduecht, well et huet missten iwwer de Ministère lafen. Et ass esou, datt d'Lycéeën alleguerten duerch d'Gestion séparée eng finanziell Autonomie hunn. Dat heescht, et muss net onbedéngt iwwer d'Stad goen. Dofir war dat heite méi een einfache Wee.

Dovunner ofgesinn, sinn et och aner Lycéeën am Land, déi esou Saache maachen, wat u sech net schlecht ass well et lénks a riets u Plaze feelt fir datt Sportsveräiner kënnen trainéieren.

Ech hätt just eng Fro wat d'Assurance ubelaangt. Muss déi tëscht dem Club an der Direktioun vum Lycée gemaach ginn? Well do huet jo d'Gemeng dee Moment jo näischt méi domater ze dinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wann d'Veräiner dohinner ginn, da musse si mam Lycée eens ginn. Mir bezuele just eng Indemnitéit well – an dat muss een och korrekterweis esou gesinn – de Lycée wahrscheinlech muss e Portier während däer Zäit do hunn, well d'Botzfraen e bësse méi spéit ufänken an dat och Käschte mat sech bréngt. Et ass och kloer, datt – wa mir Sue vun hinne kréie wa se bei eis an d'Schwämm kommen – mir si och bezuele wann eis Veräiner an hir Säll ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt nach vum Mikro profitéiere well ech virdru vum Här Muller ugeschwat gi sinn. Ech hunn effektiv en E-Mail un d'Tageblatt geschriwwen, wou ech eng Rektifikation gefrot hunn. Do stoung näämlech am Artikel, datt dee grénge Vertrieder sech bei der Kogeneratioun enthalen huet, zesumme mat de Kollege vun der LSAP. Deem war net esou. De Vertrieder vun deene Gréngen ass natierlech fir déi Kogeneratioun an huet och dofir gestëmmt an huet sech net bei deem Vote enthalen. Ech krut bis elo nach kee Rectificatif an däer Zeitung.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt och nach just eng Bemierkung maachen, déi e bëssen an déi Richtung geet vun deem, wat den Här Becker elo gesot huet. Ech war schonn op méi Plazen, wou de Sportminister gesot huet, datt et ganz schlecht gestallt ass ëm de Sport, deen d'Leit maachen an datt d'Lycéeën och elo Méiglechkeeten hunn an een dofir och sollt vun deenen Installatioune profitéieren. An hei hu mer e Wee fonnt fir déi Infrastrukturen, déi do stinn, och kënnen ze notzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech soe Merci a géif de Gemengerot froen, ob mer sollen an 2 Etappen ofstëmmen, esou wéi den Här Muller dat proposéiert huet. Dat heescht, fir d'éischt iwwer de Prinzip, datt mer mam Lycée technique Mathias Adam déi „mise à disposition" vun deene Säll an Usproch huelen, respektiv dann an engem zweete Vote entscheede fir déi Konventioun guttzeheeschen. Fir mech ass dat net noutwenneg, mä ech géif awer gären dem Wonsch vum Här Muller nokommen. Wann hien dat gäre wënscht, dann hunn ech kee Problem fir zwee Voten ze maachen.

Albert Muller (LSAP):

Wann Dir sot, datt d'Konventioun, esou wéi se do steet, och vum Schäfferot ugeholl gëtt, dann huet et kee Wäert fir zwee Voten ze maachen. Ech wollt just en zweete Vote hu fir de Fall wou mer eventuell d'Méiglechkeet vun engem Lokatiounskontrakt an d'A gefaasst hätten. Dat ass jo elo net de Fall, esou wéi dat vun Iech kloer an däitlech gesot ginn ass. Esou datt et fir mech och kee Sënn huet fir et elo an 2 Kéieren ze stëmmen, Well dee Moment bréngt et näischt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da maache mer et an engem Vote.

Approbation à l'unanimité.

3.5.

Administration générale.

Convention avec la Ville de Dudelange pour la mise à la disposition temporaire des piscines communales de Pétange au Club de Natation de Dudelange – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Zu Diddeleng gëtt d'Schwämm renovéiert, esou datt hire Schwammclub de Moment keng Méiglechkeet huet fir zu Diddeleng ze trainéieren. Op eng schréftlech Ufro vun der Diddelenger Gemeng, fir datt hire Schwammclub déi Zäit kéint hei op Péiteng trainéiere kommen, gouf en Accord tëscht deenen zwee Schäfferéit fonnt an et gouf den 8. November 2010 eng Konventioun ënnerschriwwen.

An dëser Konventioun gouf festgehalen, datt d'Péitenger Gemeng dem Cercle Nautique de Dudelange déi zwou Schwämmen zur Verfügung stellt, an zwar déi Péitenger Schwämm freides owes vun 19.30 bis 22.00 Auer an déi Rodanger Schwämm méindes vun 19.45 bis 22.00 Auer. Dat bréngt mat

sech, datt den normale Schwamm-service net gestéiert gëtt. Et ass och mat deem Péitenger Schwammclub ofgeschwat ginn. Et ass och esou, datt déi Péitenger Schwämm freides owes souwisou fir de Public zou ass. Dat selwecht gëlt och fir d'PiKo-Schwämm méindes owes. No de Schoulklassen ass näischt méi lass an de Schwämmen, esou datt den Diddelenger Schwammclub och kee stéiert. Wéi gesot, dëst gouf mat alle Concernéierten ofgeschwat.

Diddelenger Gemeng bezillt fir dat Ganzt e Loyer, an d'Basis ass 1.000 Euro pro Mount gewiescht, mat 3% TVA déi nach dobäikommen. Do ginn awer déi zwee Mount am Summer, wou Vakanz ass, ewechgeholl, esou datt mer bei engem Loyer vun 10.000 Euro d'Joer ouni TVA géife leien. Mir fakturéieren der Diddelenger Gemeng de Loyer um Enn vun all Semester.

Et ass och esou, datt u sech d'Konventioun den 1. November uleeft, sou condition, datt se elo hei approuvéiert gëtt, a si ass gülteg fir e ganzt Joer. Si gëtt natierlech verlängert, wann d'Schwämm zu Diddeleng net sollt fäerdeg sinn.

Op der anerer Säit, wann déi Schwämm zu Diddeleng erëm opgeet, verléiert dës Konventioun automatesch hir Gültegkeet.

Guy Brecht (LSAP):

Wéivill Leit vun eisem Personal mussen déi zwee Deeg op der Plaz sinn? A wat bréngt dat mat sech?

Gilbert Welter, Schäffen:

Direkt brauch weider keen dobäi ze sinn. Mir kënnen dem Schwammclub e Passe-partout ginn. Et ass d'selwecht, wéi wann et e Club hei aus der Gemeng wier. Et ass awer normalerweis nach ee vum Personal do fir d'Gebai zougänglech ze maachen. Mä et ass awer kee Schwammeeschter op der Plaz, dee muss bezuelt ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Et muss jo awer och nach duerno gebotzt ginn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et gëtt souwisou all Dag gebotzt.

Albert Muller (LSAP):

Wéi der Iech sécherlech denke kënnt, kommen ech mat deene selwechte Bemierkunge wéi bei deem Punkt vu virdrun.

Och hei stëmmen ech mat ‚Jo'. An dat aus deene selwechte Grënn wéi beim Punkt 3.4. Och hei sinn ech net averstane mam Dokument an ech proposéieren eng Opspléckung beim Vote wéi beim Punkt 3.4. Ech zéien awer dee Virschlag zeréck op Grond vun deem, wat ech virdru bei deem Punkt erkläert hunn.

Wat awer beim Punkt virdrun net beäntwert gouf, an déi Fro hat ech gestallt, ass, wéi de Loyer berechent gouf an op wat fir enger Basis? Dat géif mech staark interesséieren. Fir einfach nëmmen e Montant vun 1.000 Euro ze nennen, schéngt mer e bëssen ze einfach ze sinn.

Da vermëssen ech och an däer heiten Déliberatioun den Artikel vum Budget, op deen d'Recettë gebucht ginn, déi mer heimat kréien, fir datt ech als Konzelljee och kann novollzéien, op de Loyer tatsächlech agedriwwe ginn ass.

Fir de Rescht gëllen déi selwecht Bemierkunge wéi ënner Punkt 3.4.

Ech proposéieren awer net méi fir de Vote opzesplécken. Obschonn et mer interessant schéngt gewuer ze ginn, ob de Gemengerot averstanen ass fir d'Beleeë vun der Péitenger an der Rodanger Schwämm einfach esou ze akzeptéieren. Mat der Resiliatioun vum Kontrakt war gesot ginn, datt – wann déi Diddelenger Schwämm ageweit gëtt – d'Konventioun hifälleg gëtt. Musse mer net do en Datum festleeën, well déi Aweiung ka jo eigentlech erausgezu ginn. Net datt op eemol aus engem Joer zwee Joer ginn. Dat schéngt mer awer ze large ze si vis-à-vis vum Lycée, wat mer virdrun diskutéiert hunn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et steet jo däitlech dran „ ... la convention expire dès que les travaux de rénovation de la piscine de Dudelange seront achevés." Elo kënnt den Diddelenger Schwammclub heihinner a mer hu mat der Diddelenger Gemeng – wat Frënn sinn – eng Konventioun gemaach. A wann déi Schwämm iergendwéi zu Diddeleng erëm funktionell ass, dann ass et och ganz kloer, datt déi Didelenger sech net méi heihinner déplacéiere fir den Training ofzehalen. Si si frou, fir erëm esou séier wéi méiglech vun der Diddelenger Schwämm kënnen ze profitéieren. An dann ass automatesch kee Loyer méi ze bezuelen, esou wéi dat an der Konventioun festgehalen ass. Ech gesinn net den Intressi vun deenen Diddelenger, fir dat an d'Längt ze zéien an dann nach weider mussen ze bezuelen. Dat gëtt jo kee Sënn.

Albert Muller (LSAP):

Ech si ganz averstane mat ären Argumenter. Dir hutt och betount, datt et ënner Frënn geregelt ginn ass. Mir wëssen och, datt am Liewen esou Muenches changéiert, an op eng Kéier ginn aus Frënn keng Frënn méi. An dofir wier et mer awer wichteg ze wëssen, wéini dee Kontrakt opgeléist gëtt.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dofir hu mer jo d'Konventioun ënner-schriwwen a mir hunn dee Saz do drageschriwwen. Fir mech ass dee kloer an däitlech.

Albert Muller (LSAP):

Da sot mer nach w.e.g. op wat fir enger Basis de Loyer gerechent ginn ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt emol nach zwou Saachen heizou soen. Éischtens emol mat der Konventioun. Den Alex Bodry, Buerger-meeschter vun Diddeleng huet déi Konventioun hei ënnerschriwwen. Dat ass e Jurist, an hien huet mat däer Konventioun hei kee Problem. Dat berouegt mech eigentlech. An dofir gesinn ech kee Problem, datt mer dat och Konventioun nennen an op deem Punkt richteg leien.

Op der anerer Säit muss ee soen, datt – an dat huet den Här Welter richteg gesot – een sech ënner Gemenge soll géigesäiteg hëllefen. Mir hätten elo kënnen eng grouss Berechnung maachen an op de leschten Cent ausrechne wat dat kascht. Mir wëssen awer och, datt mer och emol heiansdo eng Diddelenger Gemeng brauchen. Sief dat, datt mer bei Organisatioune Material brauchen, oder wann emol e Camion futti fiert, da si mer och frou, wa mer op aner Gemenge kënnen zeréckgräifen. An da muss een einfach soen, wat eis dat ongefëier kascht. Mir hunn eng Berechnung gemaach, wéivill Leit eventuell während däer Zäit, wou si an der Schwämm sinn, duerch d'Keess géife goen. An doropshin hu mer e Forfait festgeluegt an dee wier 1.000 Euro de Mount. Mir hunn eis op dee Präis gëeenegt. Dat ass elo net deen allerleschten Euro, dee mer elo do froen. An och zousätzlech Onkäschte fale weider keng un, well botze misste mer souwisou an der Schwämm an och gehëtzt muss ginn, ob een do ass oder net. Déi Käschten, déi op eis duerkommen, wäerte sécherlech net esou grouss sinn. An dofir hu mer eis orientéiert un deem, wat déi Diddelenger mat Beetebuerg oder mat Réiser arrangéiert hunn. Et kann een et jo net grad gratis ginn, mä op der anerer Säit wollte mer awer net de Recheschieber huelen an op dee leschten Euro ausrechne wat et eis géif kaschten. A wann een et hätt wéilte rechnen, datt et opgaange wier,

dann hätte mer missten dat zéngfacht froen. An dat froe mer jo och net deene Leit, déi bei eis schwamme kommen. Well eng Schwämm ass ëmmer defizitär. Mer wosste jo och, datt déi ganz Zomm net hätt kéinte vun der Diddelenger Gemeng bezuelt ginn.

Wesentlech ass hei, datt mer soen, datt mer deenen Diddelenger dat ginn, well si eis och hëllefe wa mir Problemer hunn. Et gëtt eppes Klenges verrechent, fir datt et net esou ausgesäit, datt et gratis ass. Dir hutt och gesinn, datt mer 3% TVA rechnen. Mer sinn och vis-à-vis vum Enregistrement forcéiert, déi TVA ofzeféieren esou wéi mer och mussen d'TVA offéieren, wa mir als Péitenger Gemeng eis Schwammstonne fir d'Schoul hunn. Dofir konnte mer et souwisou net gratis maachen. Mir hunn eis mat Diddeleng op ee Chiffere gëeenegt, dee vis-à-vis vum Enregistrement ze vertrieden ass.

Wat de Budget betrëfft, esou kënnt déi Recette op een Artikel stoen. Dat awer eréischt an de Budget 2011, well déi éischt Tranche, also 6000 €, eréischt no 6 Méint, dat heescht am Abrëll 2011 bezuelt gëtt. Eng wieder Tranche, 4000 €, gëtt dann am November bezuelt. Am Budget 2011 wäert déi ganz Recette drastoen.

Albert Muller (LSAP):

Ech ginn zou, datt ech kee Jurist sinn. Mä ech hu mer déi Gedanken als einfache Bierger gemaach, wat mir géing passéieren, wann ech esou eppes géif ënnerschreiwen an et wier net kloer an däitlech definéiert wéi déi Saache gehandhaabt ginn. Méi ass et net. An et muss een net onbedéngt Jurist si fir sech iwwer esou en Artikel Gedanken ze maachen.

Wat elo vun der TVA gesot ginn ass, ass natierlech och eng Astuce. Well mir mussen d'TVA déclaréieren, also si mer och frou, wa mer op der anerer Säit d'TVA och kënnen encaisséieren, déi mer da kënnen a Rechnung stellen dee Moment, wou den Enregistrement kënnt a seet, mir mussen d'TVA bezuelen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass schonn een Deel vu menge Froe beäntwert ginn. Virun allem déi, firwat den Diddelenger Schwammclub ausgerechent op Péiteng kënnt. Et géif jo op der Hand leien, datt se sech eppes méi nobäi géife sichen. Well wann sech déi Sportler op deenen Owender mat 30 Autoe mussen op Péitenger oder Rodange déplacéieren, da fannen ech dat net immens. An dofir wollt ech froen, op déi Schwämme ronderëm Diddeleng net a Betruecht gezu si ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Si sinn a Betruecht gezu ginn, mä fir zum Beispill de Waasser-Polo haten se net méi Raimlechkeete genuch, an dofir hunn se bei eis ugefrot. A mir kënnen hinnen elo 4 Stonnen hei ginn, wat awer sécherlech net duergeet fir d'Stonne vun engem grousse Veräin, wéi den Diddelenger Schwammclub, ofzedecken. Dofir ginn se an 3 oder 4 Schwämmen. Ech weess sécher datt se och nach op Réiser a Beetebuerg ginn.

Carlo Gira (CSV):

Och an dësem Punkt muss ech dat widderhuelen, wat ech virdru gesot hunn. Wa mer Méiglechkeeten hu fir Sport ze maachen, da solle mer deenen et zur Verfügung stellen, déi et brauchen. Dann hunn ech nach eng kleng Fro. Den Här Welter huet gesot, datt et fir Training ass. Ass et effektiv nëmme fir Training, well beim Waasser-Polo ginn och Kompetitioune gespill.

Gilbert Welter, Schäffen:

Si hu fest Zäiten, wou se kënne bei eis an d'Schwämm kommen. Dat heescht, d'Kompetitioune misste schonn an déi Zäiten erafalen, an da kéint et eis egal sinn.

John Polfer (CSV):

Ech war jo selwer dobäi, wou deen Diddelenger Club eis doropper ugeschwat huet fir déi Trainingsméiglechkeeten ze kréien. An ech kann dem Här Becker och soen, datt et ganz schwéier fir e Schwammveräin ass, fir iwwerhaapt an aner Schwämmen ënnerzekommen. Zu Esch ass de Lycée zougemaach ginn an déi Schwämm ass domatter verschwonnen. Do streiden se iwwerall fir nach Trainingsméiglechkeeten ze kréien. Dat hei ass mat der Sektioun ‚Nage classique' vum Péitenger Schwammclub - an do wëll ech hinne Merci soen, datt se agewëllegt hunn – ofgeschwat. An ech ka mer net virstellen, datt – haaptsächlech freides – während deenen Zäite Kompetitiounen ofgehale ginn. Et geet un éischter Plaz ëm Trainingsstonnen.

Jeannot Linden (LSAP):

An der Déliberation steet dran „ ... la Commune de Pétange renonce à l'encaissement du loyer durant la fermeture annuelle de la piscine de Pétange du 15 juillet au 15 septembre inclus". Dat ass an der Rei. Mä ass Rodange an däer Zäit op oder zou?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Rodanger Schwämm ass op, mä si ass exclusiv reservéiert fir de Public. Do huele mer kee Club eran.

Jeannot Linden (LSAP):

Déi Informatioun hätt een dann awer och kënnen an d'Déliberatioun mat drasetzen. Well während der Vakanz ass Rodange dann och net fräi fir si.

Gilbert Welter, Schäffen:

De Wonsch vun hinnen ass net do, fir während der Summervakanz do ze trainéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An der Summervakanz ass an der ganzer Gemeng Péiteng – iwwer dës Konventioun – d'Gemeng Diddeleng net bei eis an enger Schwämm zougelooss. Et muss een „Pétange" als Gemeng Péiteng betruechten.

Et ass kloer, datt déi zwee Méint fir si d'Schwämmen net disponibel sinn, an dofir brauchen se och kee Loyer ze bezuelen.

Approbation à l'unanimité.

4.

Enseignement.

Organisation des Classes de Neige pour l'année 2011 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn an der Schoulorganisatioun 2010/2011 d'Classes de neige stoen. Dat ass och schonn d'lescht Joer an deem Sënn reservéiert ginn, fir vum 20. bis den 29. Januar 2011 op Sigmundsberg/Mariazell an Éisterräich ze fueren. D'Zuel vun de Schüler, déi kënnen deel huelen, wäert bei 175 leien. Et kann awer sinn, datt deen een oder aneren net mat fiert. Et sinn 28 bis 29 Erwuessener, déi als „Accompagnateur" matfueren. Dat sinn engersäits Titulairë vun de Klassen, mä och Moniteuren. Et ass och en Dokter, dee matfiert, an natierlech och d'Buschaufferen. Deemno wéivill Kanner matfueren, sinn et entweder 4 oder 5 Bussen, déi gebraucht ginn.

De Budget, dee mer virleien hunn, beleeft sech op 125.944,30 Euro, wou d'Elteren 210 Euro pro Kand bezuelen. Dat heescht, et kommen 36.750 Euro eran an d'Gemeng leet 89.194,30 Euro bäi. Eng éischt Avance vun 46.000 Euro bezuele mer nach an dësem Exercice un d'Classes de neige esou wéi dat üblech ass. De Solde gëtt bezuelt wa mer duerno de Dekont vun der Asbl Classes de neige iwwerreecht kréien.

Mir géifen also haut 2 Décisiounen huelen. Déi éischt Décisioun wier, fir d'Classes de neige 2011 ze organiséieren, an datt mer och déi

Organisatioun, esou wéi se hei virläit, guttheeschen. Als zweet Décisioun géife mer dann der Asbl Classes de Neige eng Avance vun 46.000 Euro iwwerweisen, fir datt se kënnen déi éischt Rechnungen, déi ufalen, bezuelen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech sinn nach ëmmer géint déi Classes de neige, an dat aus Ëmweltgrënn an aus Grënn vun der Nohaltegkeet. Ech hunn dat schonn esou dacks hei erkläert. Dat heiten heescht elo knallhaart, datt mer nach ëmmer keng Alternativen hunn. Mir haten eng Kéier hei driwwer diskutéiert, datt mer géifen no Alternative sichen. Mä mer hu keng, also fuere mer nach ëmmer mat deene Schnéiklasse weider.

Ech géif dem Schäfferot awer dann un d'Häerz leeë fir deemnächst eng Kéier d'Käpp zesummenzestrecken. Ech wier och bereet fir meng Hëllef unzebidde fir no Alternativen zu de Schnéiklassen ze sichen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hätt e puer Froen zum Budget. Do steet de Präis vum Schilift mat 52 Euro. Ech huelen un, datt dat de Präis ass fir déi ganz Zäit wou se fueren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass esou.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass mer opgefall, datt eng Differenz tëscht deene verschiddene Buspräisser besteet. Vun däer Firma, déi am mannste freet, op déi deierst ass eng Differenz vun 270 Euro. Huet dat iergendeppes mam Bus ze dinn, ass do méi Kammouditéit dran?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat huet mat der Gréisst vum Bus ze dinn. Et si Bussen, wou méi oder manner Leit draginn.

Guy Brecht (LSAP):

Et si jo och erëm ‚élèves nécessiteux' dobäi sinn, wou ech awer net weess wéivill et der sinn. Mä ech hätt eng Fro dozou. Et si jo 175 Kanner, déi un de Schnéiklassen deelhuelen. Et ginn awer och 175 Parte vun den Eltere bezuelt. Wat ass dann elo mat deenen ‚nécessiteux'? Firwat gëtt dat bezuelt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer sinn dovunner ausgaangen, datt et 175 Parte vun den Eltere si mat 210 Euro. Regelméisseg ass awer deen een oder aneren dobäi, dee seet, datt en net déi Mëttelen huet fir d'Part ze bezuelen. A well mer net wëllen aus deem Programm ‚classes de neige' Kanner sträichen, well se déi finanziell Mëttelen net hunn, reduzéiert sech de Chiffer vun 36.750 Euro sech ëm 500 Euro. Déi 500 Euro sinn awer nëmmen eng Schätzung.

Et hätt een och elo kënnen higoen a soen, datt et keng 175 Kanner mol 210 Euro sinn, mä datt ee vun deem Chiffer vun 36.750 Euro direkt déi 500 Euro ewechgerechent hätt, well Elteren dobäi sinn, déi zum Beispill nëmmen 110 Euro bezuelen. Mä si hunn déi 500 Euro wéinst der Transparenz drastoe gelooss, esou wéi dat nach all Joer de Fall war.

Et muss een awer ganz kloer soen, datt mer ufänken ëmmer méi Leit ze hunn, déi op déi Situatioun zeréckgräifen. Mir hunn ëmmer méi Leit, déi d'Mëttelen net hu fir fir déi Chargen opzekommen. An dat ass de Fall bei egal wat fir Déplacementer, déi mer maachen. Mir hunn elo de Classes de neige proposéiert fir bei alle Leit, wou et problematesch ass, déi Saach iwwer den Office social lafen ze loossen. Well den Office social huet jo d'Donnéeën a kann am beschte beuerteelen, wat d'Eltere kënne bezuelen. Datt se guer näischt géife bezuelen, fannen ech net gutt, well si hätten och missen doheem iessen. Mä datt se vläicht eng Reduktioun kréien a Funktioun vun hirer Situatioun, dat fannen ech an der Rei.

Dofir ass dëst Joer d'Alternativ déi hei: wann Eltere soen, datt si et net fäerdegbrénge fir déi 210 Euro opzebréngen, da ginn se en Ziedel eran. Deen Dossier gëtt am Office social gekuckt an den Office social seet dann zum Beispill, datt deen nëmme brauch d'Halschent ze bezuelen. Wa mer duerno den Dekont virleien hunn, da wäert déi Zuel vun den Nécessiteux kloer drastoen.

Accord avec 12 voix (CSV, LSAP, DP) contre 1 voix (Déi Gréng).

5.1.

Prévisions sociales.

Maison Relais pour Enfants « Crèche Kordall » - approbation de la convention de financement conclue avec l'Etat et vote d'un crédit spécial.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Eis Crèche ass gläich funktiounsfäeg, esou datt mer iech haut och kënnen d'Konventioun virleeën, déi mer mam Familljeministère ënnerschriwwen hunn.

An zwar geet et haaptsächlech ëm d'Exploitatioun vun der Crèche. Et ass och elo ewell esou, datt déi Konventiounen net méi ‚Convention Crèche' heeschen, mä ‚Convention Maison Relais Crèche'. Do kënnt elo en neie Punkt vum Stat hir. Mä fir eis Péitenger Gemeng bleift awer nach alles beim alen, esou datt och nach de Ministère eng finanziell Bedeelegung iwwerhëlt vun 100%, an zwar vum Solde vun de Funktionnementskäschte vun der Crèche. Dat heescht d'„frais courants d'entretien et de gestion" an d'Ausgabe vum Personal.

Wat steet elo alles an däer Konventioun dran?

Et steet dran, datt den Artikel 5.1. sech net op d'Maison Relais Pétange Kordall bezitt.

Am zweete Punkt steet dran, datt Kanner, déi net scolariséiert sinn - well mer jo Kanner vun 0 bis 4 Joer eranhuelen - nëmme vun däer Crèche do kënne Gebrauch maachen.

D'Déplacementskäschten, déi an Zesummenhang si mat den organiséierten Aktivitéiten, falen ënner d'Responsabilitéit vum Gestionnaire. Déi sinn dann och opposabel um Niveau vun de Funktionnements-käschten.

An der Crèche selwer kënnen 15 Deeg am Joer vum Gestionnaire verrechent gi fir Vakanzaktivitéiten ze maachen. Dat sinn dann Initiativen, déi dem Personal an dem Prestateur kënnen ënnerleien.

Am Artikel 6 steet d'Bedeelegung un de Personalkäschten. Do ass eng Rei vu Personal opgelëscht. Do steet zum Beispill „1 agent d'encadrement par 10 usagers pour des groupes accueillant des enfants de toutes les classes d'âge". Dozou wëll ech awer soen, datt mer nëmme Kanner vun 0 bis 4 Joer eranhuelen. An dofir fuere mer an der Crèche nëmme mat engem Educateur, respektiv enger Educatrice pro Grupp vun 10 Kanner.

Dat hei bezitt sech elo nach alles op déi nei Konventiounen, déi de Ministère erausgëtt fir déi Konventiounen, déi se ‚Convention Maison Relais pour enfants' nennen a wou d'Crèchen dann och mat drënner falen. Mä hei zu Péiteng leeft dat ganzt, wéi gesot, e wéineg anescht.

Mir falen nach ënner déi al Dispositiounen, wat jo och fir eis e Virdeel ass. Well mir kréie vum Stat bis zu 100% den Defizit un de Funktionnements-käschte subsidéiert.

Am Artikel 7 steet, datt den „Organisme gestionnaire" all Kéier eng formell Demande maache muss wat d'Dekonten ubelaangt. Mir gi jo och gären als Gemeng informéiert wéi héich

d'Dekonte si fir datt mer och ëmmer wëssen, wat an der Crèche leeft.

Da kommen ech nach zu de Modalitéite vun der Kooperatioun. Do soll nach eng Plattform bestëmmt ginn, déi op d'mannst 1 bis 2 Mol am Joer soll zesummekënnt. An däer Plattform sollen natierlech Leit vum Ministère dra sinn, et sollen och Leit vum Prestataire a vun der Gemeng mat dra sinn.

Am Artikel 12 engagéieren sech déi Responsabel vun der Maison relais fir Verschiddenes iwwer de SIGI lafen ze loossen. Dat ass bei eis elo net direkt de Fall, well mir als Gemeng jo domat chargéiert sinn. Well als Péitenger Gemeng musse mir jo Sue virstrecke fir d'Personal ze bezuelen. An duerno, an der Konventioun selwer kann een dat jo erausliesen, gesäit een, datt déi jährlech Participatioun vum Stat festgeluegt gëtt. Mir als Gemeng ginn Avancen a ginn duerno vum Ministère zeréckbezuelt. Dat leeft elo e bëssen anescht wéi nach bei däer leschter Crèche. Do ass jo alles tëscht dem Prestataire an dem Stat gelaf. Et ass awer elo en anere Moment komm, esou datt mir als Gemeng elo – wéi ee seet – dertëscht stinn an datt mer ëmmer solle kucken, datt d'Crèche ëmmer Kredit huet, datt se keen Enkpass kritt an datt se hiert Personal ëmmer richteg ka bezuelen. Mir kréien dann d'Suen duerno vum Stat erëm.

An den Ënnerlage läit och eng Schätzung vun der Bedeelegung vum Stat bäi. Et ass dat nëmmen eng Estimatioun, well mer jo elo nach net wëssen, wéivill Kanner mer kréien, ob d'Kanner dee ganzen Dag kommen oder net. Dofir hu mer eng Schätzung vun der Präsenz vun de Kanner op d'Joer gemaach vun 135.200 Stonnen. D'Betreiungspersonal schätze mer op 440 Stonnen/Woch, d'Verwaltungspersonal op 78 Stonnen pro Woch. D'Käschte fir d'Betreiungs- a Verwaltungspersonal schätze mer op 368.636,54 Euro. Dobäi kommen nach 60.816,60 Euro un aner Personalkäschten dobäi.

Dobäi kommen nach 75.000 Euro fir Ënnerhaltskäschten, esou datt mer op eng Tëschenzomm vun 504.453,14 Euro d'Joer kommen. Als Recettë gesi mer 75.000 Euro fir, esou datt um Enn d'Ausgaben op 429.453,14 Euro geschat ginn. Dat wier dann och déi jährlech Bedeelegung vum Stat.

Well mer elo scho gären am Dezember mat der Crèche lassfueren, géif dat eng Partizipatioun vun 35.787,76 Euro bedeiten. Dofir bräichte mer dann eng Avance vun 50%, dat heescht vun 17.893,88 Euro.

Fir datt mer elo kënnen den 1. Dezember 2010 mat der Crèche kënnen ufänken, musse mer haut 3 Ofstëmmunge virhuelen. Fir d'éischt misste mer dëser Konventioun zoustëmmen. Duerno misste mer eng Recette vun 35.787,76 Euro an de Budget setzen. Mir mussen déi Suen dann och direkt weiderginn un d'Crèche fir dann och de Spezialkredit vun 35.787,76 Euro an de Budget ze setzen.

Guy Brecht (LSAP):

Well mer jo an enger vun deenen éischte Konventioune mam Stat proposéiert kritt hate fir och Kanner vu Frontalieren eranzehuelen, a well mer dat jo aus deene bekannten Ursaachen net gemaach hunn, wollt ech froen, ob dat elo en Impakt op de Subsid huet?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir wiere jo vum Ministère an deem Sënn net subsidiéiert gi wa mer Kanner vu Frontalieren hei gehat hätten. Esou datt mer fir de Moment 49 Kanner provisoresch autoriséiert, esou datt mer och kënne soen, datt mer déi 49 Kanner och subsidiéiert kréie fir d'Funktionnementskäschten. Wa mer Kanner vu Frontaliere gehat hätten a mer hätte kee Gestionnaire fonnt, dee gesot hätt, mer géife Kanner eragi wou mer och eng Partizipatioun selwer bezuelen, also esou wéi mer dat jo eventuell wëlles haten iwwer de Chem zum Beispill a wat jo net grad geklappt huet. De Moment gi mer zu 100% subsidiéiert.

Accord à l'unanimité.

5.2.

Prévisions sociales.

Maison Relais pour Enfants « Crèche Kordall » - approbation du contrat de collaboration.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Fir datt déi Maison Relais Crèche Kordall dann och ka funktionéiere wollte mer eech haut och nach d'Approbatioun vun engem Kollaboratiounskontrakt mam „Foyer du Jour Kordall asbl" virleeën.

Déi Associatioun ass gewëllt fir déi ganz Prestatioun vun der Crèche z'iwwerhuelen. Mir leeën eech hei de Kontrakt vir, dee vum President vun däer Asbl, den Här Goldschmit, souwéi dem Sekretär, den Här Wagner, als Prestataire ënnerschriwwe gouf.

Esou steet an deem Kontrakt, datt d'Gemeng vu Péiteng hinne gratis d'Raimlechkeete mat der Ariichtung an der Spillplaz zur Verfügung stellt fir datt d'Crèche ka funktionéieren. De Prestataire engagéiert sech och, fir déi ganz Infrastrukturen „en bon père de famille" ze verwalten.

Weider steet an deem Kollaboratiounskontrakt mat dran, datt dat Ganzt och nëmme ka funktionéieren, wann et dem den Agrément vum Ministère gerecht gëtt. Wa mer deen hunn a wann e bewëllegt ass.

D'Missioun vun der Gemeng ass natierlech déi, datt d'Konventioun vun eis mam Prestataire a mam Ministère soll klappen, datt och déi Crèche soll hir Attributiounen hunn, datt d'Zommen aus dem Budget am Kader vum jährleche Vote op de Budget communal solle stëmmen. Och kënne mer Froen als Kontroll un de Prestataire stellen. Mir hätten als Gemeng och ëmmer gären d'Gültegkeet vum Agrément.

Am Artikel 4 sinn d'Missioune vum Prestataire festgehalen. De Prestataire soll d'Autonomie iwwer d'Gestioun vun der Crèche hunn, vun der Benotzung vu senge Budgeten, déi zougesot sinn, iwwer d'Gestioun vum Personal dat en astellt. Och wann hien emol Problemer mam Personal huet, da soll en d'Méiglechkeet hu fir dat Personal kënnen ze entloossen. Och wier eng Sous-traitance méiglech, awer nëmme bei enger Aarbecht, déi net an den edukative Beräich fällt.

De Funktionnementsbudget soll festgehale ginn iwwer eng Plattform. Déi Plattform soll 1 bis 2 mol am Joer zesummekommen, an an däer sinn och Membere vun der Gemeng mat dran, esou datt déi och hiert d'Wuert kënne matschwätze well mer jo awer um Enn de Propriétaire vun deem Gebai sinn. Mir musse jo och ëmmer kucken, datt fir d'Exploitatioun vun der Crèche de Finanzement stëmmt. De Prestataire ka keng Käschten engagéieren déi net vum Stat gedeckt sinn ouni den Accord vun der Gemeng, „sauf à ses propores frais".

Mir iwwerhuelen als Propriétaire vum Gebai déi Käschten, déi iwwer d'Infrastruktur op eis zoukommen. Och den Ënnerhalt vun den Alentouren, iwwer déi mer als Gemeng jo kënne verfügen, solle mer als Gemeng och kënne reglementéieren.

D'Koordinatiounsplattform hat ech jo schonn ugeschwat. Déi soll mat jeeweils 2 Vertrieder vum Prestataire vun der Gemeng funktionéieren an op d'mannst eemol pro Semester ofgehale gi fir kënnen iwwer Froen am Kader vun der Organisatioun ze diskutéieren.

De Kontrakt soll denn 15. November 2010 a Kraaft trieden a soll vum 1.

Januar 2011 u funktionéieren, an dat fir eng Zäit vun 10 Joer. Wann awer sollte gewësse Problemer opdauchen, dann huet déi eng oder aner Partei d'Méiglechkeet fir de Kontrakt ze kënnegen.

Am Artikel 9 iwwer d'Generalitéite steet datt d'Responsabilitéit vun der Gemeng net engagéiert ass, an dat weder par rapport zu de Kanner, déi do an d'Crèche ginn nach par rapport zum Personal, dat an der Crèche engagéiert ass. Dës Saache lafen exklusiv ënner der Responsabilitéit vum Prestataire.

Wéi d'Madame Conter ganz richteg gesot huet, kommen do Käschten op eis duer, a mer sollen hei iwwer déi ofstëmmen. Ech weess awer net, ob wat fir en Artikel vum Budget a wéi héich dee Kredit dann ass, deen do virgesinn ass.

Da muss ech zwar e klenge Stouss an d'Säit lass ginn. Déi Konventioun ass genee dat, wat ech mer virgestallt hunn a wat ech virdru beim Lycée a bei der Schwämm wollt erklären. Hei ass alles ganz detailléiert festgehalen. Dat hei ass zwar e wichtegen Objet, domat sinn ech averstanen. Mä firwat net bei aneren Objeten eréi zum Beispill d'Lokatioun vun eiser Schwämm oder vu Säll, déi mer beim LTMA solle lounen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei si mer an enger Exklusivitéit. D'Asbl ass eleng an der Crèche Meeschter, an obwuel mer et Konventioun nennen, maache mer hei och e Kollaborationskontrakt. Och wa mer zesummeschaffen, esou hunn si awer eenzeg an eleng d'Responsabilitéit. Hei schwätze mer net vun einfache Raimlechkeeten, déi mer hinnen zur Verfügung stellen. Hei gi mer hinnen och eng Missioun. Et ass vill méi breet gefächert. Mir ginn hinnen eng Missioun fir Aarbechten an eisem Numm an am Numm vum Familljeministère ze realiséieren. An dofir ass dat heiten eng ganz aner Plattform wéi wann ee just engem d'Méiglechkeet gëtt fir während enger gewëssener Zäit an enger Schwämm kënnen täteg ze sinn.

Mir gi jo och net hin a maache mat jidderengem, deen e Billjee keeft fir an d'Schwämm ze goen, eng Konventioun. Dat hei sinn awer schonn zwou grondverschidde Saachen. Hei ass et wichteg fir d'Responsabilitéit ze bestëmmen a fir d'Zesummenaarbecht ze bestëmmen. Hei schwätze mer vun 500.000 Euro, an do ginn ech dovunner aus, datt et domat emol net duergeet. Hei schwätze mer vun enger ganzer Rei Engagementer, esou wuel vu finanzieller Säit, wéi och vun Engagementer vis-à-vis vun de Kanner, déi an déi Gebaier kommen. Personalfroe mussen hei geregelt ginn. Et ass schonn eppes aneschters wéi wa mer just nëmmen vun e puer Stonnen schwätzen, wou e Veräin an ee Sall geet.

Da wëll ech och nach dobäisoen, datt mer hei kee Kredit brauchen. De Kredit u sech ass jo beim Punkt 5.1. gestëmmt ginn. Bei dësem Punkt 5.2. gëtt just definéiert wéi déi Asbl heescht. A wa mer hinne Suen zur Verfügung stellen, da musse mer hinnen och Konditioune setzen, wéi se déi Suen ze verwalten hunn. Dat ass e bëssen eng aner Geschicht. Well mir hunn och vis-à-vis vum Familljeministère eng Responsabilitéit. Well de Ministère gëtt eis jo déi Suen, fir datt mir se esou asetze fir dat, wou se virgesi sinn, an datt se net fir aner Zwecker gebrauchen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dir hat och nach d'Käschten ugeschwat, déi soss nach op eis duerkommen.

Wann dat elei d'Ënnerhaltskäschte sinn, dann hu mer am Budget en Artikel stoe fir d'Botze vun eise Gebaier. Wa Refektiounen an eise Gebaier musse gemaach ginn, da leeft dat alles iwwer e bestëmmte Budgetsartikel, op deem mer ëmmer eng Zomm prett stoen hu fir Ënnerhaltsaarbechten.

Wann elo gréisser Aarbechten ufalen, da musse mer jo an de Gemengerot komme fir e Kreditt ze stëmmen. Mä bei normalen Aarbechten kënne mer op dee Budgetsartikel zeréckgräifen.

Albert Muller (LSAP):

Ech si mat lech averstanen, Madame Conter, an ech si mer och bewosst, datt Ënnerhaltsaarbechten iwwer den ordinäre Budget lafen, an datt dat u sech kee weidere Problem dierft duerstellen. Wat mech awer e bëssen opmierksam gemaach huet, ass den Artikel 6 vun der Konventioun, wou iwwer de Finanzement rieds geet. Do steet „Sur demande du prestataire, la commune avancera des acomptes financiers au prestataire ...". Do steet kloer an däitlech, datt d'Gemeng Finanzementer muss maachen. An do géif ech gäre wëssen, op wellechem Artikel datt déi stinn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Här Muller, deen Artikel hu mer just virdru gestëmmt. Bei Punkt 5.1. steet „modifications en cours d'exercice". Wann der d'Säiten 43 a 44 an ären Ënnerlage kuckt, dann hutt der do den Artikel „Versement à la crèche Kordall ..." an deem dat steet. An dat sinn déi Zommen a Relatioun mat de Käschten, déi mir weiderleeden un d'Crèche. Well mir kréie jo vum Ministère – dee jo 100% vum Funktionnement iwwerhëlt – zweemol am Joer eng Zomm zur Verfügung gestallt, an déi musse mer direkt weiderleeden. An dat leeft alles iwwer deen Artikel.

Albert Muller (LSAP):

Do sinn ech nach eng Kéier averstane mat eech. Mä wann deen Artikel elo an der Déliberation gestanen hätt, dann hätte mer elo net bräichten doriwwer ze diskutéieren. Et ass jo eigentlech kee Problem fir e Saz bäizesetzen „vu l'article ...", an da steet et an der Déliberatioun. Wa wann ech dann d'Déliberatioun liesen, da weess ech och genee ëm wat et geet. Et ass net komplizéiert an et ass och net, datt ech hei wëll e groussen Opwand maachen.

Da wëll ech och nach dem Här Buergermeeschter äntwerten. Et ass ganz kloer, datt déi heite Konventioun eng ganz aner Dimensioun huet wéi déi aner kleng Konventiounen, déi mer elo virdru gemaach hunn. Mä hei steet einfach e Saz dran, deen ech och an deene klenge Konventioune gär dra gehat hätt. „La responsabilité de la commune ne peut être engagée". Dat ass näischt Schlëmmes. A wann dat och a klenge Konventioune steet, dann ass dat kloer, datt d'Gemeng keng Responsabilitéit huet. Dofir hunn ech och virdrun esou laang insistéiert. An ech soen et nach eng Kéier. Dat hei ass eng grouss Geschicht a si ass relativ detailléiert geschriwwen. A wann do emol e Problem opkënnt, da brauche mer net laang ze diskutéieren an da brauche mer och kee Jurist.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hätt och eng Fro zu der Konventioun ze stellen. Am Artikel 1 schreiwe mer „A cet effet la commune met à disposition gratuite du prestataire l'immeuble et son aire de jeux, y compris l'équipement."

Mir erënneren eis alleguerten un déi schrecklech Geschicht, déi zu Steesel geschitt ass a wou leider e Kand ëm d'Liewe komm ass. Dofir wollt ech froen, wéi wäit datt d'Gemeng do responsabel ass? Oder gi mir einfach déi ganz Responsabilitéit un de Gestionnaire?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir sinn ëmmer nach responsabel fir eist Gebai. Dat ass jo och zu Steesel de Fall. Mir stellen hinnen d'Gebai zur Verfügung. Mir schreiwe jo och am Artikel 2 „En tout état de cause le concept pédagogique ne sera exécuté que s'il est conforme à l'agrément ministériel accordé". Ech mengen,

dat ëmfaasst dat Ganzt. Dee Kollaboratiounskontrakt kritt jo och nëmme seng Validitéit wa mir den Agrément esou kréie wéi mer dat och gären hätten. Déi Leit, déi zoustänneg si fir den Agrément, waren och schonn op der Plaz an hu gesot, datt bis elo alles an der Rei ass. Dir wësst jo och ganz genee, datt se nach eng zweete Kéier op d'Plaz kommen. An da gëtt nach eng Kéier ganz genee gekuckt. Dat muss alles esou ageriicht gi wéi déi Leit vum Ministère et virschreiwen. Mir hätte gären, datt deen Agrément soll konform sinn, an dofir ass et och un eis, als Propriétaire vum Gebai, fir ze kontrolléieren ob an der Crèche alles esou ass.

Mir hu jo och e Sécherheets-delegéierten bei eis an der Verwaltung, deen ëmmer seng Tournéeë mécht a kontrolléiere geet. A wann eppes sollt net esou si wéi et am Agrément festgehale gouf, dann ass et un eis fir dofir ze suergen, datt et an d'Rei gesat gëtt.

Mir sinn, zënter deem trageschen Akzident zu Steesel, vill méi sensibel op déi Saache ginn. Well mir wéilten net, datt esou eppes bei eis an der Gemeng geschitt. Kee wëll dat als Gemengepapp oder Gemengemamm. An dofir wëlle mer och ganz genee kontrolléieren ob alles esou ass wéi et am Agrément festgehale ginn ass.

Romain Becker (Déi Gréng):

En Agrément verhënnert net onbedéngt alles. Wann déi Leit zweemol kontrolléiere komm sinn, an et kënnt een op d'Iddi fir e Schaf anescht ze stellen, dann ass dat esou. An dofir musse mer awer wierklech strikt hannendru bleiwen. An an deem selwechte Sënn sinn ech der Meenung, datt et mat engem Sécherheetsmann geschwënn net méi duergeet bei eis an der Gemeng. Well mir kréien ëmmer méi Gebailechkeeten, déi dee Mann jo misst stänneg kontrolléiere goen.

Well dat hei ass immens wichteg an do misst hie jo scho bal all Dag kontrolléiere goen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat hu mer net nëmmen duerno hei an der Crèche. Mir hunn och Maisons Relais a mer sinn amgaangen, nach eng Maison Relais ze bauen. D'Schoulen, eis sämtlech Gebaier, stinn och ënner eiser Kontroll. Dat ass vill Aarbecht an en zweete Mann ass fir d'Zukunft eng Iwwerleeung wäert.

Mir musse kucken, datt et klappt. An dofir si mer jo schonn higaange fir d'Infrastrukturen esou sécher wéi méiglech ze maachen. Esou hu mer iwwerall an deen Säll, wou sech d'Kanner ophalen, agebaute Schief, déi fest sinn, mat glate Paroieën, wou näischt eraussteet. Dovunner kënnt der eech jo och den 2. Dezember selwer iwwerzeegen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech komme kuerz zeréck op den Artikel 4, wou dat ellent Wuert „licenciement" drasteet. Wann ech dat richteg verstinn, dann ass et just déi Asbl, déi dat ka virhuelen. Ass dat richteg?

Ech hätt mer do awer trotzdem als Schäfferot d'Recht behale fir zum Beispill e Member an enger, „commission disciplinaire" ze hunn. Well d'Entloossung ass jo ëmmer dee leschte Wee, deen et gëtt. War dat net méiglech, oder hutt der dat net gefrot?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Missioun vum Prestataire ass jo éischtens fir d'Personal ze engagéieren, an zweetens – wann et net sollt klappen – fir et och eventuell ze entloossen. Et sinn awer zwee Membere vun der Gemeng an däer Plattform mat dran. An déi zwee Memberen hu jo awer op däer Plattform hiert Wuert mat ze schwätzen, esou datt mer awer vun der Gemeng aus gewëss Froe kënne beschwätzen.

Natierlech ass et awer esou, datt de Prestataire d'Leit astellt respektiv – wann et net klappt – se entléisst.

Guy Brecht (LSAP):

Dat heescht jo awer, datt mer d'Méiglechkeet hu fir kënnen matze-schwätzen. Well eng Entloossung ass jo ëmmer dee leschte Wee.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass ëmmer dee leschte Wee. An deem ganze Kontrakt, bei allem wat do soll geschéien, sinn zwee Membere vun der Gemeng mat dran, déi hiert Wuert mat ze schwätzen hunn.

Approbation à l'unanimité. M. Gira, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.

Office social.

Vote d'un crédit spécial au montant de 77.910 euros - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Vun 2011 un hu mer en neien Office social, deen no neie Critèrë fiert an deen och eng aner Struktur huet an als „établissement public" funktionéiert. An do ass am Gesetz den Artikel 6 virgesinn, dee seet, datt mer dem Office social e „fonds de roulement" misste ginn, deen a Funktioun vun der Populatioun bestëmmt gëtt. Op Grond vun deene leschten Zuele vum Statec läit d'Populatioun bei 15.582 Persounen. Mir sollen 5 Euro pro Persoun an dee Fong vum Office social ginn, wat eng Zomm vun 77.910 Euro ausmécht.

Ech proposéiere fir d'Entscheedung, fir hinnen déi Sue relativ séier ze iwwerweisen, elo schonn ze huelen an net domat ze waarde bis bei de rektifizéierte Budget. Well soss géifen se déi Suen eréischt ufanks 2011 kréien. Mä si mussen d'Sue jo hu fir kënnen ze starten, och wann se am Ufank vum Joer schonn en Deel vum Familljeministère wäerten iwwerwise kréien.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt froe firwat datt dat heiten ënner „dépenses extraordinaires" verbucht gëtt? Kënnen dat net einfach „dépenses ordinaires" sinn? Oder ass dat, well et eng eemoleg Iwwerweisung ass, a wann et sech duerno dauernd widderhëlt eng „dépense ordinaire" doraus gemaach gëtt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei ass eng „mise", déi ëmmer bleift. Dat heescht, a priori huet den Office social déi Suen ëmmer, an duerno – iwwer den ordinäre Budget – ginn déi normal Käschte géréiert. Um Enn vum Joer hunn si ëmmer déi 77.910 Euro, déi an hirer Keess sinn.

Laut Instruktioun vum Innenministère soll dës Ausgab och als extraordinär Ausgab ugesi ginn. Et ass och eng extraordinär Ausgab, well si huet mam Funktionnement „proprement dit" näischt ze dinn.

Accord à l'unanimité.

7.

Canalisation.

Raccordement à la station d'épuration par la construction d'une station de pompage et d'un bassin d'orage à Rodange - attribution de la mission au Syndicat SIACH.

Roland Breyer, Schäffen:

Hei gi mer eppes of wat mer op Grond vun den Instruktioune vum Ministère kritt hunn.

Dir wësst, datt an Zukunft den Ofwaasserpräis muss käschtendeckend berechent ginn. An do huet de Minister och nei Instruktiounen erausgi fir datt all

déi Ouvragen, déi an Zukunft solle gebaut ginn, direkt musse vum 1. Joer un amortiséiert ginn, an dat am Hibléck op hir Rekonstruktioun an hirer Erneierung iwwer d'Joren.

Mir hunn awer fonnt, datt déi Saach, déi mer selwer elo wollte maachen, besser an den Hänn vum SIACH wier, deen dës Aarbechten éischtens kéint virfinanzéieren an zweetens dann och direkt schonn iwwer den „tableau d'amortissement" d'Dotatioune kéint eranhuelen.

Esou datt mer déi Entscheedung, déi mer hei den 17. Mee 2010 geholl hunn - de Bau vun enger Pompelstatioun an engem Reeniwwerlafbecken zu Rodange mat engem Chiffer vun 2.790.000 Euro - elo wollten an deem Sënn réckgängeg maachen an dem SIACH dat wollte ginn esou datt deen déi Saach sollt ëmsetzen.

Mir hunn de Moment ronn 160.000 Euro u Käschte fir Étuden drastiechen, déi mer dann och selwer droen. De Rescht awer, d'Exekutioun dovunner, géif da vum SIACH iwwerholl ginn, well mer éischtens de SIACH souwisou duerno domat beoptrage fir dee ganzen Ënnerhalt dovunner ze maachen, an zweetens, datt de SIACH dat direkt scho kann an den „tableau d'amortissement" kann eranhuele fir d'Dotatiounen ze rechnen an datt den Ofwaasserpräis esou gerecht wéi méiglech géif ginn.

Wann der averstane sidd domat, da géife mer déi Aarbechten net selwer maachen, mä mir géifen se weiderginn un de SIACH, deen se dann an eisem Numm géif ausféieren.

Albert Muller (LSAP):

Ass de SIACH iwwerhaapt averstane fir déi Aarbechten ze maachen? Et ass gutt, datt mer dat proposéieren, mä wëll de SIACH dann effektiv déi Aarbechte maachen. Well ech hunn néierens en Dokument gesi wou de SIACH sech averstanen erkläert fir dee Schantjen do ze iwwerhuelen. An am selwechte Kontext wollt ech froen, ob de SIACH iwwerhaapt personalméisseg équipéiert ass fir déi zousätzlech Aarbechten do ze maachen?

Roland Breyer, Schäffen:

Ech äntwerten eech elo als President vum SIACH. De SIACH huet a senge Statute stoen, datt dat eng vun den Aufgaben ass, déi en huet. Et ass net nëmmen d'Bedreiwe vun der Kläranlag, mä och vun den „ouvrages annexes a connexes". De SIACH huet dat och ëmmer gemaach, wann e gefrot ginn ass. D'Déifferdenger Gemeng léisst schonn zënter 10 Joer alles iwwer de SIACH maachen. De SIACH gëtt duerno natierlech dofir bezuelt. Dat gëtt dann einfach an deenen „participations annuelles" verrechent. Et sinn och Konventioune mat de Gemenge gemaach ginn, wou och d'Péitenger Gemeng virun 3 Joer hei am Gemengerot esou eng Konventioun ugeholl huet. Déi Konventioun gëtt elo nach erweidert op anere Punkten. Alles wat net Uertsnetz ass, do klëmmt de SIACH méi wäit mat dran. De SIACH ass équipéiert fir dat ze maachen. Hien huet senge Leit e Planning virgesat mat deene Saachen, déi en an deenen nächste Jore brauch. De SIACH ass komplett am Kader vun deem Planning an ass also équipéiert an och prett fir dat ze maachen.

Albert Muller (LSAP):

Ech huelen zur Kenntnis, datt de President vum SIACH elo offiziell deklaréiert huet, datt de SIACH averstanen ass fir déi Aarbechten ze maachen an dee Chantier ze iwwerhuelen.

Ech hunn awer nach eng Fro. Do steet „ ... considérant également que l'amortissement de l'ouvrage se fera par le même syndicat qui garantira par ailleurs la renconstruction de la station de pompage et du bassin d'orage après sa fin de vie". Wat fir Garantien huet d'Gemeng, datt dat och tatsächlech esou gemaach gëtt, datt de SIACH do Récklage mécht fir datt déi néideg Suen do si fir wann dat muss nei gemaach ginn?

Roland Breyer, Schäffen:

Et sinn déi selwecht Garantië wéi bei all Gemengesyndikat. Dir kënnt an de SIACH kucke kommen an Abléck an d'Déliberatioune kréien. Dir kritt de Budget hei virgeluegt. Dir kritt den „tableau d'amortissement" an d'Reserve virgeluegt. Alles läit um Dësch an ass offen. Dat ass bei all Syndikat esou. Beim SIACH ass et net anescht wéi zum Beispill beim TICE, wou och Busse mussen erneiert ginn.

Et ass och duerch d'Gesetz festgehalen, wat déi verschidde Syndikater musse maachen.

Albert Muller (LSAP):

Ech si frou dat ze héieren. Mä ech wier och frou gewiescht, wann dat Gesetz, dat elo ugeschwat ginn ass, an der Déliberatioun opgefouert geschwiescht wier.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat Gesetz ass schonn 2 Joer al. De Minister huet gesot, datt hien dat Gesetz nach eventuell géif iwwerkucken. Vläicht kréie mer eng nei Versioun dovunner. Da waarde mer deen neien Datum of.

Albert Muller (LSAP):

Här Breyer, hei steet och „.. vu la loi communale modifiée du 13 décembre 1988". Dat ass och e ganz aalt Gesetz, dat ëmmer erëm an den Déliberatiounen opgefouert gëtt. An hei wier et och net schlëmm gewiescht, fir dat Gesetz do mat eranzebréngen.

Roland Breyer, Schäffen:

Dir diskutéiert hei awer iwwer péngelech Saachen. Hei geet et jo nëmmen drëm fir engem aneren déi Aarbechten ze ginn. Dat huet näischt mam Gesetz ze dinn. De SIACH muss sech un d'Gesetz halen. D'Gemeng gëtt déi Aarbechten nëmmen un een anere virun.

Albert Muller (LSAP):

Sécherlech sinn ech péngelech. Et ass näischt Grousses, wat ech hei diskutéieren. Et sinn awer Saachen iwwer déi ech mer Gedanke maachen a wou ech ganz einfach meng Verantwortung als Konzelljee iwwerhuelen.

Roland Breyer, Schäffen:

Da sinn ech dankbar fir déi Suergen, déi der iech maacht.

Accord à l'unanimité.

8.

Sylviculture.

Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2011 - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir hunn de Gestiounsplang 2011 fir eis 121 Hektar Bëscher virleien deen, wéi all Joer, vun der Administration des Eaux et Forêts an Zesummenaarbecht mat eisem Fierschter opgestallt gouf. An deene leschte Jore gouf ëmmer méi op eng dauerhaft Gestioun opgebaut. Esou och 2011. Dat heescht, d'Kapazitéite gi bäibehalen an d'Aarbechte ginn esou gestalt, datt d'Regele vun den ekologeschen, ekonomeschen a soziale Fonctiounen agehale kënne ginn. Eisen FSC-Label ass jo och d'Resultat vun esou Ofmaachungen.

Loosse mer virausschécken, datt mer 2011 méi an eis Bëscher wäerten investéiere wéi mer erauszéien. Mir leien 2011 bei enger Ausgab vun 70.950 Euro, bei de Recetten hu mer 57.430 Euro. Dat ass haaptsächlech de Verkaf vun Holz an e klenge Betrag Juegdgeld. Mir stiechen also fir 2011 13.520 Euro méi an eis Bëscher eran ewéi mer erauszéien.

Am Aide-mémoire, deen der virleien hutt, gesitt der den Detail vun den Aarbechten. Dëst sinn d'Regeneratiounsaarbechten an de Bëscher zu Péiteng, zu Rodange an zu Rolleng, en Zonk fir d'Wëld am Rollenger Bësch an op der Maus, verschidde krank Beem, déi mussen ewechgeholl ginn, souwéi d'Lëften an zweeter Rei fir datt Plaz bleift fir d'Wuesse vun deene jonke Beem.

Nei ass och eng Informatioun un de Public mat Féierungen, déi organiséiert ginn, an den Ënnerhalt vun de Weeër a vun de Biotopen. Dozou gehéiert de Weier um Hierschtbierg. En décke Poste sinn och d'Peie vun den Aarbechter. Alles an allem maachen dat 70.950 Euro aus.

Ech froen de Gemengerot fir dëse Gestiounsplang vun eise Bëscher guttzeheeschen, esou datt d'Aarbechten och am Joer 2011 kënne realiséiert ginn.

Camille Bosseler (CSV):

Den Här Welter huet elo esou schéi gesot, datt mer méi an de Bësch stieche wéi mer erauszéien. Hien huet vollkomme Recht domat, well et ass jo net fir ëmmer nëmmen erauszezéien. Et ass awer wierklech vun Notzen, datt mer méi erastiechen. Et ass och ze begréissen, datt et trotz Spuermoossname méiglech ass fir e Gestiounsplang vun de Bëscher net ze vergiessen. Dat ass och ganz wichteg, well de Bësch ass eise Loftfilter an absorbéiert Waasser bei Reen a speist virun allem eis Quelle mat Waasser a verhitt Mouere bei laangem an heftege Reen.

Waasser ass Liewen, dat wëssen déi Vëlker am Beschten, déi kee Waasser hunn an deenen hir Bëscher plazeweis verbrannt oder ausgerott si ginn. An doduerch entstinn dann d'Problemer.

Als Awunner vun der Péitenger Gemeng kënnen a solle mer houfreg sinn op eise schéinen Eck hei an eisem Land, deen engem richtegen Naturmënsch alles bitt wat hie brauch. Als Gemeng hu mir 1.193 Hektar Fläch, d'Populatioun läit laut Statec um 1.1.2010 bei 15.582 Leit. An dat ass mat vill Aarbecht an Ënnerhalt verbonnen.

Et ass och ze begréissen, datt en Ënnerhalt vun eise Biotopen a Weiere virgesinn ass, well och eis Déierewelt brauch Waasser. Wat de Weier um Hierschtbierg ubelaangt, esou wollt ech froen, ob dëst net e gudde Projet wier fir eise CIGL, fir dëse Site esou ze gestalten ewéi e fréier emol wor. Schonn eleng fir déi Féierungen duerch de Bësch, déi virgesi sinn, a fir eis Kanner fir d'Natur z'interesséieren a fir datt si eppes doriwwer léieren.

Ech ginn net midd fir dauernd drun ze erënneren, datt et eis Flicht a Schëllegkeet ass fir eisen Nokommen e gesonde Bësch ze hannerloossen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren an hoffen, datt mäi Message net op daf Ouere gefall ass.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech kann dem Här Bosseler nëmmer Recht gi mat deem, wat hie gesot huet. Ech wëll awer och soen, datt effektiv um Weier um Hierschtbierg de CIGL deelweis mat dru schafft.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass nach net esoulaang hir, do war ech doropper kucken. An do konnt ech gesinn, datt de Weier voller Blieder an Äscht vun de Beem louch. Et wier awer eng Méiglechkeet fir dat e bëssen ze botzen an d'Clôture ronderëm nees an d'Rei ze setzen. Och dat, wat d'Scouten opgeriicht hunn a wou d'Waasser schéin erofleeft.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat waren net d'Scouten, mä de Syndicat d'Initiative.

Camille Bosseler (CSV):

Ah sou, dat war de Syndicat d'Initiative. Et ass wierklech e schéinen Eck do uewen an et wier ze bedaueren, wann et géif verfalen.

Wat d'Féierungen betrëfft, déi mat de Kanner solle gemaach ginn, esou gëtt dat jo och vill vum SICONA ervirgestrach, fir mat de Kanner an d'Natur ze goen. Well vill vun eise Kanner wëssen emol net, datt et e Bësch gëtt. Et ass ze bedaueren, well et ass jo awer esou schéin. Mir hunn eng herrlech Landschaft, mä et muss een d'Saach awer och an der Rei halen.

Et wier jo awer och eng Saach fir de Syndikat, fir emol Bänken dohinner ze setzen. Fréier huet e Syndikat esou Saache gemaach.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt just soen, datt dee Punkt effektiv och am Kontrakt steet. Dir fannt dat op der Säit 69 am Aide-mémoire. Do steet „entretien étang au Hierschtbierg avec CIGL Pétange". Do steet et kloer an däitlech dran.

Mir sollten awer och kucken, datt mer nach déi eng oder aner Bänk dobäikréien. Dat dierft awer kee Problem sinn.

Camille Bosseler (CSV):

Et sollt een och nach drun denken fir do, wou d'Leit den Accès hui fir an de Bësch eran, fir do de Gruef emol erauszeleeën. Well do leeft d'Waasser ëmmer iwwer de Wee.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Den Här Welter hëlt dat mat. Mir schaffe jo do uewen an da kucke mer fir d'nächst Joer Neel mat Käpp ze maachen, esou wéi mäi Virgänger ëmmer gesot huet.

Guy Brecht (LSAP):

Ah sou, dat war de Syndicat d'Initiative. Et ass wierklech e schéinen Eck do uewen an et wier ze bedaueren, wann et géif verfalen. Wat d'Féierungen betrëfft, déi mat de Kanner solle gemaach ginn, esou gëtt dat jo och vill vum SICONA ervirgestrach, fir mat de Kanner an d'Natur ze goen. Well vill vun eise Kanner wëssen emol net, datt et e Bësch gëtt. Et ass ze bedaueren, well et ass jo awer esou schéin. Mir hunn eng herrlech Landschaft, mä et muss een d'Saach awer och an der Rei halen.

Et wier jo awer och eng Saach fir de Syndikat, fir emol Bänken dohinner ze setzen. Fréier huet e Syndikat esou Saache gemaach.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dat ass eng gutt Iddi. Dat kann een nofroen. Ech kréien och nach e spezielle Plang vum Fierschter, wou och d'Bëscher nach eemol ganz präzis opzielt si mat deene Lëtzebuerger Nimm. Esou datt een och direkt erausfënnt, wou dat ass. An ech kucken, datt mer do d'Juegde mat anzeechnen an dee Plang och ëffentlech maachen.

Guy Brecht (LSAP):

Et wier vläicht eng Méiglechkeet fir – éier d'Juegd ugeet – dat am 'Meng Gemeng' ze publizéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir soe Merci fir déi Suggestioun.

Approbation à l'unanimité.

9.1.

Vie associative.

«BBC Kordall Steelers asbl» - statuts.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer eng Zäitchen e Basketsveräin zu Péiteng haten. Duerno hate mer kee méi an duerno huet sech en neie Veräi gegrënnt. Dat war de Southside Péiteng. Deen huet awer elo viru kuerzem eng Fusioun mat der Red Boys Differdange gemaach. An dee gemeinsame Basketsveräin heescht dann elo BBC Kordall Steelers asbl, deen zum Deel an der

Déifferdenger Gemeng an zum Deel an der Péitenger Gemeng aktiv ass.

Doduerch datt de Southside Péiteng net méi existéiert, géife mer iech proposéiere fir de BBC Kordall Steelers asbl op déi offiziell Lëscht vun de subsidiéierte Veräiner opzehuelen an datt se dann och an Zukunft weider kënne vun de sportlechen Infrastrukture vun der Gemeng Péiteng profitéieren, esou wéi se de Moment och vun de sportlechen Infrastrukture vun der Gemeng Déifferdang profitéieren.

Accord à l'unanimité.

9.2.

Vie associative.

«Ecole du dos asbl» - statuts.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei dësem Veräin si mer der Meenung, datt op Grond vun de Statuten an op Grond vun engem Gespréich, dat den Här Welter mat deem Veräin hat, datt et sech éischter ëm eng ASBL handelt, déi de Leit Déngschtleeschtunge ubitt, déi och ze bezuele sinn. Dofir géife mer zu dësem Moment emol nëmmen Acte vun de Statuten huelen.

Il en est pris acte.

9.3.

Vie associative.

«Kicker Club Tomahawk» - statuts.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Och hei proposéiere mer dem Gemengerot, fir an enger éischter Phas nëmmen Acte vun de Statuten ze huelen. Mir wollten ofwaarden, wéi sech dee Veräin entwéckelt. A wann dee Veräin tatsächlech emol an engem Championnat sollt matspillen, da kënne mer nach ëmmer erëm drop zeréckkomme fir en op d'Lëscht vun de subsidiéierte Veräiner opzehuelen.

Il en est pris acte.

10.

Questions des conseillers communaux.

Albert Muller (LSAP):

Wann ech mech ka richteg erënneren, dann hat de Schäfferot wëlles, am Exercice vun dësem Joer d'Strooss an der Cité Léonard Schroeder hei zu Péiteng komplett ze erneieren.

Am Numm vun eenzelnen Awunner, déi schonn zanter Joren op hiert Recht op e Minimum vu Liewensqualitéit musse verzichten, wollt ech emol nofroen, an dat quasi um Enn vun dësem Exercice, ob dëse Wëllen nach ëmmer besteet a wéini een da konkret domat rechne kann, datt dës Strooss endlech an d'Rei gesat gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Dir kënnt iech vläicht net ganz genee erënneren, mä mir hunn an de Budget e Kredit ageschriwwen – an ech hunn dat och deemools bei der Presentatioun vum Budget gesot – fir Käschte fir Étuden, an datt mer wëlles hunn, d'Léonard Schroeder Strooss nei ze maachen.

Mir haten, wéinst deene genannte Käschten, net wëlles a mer konnten och net dëst Joer déi Strooss an d'Rei setzen. Dat war ganz kloer, well am Budget stoungen nëmmen 200.000 Euro. An déi Zomm konnt nëmmen duergoe fir déi éischt Präparativen ze maachen. An déi sinn och ënnerwee. Mir wäerte viraussiichtlech am Dezember de Budget vun däer Strooss definitiv stëmmen. Duerno gëtt d'Soumissioun opgemaach, esou datt mer héchstwahrscheinlech am Abrëll/Mee 2011 déi Soumissioun verginn. An d'Aarbechte ginn no deene Formalitéite gemaach, an dat wäert Hierscht 2011 si wa mer mat den Aarbechten ufänken.

Dat sinn déi Délaien, déi normal sinn, an dir sitt net deen eenzegen, deen sech drop freet wann déi Strooss an der Rei ass. Mir wëssen, datt déi Strooss schlecht ass.

Albert Muller (LSAP):

Sécherlech wäerten d'Awunner sech freeën. Mä wann ech de Schäfferot verfollegen, déi extraordinär Aarbechten, d'Schantercher déi hien an Ugréff geholl huet – ech denken do un de Keelenzenter oder d'Annex vun der Éigent-Schoul – da muss ee soen, datt déi Schantercher relativ séier a relativ gutt avancéieren. An dat muss een och hei ervirsträichen an dat ass och sécherlech dem Buerger-meeschter säi Verdéngscht.

Wann der mer awer sot, datt d'Cité Léonard Schroeder iergendwann d'nächst Joer am Hierscht an Ugréff geholl gëtt, da wëll ech och do e wéineg Drock ausüben a soen, datt soll versicht gi fir dat éischter ze maachen. Déi Leit waarde scho ganz laang drop, datt déi Strooss an d'Rei gesat sollt ginn. A wann se géifen héieren, datt et am Fréijoer méiglech wier, da géifen se sech nach méi freeën.

Roland Breyer, Schäffen:

Här Muller, Dir waart jo laang an deem Service. Sot mir, wéi mer dat solle maache fir dat méi séier ze maachen? Et ass nach keen definitive Projet hei gestëmmt. Wéi géift Dir et da maachen elo?

Albert Muller (LSAP):

Här Breyer, ech wëll elo net hei aus der Schoul schwätzen.

Roland Breyer, Schäffen:

Wéi géift Dir et da maachen?

Albert Muller (LSAP):

Dir hutt ganz Recht. Ech weess wéi esou Saache funktionéieren. Ech wëll trotzdem net aus der Schoul schwätzen. Et ass méiglech, datt et méi séier geet. Ech géif wetten, datt, wann der déi selwecht Energie géift asetze wéi beim Keelenzenter oder der Éigent-Schoul, et méiglech wier fir virun der grousser Vakanz déi Strooss nach unzefänken.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass net ausgeschloss. Dir wësst jo wéi d'Délaie sinn, an un déi musse mer eis halen. Ech si vill méi realistesch a schwätze léiwer vum Hierscht. Net datt een d'Gefor leeft, datt der erëm am Mee kommt an ech kréie virgeheit, datt ech gesot hätt, datt et am Mee/Juni géif lass goe mat den Aarbechten.

Mir kucke selbstverständlech, datt et esou séier wéi méiglech mat den Aarbechte lass geet. Well mir hätte gären déi Awunner och esou séier wéi méiglech zefriddegestallt.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt dem Schäfferot proposéiere fir dat éischter bescheidend Schëld vum Balisage fir d'Rodanger Schwämm duerch e Schëld ze ersetzen, dat allgemeng am Land benotzt gëtt. Ech ginn dovunner aus, datt dat och e Schëld ass, dat vun de Ponts et Chaussées homologéiert ass. Dat ass dat Schëld mat engem wäisse Fong an enger donkelbloer oder schwaarzer Schréft a Bordure. Dat Schëld ass jidderengem bekannt an et kann een et och scho vill besser vu wäitem gesinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass dat e Schëld, dat net vun den Ponts et Chaussées autoriséiert ass. Mir haten esou ee Schëld ugefrot, wou mer d'PiKo-Schwämm gemaach hunn. Dat misst Dir och nach wëssen, well Dir waart déi Zäit Chef de projet vun deem Ganzen. An Dir hätt och sécherlech dorfir gesuergt, datt mer esou ee Schëld dohinner kritt hätte wann dat autoriséiert gewiescht wier. All Wee, deen an den PiKo féiert, ass entweder en CR oder eng Nationalstrooss. An déi Schëlder do sinn net vun den Ponts et Chaussées autoriséiert.

Déi kleng Schëlter, déi mer elo dohinner gehaangen hunn, sinn och net an der Rei. Mä mir hunn et awer gemaach op eis Verantwortung hin. Et huet och nach keen eis et ewechgeholl. Mir hunn en Awunner an der Gemeng, dee den Ponts et Chaussées ganz no steet, an deen eis ëmmer direkt opmierksam mécht op eppes, wat net konform ass.

Et ass méiglech, datt bei dem Schëld, dat Dir elo hei proposéiert, a wat ronderëm d'Stad opgestallt ass, méi duerch d'Fanger gekuckt gëtt.

Wat mir awer elo versichen ass, fir am System vum Balisage vun de Stroossen – wou mer och elo amgaange sinn e Parkleitsystem ze maachen – déi dote Saach och mat ënnerdaach ze kréien an domat och méi markant kënnen op de PiKo hinzeweisen.

Mä déi Schëlder si leider net erlaabt.

Albert Muller (LSAP):

Ech hu mer erwaart, datt ech géif déi Äntwert kréien. Wann ech awer duerch d'Land fueren, an dat ass vum Süde bis an d'Éislek erop de Fall, do stinn iwwerall déi selwecht Schëlder nom selwechte Genre. Dofir ginn ech dovunner aus, datt dat Schëld homologéiert ass. Well et steet net nëmmen op Gemengestroossen. Dofir misst et méiglech si fir dat ablécklecht Schëld vum PiKo duerch esou ee Schëld ze ersetzen.

Roland Breyer, Schäffen:

Op Statsstroossen an op CRen ass et ganz formell. Do ass et net erlaabt. Op Gemengestroossen ass et méiglech. Wa keen dogéint reklaméiert, da bleiwen se do stoen. Mä hei an der Gemeng gi mer kontrolléiert. All Kéier, wa mer eppes opgestallt hunn, si mer erëm zeréckgepaff ginn.

Och den Hotel hei zu Péiteng huet dee selwechte Problem. Mir kucke fir dat am Kader vum Balisage mat ënnerdaach ze kréien, wou eventuell eng kleng Méiglechkeet besteet.

Albert Muller (LSAP):

An der leschter Zäit gëtt zimlech dacks vun der Integratioun an eiser Gesellschaft geschwat. D'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch ass e wichtege Bestanddeel vun der Integratioun, esou gëtt op alle Fall behaapt, an ëmgedréint gëtt esouguer gesot, datt d'Lëtzebuergescht hei am Land d'Sprooch vun der Integratioun ass.

Awer och eng Aarbecht hunn ass e weidere Facteur vun der Integratioun. Ausserdem spillen den Alter, de Bildungsniveau an de soziale Statut keng onwesentlech Rollen an eisem alldeegleche Liewen.

An deem Zesummenhang wollt ech dann emol froen, ob de Schäfferot weess, wéivill Leit a senger Gemeng keng Aarbecht hunn? Wéivill vun deene Leit Jugendlecher sinn a wat fir eng Nationalitéit déi Jugendlech hunn?

Wéi kann de Schäfferot deene Jugendlechen nach besser hëllefen eng Schaff ze fannen? Wéi musse si sech uleeë wann se eng Demande mussen ausfëllen? Woubäi allerdéngs gewosst ass, an dat muss een ënnersträichen, datt den 12. November 2010 zu Déifferdeng eng weider Agence vum Aarbechtsamt ageweit gouf.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat dee leschte Punkt ubelaangt, esou wollt ech do e puer Präzisioune ginn. Op Grond vun ärer Fro, a fir eech och déi aktuellst Zuelen ze ginn, hu mer d'lescht Woch e Bréif un den Här Schlesser geschéckt fir eng Opdeelung ze kréie wat déi Jugendlech ouni Aarbecht an hir Nationalitéit an eise jeeweilegen Uertschafte betrëfft.

Mir wëssen, datt mer hei am Kordall eng relativ héich Zuel hu vun Aarbechtslosen. Et ass och keen Zoufall, datt grad zu Déifferdeng fir dee ganze Kordall – well et ass jo keng Agence déi reng fir Déifferdeng ass zoustänneg ass – eng Agence vum Aarbechtsamt gemaach gouf. Bei deene leschten Zuele gëtt vun iwwer 2.000 Aarbechtslosen am Kordall geschwat, an dovunner wieren, esou war et nozeliesen, ronn 1.000 Aarbechtsloser zu Déifferdeng.

Mir wëssen, datt mer hei zu Péiteng a Prozenter par rapport zu der Populatioun net esou héich wäerte leie wéi Déifferdeng, mä mir hunn awer och eng gewëssen Zuel vun Aarbechtslosen, déi wesentlech ass, hei an der Gemeng. Et geet och net drëm wéivill Leit et sinn, mä et geet drëm – egal wéivill et der sinn - , datt een deene Leit hëlleft. Mir hunn och an deem Kontext als Gemeng ganz vill Efforte gemaach. Ech erënneren einfach drun, datt mer och, an och grad am Hibléck op eng Formatioun vun eise Jugendlechen Contrats-d'apprentissagen hei hunn. Dir wësst wéivill Jugendlecher an eiser Verwaltung, an eise Regiebetriber oder eise Schwämmen esou ee Kontrakt maache fir datt se déi néideg Ausbildung kréien an et méi einfach hu fir an Zukunft um Aarbechtsmaart eng Plaz ze fannen.

Mir wëssen, datt mer CAE-Kontrakter hunn, wou haaptsächlech och jonk Leit, déi keng Aarbecht fannen, betraff sinn, an déi mer hei an eise Betriber ënnerdaach bréngen an hinne fir eng gewëssen Zäit – esou wéi d'Gesetz et och erlaabt – d'Méiglechkeet gi fir hei ze schaffen. A wann se sech da bei e Patron virstelle ginn, da kënnen se och soen, datt se déi lescht Méint bei engem Patron geschafft hunn a schonn op eng Aarbechtszäit zeréckkucke kënnen. Net datt se op d'Fro, wat se déi lescht 2 Joer gemaach hunn, mussen äntwerten, datt se am Chômage waren.

Et muss een och soen, datt mer grouss Konventiounen, esouwuel mam ProAktiv wéi mam CIGL hunn, a wou mer enger ganzer Rei Leit d'Méiglechkeet gi fir zäitweileg kënnen ze schaffen an niewebäi och nach eng Formatioun ze kréien an enger ganzer Rei vu Beräicher. A wann ech déi Zuelen zesummerechnen, wat mer hei an der Gemeng an engem Joer vu Budget opbrénge fir jonke Leit – awer och eelere Leit, well däer ginn et och – déi keng Aarbecht hunn ze hëllefen, da wäert dee Chiffer tëscht 700.000 an 800.000 Euro d'Joer ausmaachen. Dat ass sécherlech e groussen Deel vun eisem Budget, dee mer fir déi do Saach zur Verfügung stellen a wou et och wichteg ass, datt mer dat maachen. An ech sinn och der Meenung, datt mer eis heibannen eens sinn, datt mer déi néideg Schrëtt weider sollen ënnerhuele fir déi Leit ze ënnerstëtzen.

Et muss een awer och soen - fir eng Aarbecht ze sichen, fir d'Demanden ze maachen a fir d'Leit ze begleeden - , datt dat éischter vun deene professionelle Leit vum Aarbechtsamt soll ënnerstëtzt ginn. A wann ech gesinn, datt dat ganzt Aarbechtsamt restrukturéiert gëtt, an datt et wichteg ass, datt déi Leit richteg begleet ginn, dee richtegen Encadrement solle kréien an déi richteg Piste solle gewise kréien, dann ass et scho richteg fir déi Aufgab dem Aarbechtsamt ze iwwerloossen. An d'Aarbechtsamt – dat jo elo zu Déifferdeng ass – ass jo vill méi no bei deene Péitenger Leit. An och an Zukunft sollt déi Roll vun engem Aarbechtsamt ze spille sinn an net vun enger Gemeng. Mä mir als Gemeng mussen och eis Roll spillen. A mat all deene Projeten an Aktiounen, déi mer um Niveau vun eiser Gemeng maachen, leeë mer e gewëssenen Deel bäi, esouwäit et an eise Moyenen ass, fir deene Leit, déi ouni Aarbecht sinn, ze hëllefen.